5. 4939 - Proposition de révision de l'article 68 de la Constitution

D'Chamber huet eng éischte Kéier de 16. Februar dëst Joer doriwwer ofgestëmmt. Bei dësem Vote ass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt. Ech denken, dass mer direkt kënnen zur Ofstëmmung kommen.

Second vote constitutionnel

Den Ännerungsvirschlag, fir den Artikel 68 vun der Verfassung ze änneren, ass mat 50 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dee Punkt ass domat ofgeschloss.

Da komme mer zum Artikel 69 vun der Verfassung.

6. 4285 - Proposition de révision de l'article 69 de la Constitution

Och dëse Punkt huet d'Chamber eng éischte Kéier de 16. Februar ofgestëmmt. Den Text steet am Document parlementaire 4285[4]. Et gëtt no deeneselwechte Modalitéiten ofgestëmmt wéi bei deem Projet vu virdrun.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de révision fir den Artikel 69 vun eiser Verfassung ass mat 50 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.30 heures)

JEUDI, 18 MAI 2006 — 40E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Ordre du jour

1. 5575 - Proposition de loi portant modification de

1) l'article 51 (7) de la Constitution

2) la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

3) la loi électorale du 18 février 2003

(Déclaration de recevabilité)

2. 5547 - Débat de consultation sur la mise en œuvre de l'IVL (Integratives Verkehrs- und Landesplanungskonzept)

(Exposé du Ministre - Débat - Motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. 5575 - Proposition de loi portant modification de

1) l'article 51 (7) de la Constitution

2) la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

3) la loi électorale du 18 février 2003

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vun haut de Moien huet d'Presidentekonferenz virgeschloen d'Proposition de loi vun der Madame Lydie Err an dem Här Ben Fayot iwwert d'Wahlrecht vun den Auslänner fir recevabel ze erklären.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Consultatiounsdebatt iwwert den IVL. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Calmes, den Här Bodry an den Här Gira. D'Wuert huet elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf. Här Innenminister.

2. 5547 - Débat de consultation sur la mise en oeuvre de l'IVL (Integratives Verkehrs- und Landesplanungskonzept)

Exposé du Ministre

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass eng Première. Et ass déi éischt Deklaratioun vum zoustännege Minister am Kader vun engem Débat de consultation iwwert d'Ëmsetze vum IVL. Virausgaange sinn als Virbereedung fënnef Réuniounen an och e Schlussbericht vun der zoustänneger Chamberskommissioun ënnert der Présidence vum Marco Schank. A mengen Ae misst ee vun elo un all Joer dësen Exercice widderhuelen.

Här President, d'interaktiivt Verkéiers- a Landesplanungskonzept, dat jo - an dat soll een op kee Fall vergiessen - um Programme directeur de l'Aménagement du Territoire fousst vum Joer 2003, ass nach ëmmer an all Mond. D'Entscheedung iwwert den Uni-Standuert an och déi rezent Diskussiounen iwwer e moderne liichten Tram hunn dat bewisen.

Mä wat ass zënter senger Presentatioun viru ronn zwee Joer, ausser Landes- a Gemengewahlen an enger EU-Conseilsprésidence, geschitt? A wéi geet et weider?

Tatsaach ass, dass déi integrativ konzeptuell Iddi, nämlech dass Wunnen, Schaffen, Transport a Liewensqualitéit am Kader vun enger schéiner a gesonder Ëmwelt eppes mateneen ze dinn hunn, e grousse Konsens fënnt. Et gëtt méi vernetzt geduecht a politesch méi horizontal diskutéiert a geschafft wéi virdrun.

Et muss een awer och feststellen, dass net alles wat als IVL-konform duergestallt gëtt, dat och ass. Beim Stat an an der Regierung ass, trotz ville Progrèsen am interministerielle Mateneen, dee jo eng Conditio sine qua non fir d'Ëmsetze vum IVL ass, nach net alles perfekt. Vill gutt Koordinatiounsaarbecht ass nach noutwendeg.

Mä et gouf e groussen Effort gemaach a puncto integratiivt Virgoen. Mir bewegen eis och - an däers muss ee sech ëmmer bewosst sinn - hei op Neiland, an dat Ganzt sécherlech ass mat engem Méi un Aarbecht verbonnen. Mir riskéieren also, all déi Ministèren, all déi Leit, déi concernéiert sinn, u strukturell Grenzen ze treffen. Dat gëllt och besonnesch fir de Landesplanungsministère.

Et ass awer wichteg sech de Méiwäert, dee sech aus dem Ëmsetze vum IVL ergëtt, virun Aen ze halen.

Nëmme mam IVL wäerte mer amstand sinn dem Wuesstem vun eisem Land nohalteg ze begéinen. Dat heescht notamment, méi dicht bebauen, méi virsiichteg Flächeversigelung, well laut OBS-Vergläicher vum Ëmweltministère sinn an de Joren 1990 bis 1999 7.760 ha Land bebaut a verbraucht ginn. Dat maachen 862 ha pro Joer oder och ronn fënnef Fussballsterraine pro Dag.

Wann et esou weidergeet, da wäerte mer zum Beispill bis an d'Joer 2020 12.000 ha weider Land verbrauchen, a wann een dat dann op 1990 zréckkuckt, géif dat enger Verdueblung vun de bebaute Flächen entspriechen.

Mir kënnen op kee Fall esou weiderfueren, well hautdësdags leie mer zum Beispill nëmme bei enger landeswäit duerchschnëttlecher Wunnengsdicht vu knapp 14 Wunnenge pro Hektar. Just an den Haaptballungszentre vum Süden an och ronderëm d'Stad, do erreeche mer déi wichteg Lat fir den öffentlechen Transport vu 25 Wunnenge pro Hektar.

Den demographesche Wuesstem ass proportionell vill méi staark ausserhalb wéi innerhalb vun dësen Zentren. Dat war déi lescht 30 Joer esou, an dat ass haut och nach ëmmer de Fall. Ech kann lech do och e puer Beispiller gi vun esou Steigerungsraten zwëschen 1991 an 2001. Stied wéi Lëtzebuerg, Hesper, Walfer, Esch, Suessem, Péiteng, Dikrech an Ettelbréck, sinn alleguerte manner wéi 15% gewuess. Uertschafte wéi Biermereng, Tënten, Esch-Sauer oder och Eschweiler, si méi wéi 45% gewuess.

An därselwechter Zäit ass et och zu enger méi grousser Konzentratioun vun den Aarbechtsplazen an a ronderëm d'Stad komm. Doweinst koum et jo zu enger Explosioun vun den automobile Verkéiersstréim, déi duerch d'Zuel vun de Frontalieren nëmmen nach verstäerkt gouf. Et gouf also hei keng Gesamtstrategie.

Wa mir awer wëssen, dass mir all Joer op d'mannst musse 4% wirtschaftlech wuessen, fir eis Sozial- a Rentesystemer ze halen. Wa mer wëssen, dass mer genuch Statsrecettë mussen hunn, fir eis héich Ausgabe vum Stat ze decken an och munchmol musse strukturell Kurskorrekturen no ënne maachen. Wa mer wëssen, dass 100.000 nei Aarbechtsplaze bis an d'Joer 2020 geschafe musse ginn, dat heescht jee no Awunner oder Pendlerzeenario 60.000 bis 110.000 Awunner méi an eisem Land.

Wa mer wëssen, dass mer elo schonn e Plus hu vun 20.000 Frontaliere par rapport zum Pendlerzeenario aus dem IVL vum Joer 2002 - mer hunn also an dräi Joer 2,5 Joer Virsprong op den Zeenario vum Joer 2002. A wa mer och nach wëssen, dass dëse Pendlerzeenario längerfristeg dee manner gudden an nohaltegen Entwécklungswee ass, dann ass et ganz kloer: Mir brauchen eng Strategie, an déi Strategie, déi kann nëmmen IVL heeschen. An ech soe ganz kloer: Ouni IVL ass d'Liewensqualitéit hei am Land an den zéng, 15 Joer, déi elo nach kommen, net méi garantéiert.

Et mag och sinn, dass aus enger reng sektorieller Perspektiv, wann een zum Beispill den Transport nëmmen eleng géif kucken, dass et do kéint ouni IVL goen. Et géif esouguer vläicht méi einfach a méi séier goen, mä et géif awer bestëmmt op Käschte goe vun anere Secteuren.

An esou engem Gesamtbilan wäre kaum Synergie-Plus-valuen ze maachen. An dofir soen ech ganz kloer: Och wann den IVL-Ëmsetzungswee keen einfachen ass, och ugefaangen an de Käpp vun de Leit, esou ass en awer deen, deen am Endeffekt eiser Stadentwécklung an eiser selwer am meeschte bréngt.

Natierlech geet et mat dësem progressiven, integrative Mentalitéitswiessel net duer, och wann dëst vernetzt a raimlecht Denken eng extrem wichteg Viraussetzung duerstellt. Mir mussen ëmmer erëm, a jee nom spezifesche Schwéierpunkt, d'IVL-Prinzipien a konzeptuell Iwwerleeungen erklären, diskutéieren an héichhalen. An dat maache mer jo och. Dat geschitt jo och.

Dëst geschitt fir d'alleréischt emol an deene véier sou genanntene primäre Plan-sectorielen, déi nieft de regionale Pläng, an de Projetpiloten, ee vun de wichtegsten Ëmsetzungsschrëtt vum IVL duerstellen.

A grad elo, a méi schwieregen Zäiten, wou groussen Handlungsdrock besteet, souwuel am Wunnengsbau, wéi a Saache wirtschaftlech Entwécklung, an domadder verbonnenen Terrainen an Aktivitéitszonen, am Beräich vun der Mobilitéit, ouni déi jo bekanntlech näischt geet, an natierlech och am Beräich vum Landschaftsschutz, ass et wichteg net just kuerzfristeg ze denken, mä och der längerfristeger Entwécklung am Kader vun der Landesplanung mat hirer nohalteger, integrativer Approche, eng grouss Bedeitung zoukommen ze loossen. D'Landesplanung kann nämlech hëllefen, déi richteg Prioritéiten ze setzen, an esou kënne vill Suen iwwert d'Zäitschinn gespuert ginn.

Ech kommen elo zum éischte vun deene véier wichtege sektorielle Pläng, an zwar zum Plan sectoriel „Transports", dee schonns an der leschter Legislatur ugefaange gouf. An ech mengen, wann alles normal geet, wann et gutt virugeet, dass mer bis 2007 kënnen e fäerdege Projet de plan kréien, an deen dann, wann och duerno alles normal leeft, nach an dëser Legislatur a Kraaft triede kann. Duerch dëse Plang gi jo notamment Korridore reservéiert, déi laut IVL2 Verkéierszeenarioen zréckbehalen, wichteg Verkéiersprojeten am Schinnen- a Stroossebau.

Wann e Projet vun enger neier Strooss oder enger neier Eisebunn am Plan sectoriel dran ass, dann heescht dat awer net automatesch, dass si och gebaut gi kann. All Projet muss weiderhin duerch déi national an europäesch definéiert Ge-

nehmegungsprozedure lafen. Esou analyséiert de Landesplanungsminister ëmmer nach, ob de bestëmmte Projet och sënnvoll ass, wéi eng Auswierkungen en op d'Verkéiersverlagerungen an d'Siedlungsentwécklungen huet, a wéi eng Variant dann aus der Siicht vum Aménagement du Territoire déi beschten ass.

Genau esou préift den Ëmweltminister och weiderhin, ob eng nei Infrastruktur aus der Siicht vum Naturschutz an dem Ëmweltschutz ka genehmegt ginn oder net; a wa jo, wéi eng Mesure-compensatoirë musse realiséiert ginn. Wat mer also mam Plan sectoriel erreechen, dat ass, dass, wann d'Prozeduren ofgeschloss sinn, d'Realiséierung vum Projet net méi duerch aner national a kommunal Planunge ka blockéiert ginn.

Bei dësem Plang sinn awer och nach e puer Hürden ze huelen, eng Partie Konditioune mussen nach erfëllt ginn. D'Noutwendegkeet heivunner ass besonnesch am Kontext vum Tram kloer zum Virschäi komm.

Et ass positiv, dass mer elo derbäi sinn Neel mat Käpp ze maachen an dësem Kontext. Mä et stelle sech Froen: Inwiefern ass den Tram kompatibel mam IVL?

Strukturell besteet sécherlech heirunner am grousse Ganze keen Zweifel. Am Detail mussen awer nach eng Partie Elementer gepréift ginn, an dat am Kader vum interministeriellen Aarbechtsgrupp vum Plan sectoriel „Transports", an och a Réckkoppelung vum Monitoring mam IVL.

Et muss och gekläert ginn, wat an deene Korridoren, déi am Plang reservéiert sinn, geschitt; ob en Zuch, en Train-Tram, e städteschen Tram oder e Bus fiert, a wéi ongefëier d'Frequenz an d'Vitesse sinn.

Dës Parametere sinn entscheedend fir d'Attraktivitéit. Dësen Aspekt hat ech och scho bei Geleeënheet vum Débat iwwert den Tram op dëser Plaz iwwert d'Schinneverbindung Lëtzebuerg-Esch besonnesch ënnerstrach.

Mä och fir de Stroossebau muss et kloer sinn, wat fir een Typ vu Strooss gebaut gëtt, mat wat fir enger Capacitéit a wéi schnell een do fuere kann. Nieft dëse Korridore mussen och déi modern Garen, déi sou genannten „plates-formes multimodales" explizit, fir net ze soe prioritär, an de Plang integréiert ginn. Et handelt sech heibäi ëm déi sou genannte Gare-périphériquen - Der kennt se alleguerten -: Zéisseng, Houwald, Kierchbierg, Dummeldeng, d'Stater Gare centrale, d'Garë vun Esch an Esch/Belval an och d'Gare vun Ettelbréck fir d'Nordstad.

D'Iwwerleeunge ronderëm den Tram hu kloer gewisen, dass dës Garen eng ganz entscheedend Roll beim Fonctionnéiere vun engem Gesamtkonzept fir den öffentlechen Transport spillen. Si sinn och e wichtege Garant fir d'Kompatibilitéit vum Tram mat dem IVL-Konzept, a si missten als alleréischt Prioritéit realiséiert ginn.

An da mussen d'Landesplanung an duerno d'Regierung am Dialog mat der Chamber an deene betraffene Gemengen a Bierger bei Transportprojetë kënnen e Wuert beim Phasage, bei der Realisatioun matschwätzen, a kucken ob dëse Phasage, dee sech jo ursprünglech aus de sektorielle Prioritéite vum Transportminister op där enger Säit, a vum Bauteminister op där anerer Säit ergëtt, ob dee landesplaneresch, dat heescht also och vis-à-vis vum Logement, de wirtschaftlechen Aktivitéiten an der Ëmwelt, sënnvoll ass.

Et ass awer och kloer, dass dëse Phasage de Garant fir eng prioritär Entwécklung vum öffentlechen Transport si muss. Hei gëtt da pragmatesch eng éischt Phas mat prioritäre Projeten definéiert, souwéi en ausgeklügelte Monitoring vum Plang festgeschriwwen, mat Hëllef vun deem dann a Réckkoppelung mam Monitoring vum IVL déi nächst Etappen erausgeschielt ginn.

Am Kader vun dësem Monitoring kann dann nach gegebenenfalls souguer décidéiert ginn, dass Reservatioune vun engem Korridor opgi ginn. Et ass nämlech kloer, dass dës Korridoren net ad infinitum kënne fir Notzungszwecker planeresch blockéiert ginn. Däers muss ee sech ëmmer bewosst sinn.

Mä och de Langsamverkéier ass en Element vum Plan sectoriel „Transports". D'„Stad vun de kuerze Weeër" gëtt mat gutt fonctionnéierenden Infrastrukture fir Foussgänger a Vëlosweeër Realitéit. An dësem Kontext solle mer en „modal split" viséieren an deem d'Verhältnis vum net motoriséierte Verkéier zum motoriséierte Verkéier wesentlech verbessert gëtt.

Komplementar heizou ginn éischt Jalonen a Richtung Harmonisatioun vum Parkraum-Management gesat, och wann een hei duerno wäert musse speziell légiféréieren. Ech soen an dësem Kontext eppes ganz kloer: Am urbane Raum mat vergläichbaren Dichten a Verkéiersproblemer däerf keng Standuertpolitik fir Aktivitéiten iwwert de Parkingsschlëssel gemaach ginn.

Duerch dës Pläng sollen déi integrativ richteg Weichen a puncto nohalteg Transportentwécklung gestallt ginn, mat dem Zil 2020 25% vun de motoriséierte Persounentransporter mam öffentlechen Transport ze bewältegen, an awer och de Prozentsaz vun dem net motoriséierten Transport staark an d'Luucht ze drécken. Wann een d'Entwécklung um Frontaliersmaart gesäit, ass et elo höchste Eisenbahn, an alle Sënner vum Wuert, fir richteg ze handelen.

Deen zweete Plan sectoriel, deen ech uschwätze wollt, ass dee vum Logement, fir deen d'Preparatiounen uganks 2005 ugefaangen hunn a wou dank gudder Zesummenaarbecht mam Ressortsministère den interministerielle Grupp séier gebilt war.

Hei gi mer an dräi Modulë vir, déi zum Deel parallell lafen:

- D'Aktualiséierung vun der Wunnengsbedarfsprognos vun 1993/94, déi ass schonn esou gutt wéi ofgeschloss;

- d'Erstellung vun engem Wunnengsbauprogramm ass deen zweete Module

- an dee leschte Module ass deen: d'Erstelle vun engem integrativen Aktiounsplang. A grad dësen drëtte Module ass gläich raumplaneresch relevant.

Bis 2007 soll dann de Projet de plan virleien, esou dass dann, wann alles gutt geet, dëse Plang bis Enn vun der Legislatur kann a Kraaft trieden. Heimat soll genuch Wunnraum op gëeegente Flächen entstoen a gläichzäiteg méi dicht Wunnforme realiséiert ginn, besonnesch op Plazen hei am Land, déi predestinéiert si fir Wunnengsraum ze schafen. Hei kann ech lech och Beispiller ginn, wéi d'Haaptstad, wou Potenzialer si vun 166 ha, zu Stroossen sinn et 40 ha, zu Hesper 25 ha, zu Diddeleng 96 ha, zu Suessem 66 ha, zu Ettelbréck 26 ha, zu Ierpeldeng 22 ha, zu Iechternach 19 ha.

Wann ech nëmmen dës aacht Gemengen zesummenzielen, kommen ech op 460 ha. A wann ech do soen, komm mer baue 25 Wunnengsunitéite pro Hektar, wat net grouss gedriwwen ass, da komme mer schonn op iwwer 10.000 Unités d'habitation. Dat ass also e gutt Resultat fir dës aacht Gemengen.

An et muss een och kloer wëssen, dass et kee Sënn mécht Haiser do ze bauen, wou den öffentlechen Transport kaum eng Chance wäert hunn effizient an attraktiv ze fonctionnéieren. Mä et soll een ebe prioritär an IVL-kompatibele Gemengen an op IVL-kompatibele Fläche bauen.

Mir ginn och dervun aus, dass dëse Plang hëlleft d'Präisspiral um Wunnengsmaart an de Grëff ze kréien. An dësem Kader muss een awer och a priori onpopulär Moossnamen, wéi zum Beispill eng progressiv Grondbesteierung op Terrainen, déi als Bauland ausgewise sinn awer net bebaut ginn, aféieren.

Dass neie Wunnengsbau awer e ganze Koup Käschten, wéi zum Beispill Erschléissungskäschte fir d'Kollektivitéit, mat sech bréngt, gëtt an dësem Kader ganz oft vergiess. Och hei sollen adequat Begleetmoossnamen am Plang definéiert ginn. A genau dat geschitt jo elo ugesiichts vun den akute Problemer am Logementsberäich, wou de Premier jo a senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun e ganze Pak vun urgentë Moossnamen ugekënnegt huet; ënner anerem och fir de Käschte Rechnung ze droen, déi op d'Gemenge wéinst méi Logement zoukommen, wéi méi Schoulen, nei an erweidert technesch Réseauen an esou weider.

Ech wëll awer hei nëmmen op déi landesplaneresch technesch Réseauen agoen.

Fir d'alleréischt muss een awer virausschéissen, dass esou laang wéi de Marché esou ugespaant ass, an d'Präisser esou héich si wéi dat haut de Fall ass, en IVL-kompatible Wunnengsbau kaum méiglech ass. Dofir muss kuerzfristeg - dat heescht op déi nächst zéng Joer gekuckt - e landeswäit iwwerduerchschnëttlech staarke Wuesstum ugepeilt ginn, fir ze erreechen a sécherzestellen, dass d'Gesamtmass grouss genuch ass, fir um Marché d'Präisser ze affectéieren.

Donieft ass et awer och esou, dass d'IVL-kompatibel Gemenge prioritär opgefuerdert ginn, fir am Kader vun dësem Pakt fir de Wunnengsbau aktiv ze ginn. Duerfir kréie se jo nach eng Kéier 50% méi Geld, fir gréisser Wunnengsbauprojetë schnellstens an Ugrëff ze huelen.

De Ministère huet och a méi wéi 35 Gemengen Zonen determinéiert, déi sech speziell laut Programme directeur d'Aménagement du Territoire an IVL fir esou Projeten eegnen. Hei sollen da vill vun deenen 10.000 zum normale Wunnengsbaumarché néidege supplementare Wunnengsunitéiten an deenen nächsten zéng Joer geschafe ginn. Et ass awer och kloer, dass all déi nei Lotissementer, déi sech aus dem Wunnengspakt erginn, sech mussen un de Prinzipië vum Programme directeur d'Aménagement du Territoire a vum IVL orientéieren.

Drëttens hätte mer dann och dee wichtege Plan sectoriel vun de wirtschaftlechen Aktivitéitszonen, dee parallell zum Plan „Logement" soll realiséiert ginn a wou d'Bestandsopnahm déck amgaangen ass.

Mir sinn awer, wat dëse Plang ugeet, an der kecker Situatioun, well säin Erschafen op där enger Säit op der Prioritéitelëscht vum Wirtschaftsministère fir d'Verbessere vun der Kompetitivitéit vun eisem Land am Kader vun der Tripartite steet; op där anerer Säit et awer leider esou ass, dass obschonns d'Konzeptstudie elo schonns méi wéi e Joer virläit, de Wirtschaftsministère, deem ech d'Présidence vum Groupe interministériel ugebueden hunn - wat iwwregens an der Logik vun all deenen anere Plan-sectorielen ass -, nach keng Zäit hat sech ëm d'Lancéiere vum eigentleche Planungsprozess ze këmmeren. De Groupe interministériel ass emol nach net gebilt.

Dobäi sollen awer duerch dëse Plang déi néideg IVL-tauglech Fläche fir d'Wirtschaft geséchert, an dobäi besonnesch regional Zone gefördert ginn. D'Wirtschaft soll dëse Plang nämlech als eng grouss Chance gesi fir déi wirtschaftlech Entwécklungen, déi politesch an Zukunft solle gefördert ginn, um Terrain sënnvoll an nohalteg kënnen hinzekréien, mat der néideger awer verstänneger Flexibilitéit, déi se dofir brauch.

D'Gemenge sollen dës regional Entwécklungsperspektiv mat Hëllef vun ausgeklügelte regionale Verdeelerschlëssele schätze léieren, an esou op net nohalteg lokal Entwécklungszone verzichten.

Här President, Aktivitéitszone waren a si wichteg fir d'Entwécklung vun eisem Land. Mir sinn eis alleguerten eens, dass mer eng gewësse Surface vun neien Aktivitéitszone brauchen, fir d'wirtschaftlech Entwécklung vum Land ze ënnerstëtzen. Mä wat wëlle mer genau?

Wéi vill Hektar un neien Zone brauche mer dann, wuelwëssend dass fir d'éischt muss gekuckt ginn, fir déi bestoend Zone voll auszenotzen a gegebenenfalls auszebauen? Wou musse se leien an a wéi enger Géigend? Bei wéi enge bestoende Betriber? Bei wéi enger Verbindung? Bei wéi enger Strooss? Bei wéi enger Eisebunnslinn? A wéi grouss musse se sinn, fir dass se attraktiv gi fir d'Betriber, virun allem fir déi nei Betriber, déi mer wëlle förderen? Mä och: Wéi ass et mat der Gestaltung?

Am Kontext vum IVL ass dann awer och wichteg ze froen: Wéi ass et mat der Erreechbarkeet vun de Gewerbegebidder fir déi Leit, déi do schaffen? Wou sollen nei Zonen hikommen, fir dass mir de Verkéier op der Strooss esou niddreg wéi méiglech halen? Wéi bréngen mer et fäerdeg, dass all d'Gemenge vun der Entwécklung profitéieren, egal wou déi nei Zone schlussendlech hikommen? A wéi garantéiere mer, dass d'Aktivitéitszone wirtschaftlech effikass géréiert ginn?

Wann ech all dës Froe stellen - an et gëtt der nach méi -, gesitt Der wéi komplex a komplizéiert dëst Thema ass. Mir kënnen awer net esou weiderfuere wéi bis elo. Dat heescht, d'Gemenge weise weiderhin, jidderee fir sech, no eleng hire Prioritéiten an Usiichten, kommunal Zonen aus. D'Resultat ass e grousse Fleckenteppech iwwert d'Ländche mat massivem Zouwuess vum Verkéier a villen onzefriddene Leit an onzefriddene Betriber.

Ech kann Iech hei e Beispill ginn aus dem Norden, aus dem Kanton Klierf. Hei leie véier offiziell Demandë vu Gemenge vir, fir nei Zonen zousätzlech ze maachen, an och eng Demande vum SICLER, vum Syndikat, fir eng regional Zon. An dat an enger ländlech schützenswäerter Regioun, déi elo schonn déi zweethéchst Zuel vun Aarbechtsplaze pro Awunner hei aus dem Land huet.

Bei all dësen neien Ausweisungsbestriewunge sollte mer awer net vergiessen, dass laut IVL nach ongefëier 1.700 ha an de bestoende PAG-ausgewisenen Zonen am Joer 2002 fräi waren.

Wat kann dann e Plan sectoriel hei änneren a bewierken?

Gutt, de Plan sectoriel wierkt op zwee Niveauen, op zwou Manéieren:

E schaaft en nationalen, e regionale Kader fir déi zukünfteg Entwécklung. En definéiert d'Prioritéite fir d'Ausweisung vun neien Zonen, den Typ vun der Aktivitéit, déi doranner komme soll. Iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal da ginn d'Gemengen derzou bruecht, dësen nationalen a regionale Kader ze respektéieren. Si kënnen näischt méi an hirem PAG décidéieren, wat contraire wär zum Plan sectoriel.

Eng zweet Manéier wéi de Plang wierkt ass, dass d'Zesummenaarbecht an den Dialog tëschent de Ministërë verstäerkt gëtt. A regelméissege Sëtzunge vun engem interministeriellen Aarbechtsgrupp kënnen déi konkret Problemer diskutéiert a geléist ginn, esou och Léisunge preparéiert ginn, fir de regionale Gedanke weiderzebréngen. Besonnesch wichteg ass an dësem Kontext d'Zukunft vun der Gewerbesteier, vun hirer intelligenter Ëmverdeelung, an och d'Méiglechkeet vun engem regionale Fong ze schafen nieft deem heitege Fonds communal de dotation financière.

Konkret liwwert de Plan sectoriel eis och eng éischte Kéier eng prezis Iwwersiicht iwwert déi bestoend a geplangten Aktivitéitszonen, hir Occupatioun an déi nach fräi Flächen. Zesumme mam Statec an de Vertrieder vun de Wirtschaftsverbänn wëlle mer déi ekonomesch Entwécklungstendenzen analyséieren an doraus d'Ufuerderungen un d'Landesplanung bestëmmen. Wann déi zukünfteg Besoinë bis méiglechst prezis definéiert sinn, ginn déi Flächen, déi sech am beschten eegnen, kartographesch festgehalen an iwwert de reglementaresche Wee fir d'Wirtschaftsaktivitéit reservéiert.

Wann de Plang fäerdeg ass - ech géif soen, an zwee Joer ongefëier -, hu mer d'Attraktivitéit vum Land als Wirtschaftsstanduert verbessert:

- Mir hunn eng Iwwersiicht iwwert dat, wat esou besteet, dat, wat verfügbar ass, an dat, wat nach verfügbar gëtt;

- mir hunn eng Planungssécherheet fir déi Betriber, déi zu Lëtzebuerg investéiere wëllen.

Ech wëll awer hei och ganz kloer an däitlech soen, dass, wat dëse Plang ugeet, et elo op kee Fall esou wäert sinn, dass bis zu senger Fäerdegstellung näischt geschéien däerf. Hei wäerten esou schnell wéi méiglech genügend Elementer virleien, fir dass d'Projeten och während der Élaboratiounsphas vun dësem Plang realiséiert kënne ginn.

Dëst gesäit een um Beispill vum Raum Stengefort-Kapellen, wou et drëms geet eng regional Léisung ze fannen. Duerfir huet d'Landesplanungsdirektioun eng Etüd an Optrag ginn, aus där sech elo esou eng Léisung ergëtt, à condition dass d'Gemengen an natierlech och d'Proprietairë vun den Terrainë matspillen. An dësem Fall géif d'Gemengenaktivitéitszon vu Grass iwwerflësseg an et kéim zu enger regionaler Léisung, déi sech aus zwee Elementer géif zesummesetzen: enger regionaler Vergréisserung vun der Zon vum Wandhaff an enger neier regionaler Zon bei Klengbetten.

Well dëst zweet Element awer nëmmen, wat d'lokal Erschléissung ugeet, a Kooperatioun mat eise belschen Nopere kéint realiséiert ginn, géif sech hei eng formidabel Geleeënheet bidden, fir no der dach vergëftener IKEAs-Debatt grenziwwergräifend Neel mat Käpp a puncto Landes- a komplementarer Wirtschaftsplanung ze maachen.

Dës Léisung ass méi ekologesch, méi regional, méi grenziwwergräifend a méi komplementar wéi déi vu Grass. Duerfir sollte Stat a Gemenge vun elo un hei onbedéngt un engem gemeinsame regionalen a grenziwwergräifende Strang zéien.

Och an der Zentrum-Nord-Regioun deet sech e regionalen Aktivitéitszonewee op. Hei bitt et sech un am Kader vun der Nordstadkonventioun d'Zon vum Rouscht, déi fir d'Luxair gesicht ginn ass, schrëttweis laangfristeg zu enger grousser regionaler Zon auszebauen. Gekoppelt mat enger regionaler a funktionell komplementarer, well wesentlech méi urbaner an tertiärer, Zon um Fridhaff - well et ass jo kloer, déi zwou Zone kënnen op kee Fall identesch sinn, an deementspriechend verschidde musse se ameénagéiert an ausgenotzt ginn - hätt dann dës Regioun a puncto Aktivitéitszon dat néidegt Potenzial, fir all d'Gemengen, zumindest vu Miersch bis an d'Nordstad, ekonomesch sënnvoll an nohalteg ze bündelen.

Dës Léisung géif och den Aktivitéitszonendrock vum Zentrum vun der Nordstad huelen, wou dann déi rar notzbar Flächen am Dall prioritär fir héichwäerteg an integrativ Stadentwécklung kéinte genotzt ginn.

Schliesslech wëlle mer zesumme mam SICLER, esou wéi mam Ëmwelt- a mam Wirtschaftsministère, an der Regioun Norden intensiv an den nächste Méint no regionale Léisunge fir Aktivitéitszone sichen. Dëst gesi mer als virgezunnene Projet pilote par rapport zum sektorielle Plang.

Wa mer dës regional differenzéiert Approchen, déi ech elo grad beschriwwen hunn, hikréien, ass d'Richtung fir de Rescht vum Land, wat d'Aktivitéitszonen ubelaangt, virginn. Heiduerch gëtt och déi schwiereg a ganz wichteg Aarbecht vun der Commission d'aménagement an dëser dach heiansdo ondäitlecher Iwwergangsphas méi kloer.

Här President, ier ech bei de véierte Plan sectoriel, dee vun de grands ensembles paysagers kommen, wëll ech awer nach an aller Däitlechkeet op déi nohalteg Environnementselementer vun dësen dräi Plan-sectorielen hiweisen.

Bei deem vum Transport ass d'Zil vu 25/75 „modal split", besonnesch am Hibléck op Kyoto, e wichtegt Element.

Beim Logementsplang ass et dee wichtege Volet „nohaltegt ëmweltan energiefrëndlecht Bauen".

An och beim Plang iwwert déi wirtschaftlech Aktivitéitszonen ass et immens wichteg, dass keng onnéideg Automobilverkéiersstréim entstinn. Esou wäit et méiglech ass sollt den öffentlechen Transport zum Droe kommen. Den Impakt op Ëmwelt a Landschaft soll esou kleng wéi méiglech gehale ginn an op d'nohaltegt ëmwelt- an energiefrëndlecht Bauen an de Wirtschaftsgebaier sollt ee pochen. Dat och nees ganz am Sënn vu Kyoto.

Der gesitt also, et ass ganz am Sënn vun der edukativer nohalteger Approche, dass och bei deene sektorielle Pläng, déi sech net prioritär mat Ëmwelt befaassen, d'Ëmwelt eng wichteg Roll spillt. D'Roll ass natierlech méi grouss beim Plan sectoriel vun de grands ensembles paysagers, wou d'Konzeptstudie virläit, an deen och bis Enn 2007 als Projet de plan um Dësch leie soll.

D'Approche, fir eng Konzeptstudie ze maachen, soll hëllefe fir e Wee ze fannen, dee souwuel de planereschen a wëssenschaftlechen Usprëch engersäits, an anerersäits de politeschen, sprëch den zäitlechen Noutwendegkeete gerecht soll ginn, an dat an engem Kontext, wou ee mat enger heterogener Datenausgangsbasis ze dinn huet, an och besonnesch mam Naturschutzgesetz vun 2004 eng nei bestoend Gesetzgebung berücksichtege muss.

Et geet jo net drëms eppes ze maachen, dat een iwwer bestoend Instrumenter scho maache kann. An et geet definitiv och net drëms déi ze ersetzen. Ma et geet drëms de Plan sectoriel komplementar zum bestoenden Instrumentarium ze notzen. De Plan sectoriel soll nämlech iwwer säi Règlement grand-ducal eng gewësse juristesch Bindung entfalen, un déi sech an enger éischter Linn déi öffentlech Planunge vum Stat an de Gemengen hale mussen.

Mir stellen eis an dësem Kontext vir, gewësse Raim iwwert de Plan sectoriel e gewëssene Statut ze ginn, deen een als Tëschenetapp ka gesinn, bis déi concernéiert Flächen dann iwwert d'Prozeduren - déi laang Prozeduren, géif ech bal soen - vum Naturschutzgesetz e prezise Schutzstatut kréien an an deem och dem Particulier kënne Servituden operluecht ginn, wat am Plan sectoriel esou net ka gemaach ginn.

Inhaltlech wäert et bei dësem Plan sectoriel dorëms goen, fir gréisser wäertvoll Fräiraim fir den Zweck vum Landschaftsschutz an der landschaftsgebonnener Erhuelung ze erfaassen, ze sécheren an ze entwéckelen, a Weeër ze sichen, fir se ënnereneen ze vernetzen, an domadder och der Siedlungsentwécklung iwwert d'Gemengegrenzen eraus, wann et aus nationaler Siicht noutwendeg ass, Grenzen ze setzen.

Den Akzent vun dëse Pläng läit awer däitlech um Landschaftsschutz, wat net gläichzestellen ass mam klasseschen Naturschutz. Dat kann een och esou illustréieren: Duerch de Plan sectoriel gëtt net déi eenzel Heck geschützt, mä de landschaftlechen Ensembel. Et ass also esou, dass déi véier primär sektoriell Pläng zimlech parallell, also mat den néidegen integrative Wiesselwierkungen a Réckkoppelungen, nach an dëser Legislaturperiod erstallt an och, wann nëmme méiglech a wann alles normal geet, a Kraaft triede sollen.

Dëst verlaangt awer eng exzellent interministeriell Zesummenaarbecht, wou all - ech betounen „all" - Ministère sech muss déi néideg Méi a Moyenë ginn a säi Bescht muss maachen. Soss kréie mer dat net hin. An ech soe kloer: Kierchtuermspolitik, déi mer munchmol bei de Gemengen uprangeren, däerf awer och beim Stat net gëllen. Hei muss jiddferee seng Responsabilitéit huelen.

Zu dëse véier grousse sektorielle Planungsprozesser kommen dann nach Plans directeurs régionaux dobäi. Hei muss ee wëssen, dass dëst Instrument, wat um Pabeier vläicht dat wichtegst vun der Landesplanung ass, an der Praxis an esou engem klenge Land wéi Lëtzebuerg schwéier gutt an effikass unzewennen ass. Et geet hei nämlech drëms en Instrument anzesetzen, wat zwar am Gesetz steet, awer am Detail muss ausgedäitscht ginn, ier et applicabel ass.

Och hei kann dat net am lofteidele Raum passéieren, mä mir mussen eng Hällewull vun Iwwerleeungen integréieren an e Planungsinstrument, dat schlussendlech jo fir all Regioun eenheetlech a vergläichbar soll sinn, a gläichzäiteg awer och upassbar soll sinn, dass et den ënnerschiddleche raimlechen Ausgankssituatiounen an deene sechs Regioune vum Land muss Rechnung droen.

Elo erlaabt mer hei kuerz op e puer allgemeng Aspekter anzegoen, déi am Zesummenhang mat der Uwennung vun de Regionalpläng wichteg sinn.

Fir d'éischt ginn et strategesch Iwwerleeungen unzestellen. Zum Beispill muss ee kloerstellen, ob e Regionalplang méiglechst vill soll regelen oder plangen oder ob ee sech op déi wesentlech Aspekter vun der Raumentwécklung konzentréiere soll.

Wann een deen éischte Wee aschléit heescht et séier: De Stat wëllt alles dominéieren. Weiderhi besteet awer och déi ganz grouss Gefor, dass de Regionalplang als Plang esou iwwerluede gëtt mat fachplanereschen Detailer, dass am Endeffekt kee méi weess, wat dann elo dat Spezifescht vum Regionalplang iwwerhaapt nach ass.

Wann een deen zweete Wee aschléit, da riskéiert een, dass séier gesot gëtt, dass de Plang vill Lücken huet an dowéinst näischt bréngt respektiv net all Acteur wäert zefridden ze stelle sinn.

De gëllene Mëttelwee ass hei ze sichen. Heibäi spille Froe wéi: Wie wäert de Regionalplang duerno wéi uwennen? Oder: Wat kënnen de Stat an d'Gemengen iwwerhaapt reglementaresch sënnvoll bewältegen?

Dës Froe spillen eng wichteg Roll. Et ass dobäi kloer, dass de Regionalplang muss reglementéieren, soss brauche mer keen. Mir hunn awer och en neit Gesetz vun der kommunaler Flächennotzungsplanung, wat d'Lat ganz héich leet. A mir wëllen natierlech net mat der Regionalplanung en Instrument schafen, wat eis oniwwerluecht zousätzlech Regelen operleet, déi dann an der Praxis obsolet ginn, well se eis all iwwerfuerderen. Déi richteg Balance ze fannen tëschent noutwendeger Reglementatioun an noutwendegem planereschem Fräiraum op de richtege Plazen, dat ass keng einfach Affär, awer e wichtegen Usproch un dat neit Instrument vun de Regionalpläng.

Et muss ee sech an dësem Kontext dann och ganz kloer ginn, wéi de Regionalplang, besonnesch och inhaltlech, mat deenen anere Planungsinstrumenter, déi schonns e feste Kader hunn, sprëch am Besonneschen d'PAGen, soll zesummespillen. Wéi kann een déi zwee Planungsinstrumenter esou organiséieren, dass de Regionalplang regionalrelevant Weiche stellt, ouni awer de Gemengen all Autonomie communale am Beräich vun der Flächennotzung ewechzehuelen?

Et ass praktesch absolut noutwendeg, dass an Zukunft verschidden Décisiounen, wat d'Flächennotzung ugeet, um regionale Plan geholl musse ginn. Mir wëssen awer och all, dass, wa mer hei net de richtege Mëttelwee fannen, d'Gemengen net wäerte mat op de Wee vun der Regionalplanung goen, déi mer als Landesplanung net kënnen erzwéngen, mä wou mir op d'Verhandlung a schlussendlech och op d'Kooperatioun mat de Gemengen ugewise sinn.

Et muss ee sech awer och iwwerleeën, ob een e Regionalplang als Instrument an och als Planungsprozess ka gestalten, fir dass d'Regionalplanung net just wäert Ausdrock si vun deem klasseschen „Verdeelungskampf" tëschent de Gemengen oder dem Stat an de Gemengen. An der Vergaangenheet huet sech dobäi oft net dee mat deene beschte planereschen Argumenter, mä ganz oft dee mat der beschter Uluecht duerchgesat. Wann de Regionalplang e reelle planeresche Mehrwäert soll duerstellen, muss hien awer virun allem den Ausdrock si vun enger gemeinsamer raimlecher Visioun fir d'Regiounen, déi dann als Grondlag ka genotzt ginn, fir am konkrete Plang déi sécherlech onausweichlech Verdeelungsfroe méi objektiv ze féieren.

All dës Iwwerleeunge sinn zesumme mat auslänneschen an nationalen Experten aus der Planung an der Praxis am Joer 2005 diskutéiert ginn, fir ebe sécherzestellen, dass mer, wa mer ufänken, hannert deem vill gebrauchte Begréff „Regionalplang" eng ähnlech Konzeptioun verstinn. Opgrond vun deenen Erfahrungen aus den Diskussiounen aus de leschte Joren hu mer dëst gewëssermoossen als eng Hausaufgab betruecht, bei där mer dann zu folgende Schlussfolgerunge komm sinn:

De Regionalplang soll als Instrument opgebaut ginn, dat de Prinzipië vun engem schlanken an effektive Plang Rechnung dréit. Dat heescht, dass en nëmme regional Bedeitendes soll regelen an net dat wat op Gemengenniveau a gëeegenter Form ka gekläert ginn, ganz nom Subsidiaritéitsprinzip.

All Ausso vum Plang muss en Zil-adressat hunn, fir ze vermeiden, dass vill geschriwwe gëtt a kee sech ugesprach fillt. De Regionalplang soll steieren, orientéieren, dirigéieren, dat heescht och, dass en nëmmen dat an de rechtsgültege Plang ophëlt wat dann och wierklech ka gesteiert ginn.

An dësem Sënn soll de Regionalplang sech op d'Regelung vun der Siedlungs- a Fräiraumentwécklung konzentréieren an op de Piliere Siedlung, Infrastruktur a Fräiraum opbauen. Dat heescht, dass ee bewosst en eendeitegen Akzent leet op raum- a flächennotzungsrelevant Aspekter, fir déi och gülteg Regelungen ze fanne sinn, ouni dass de Regionalplang awer als regionale Flächennotzungsplang ze verstoe wier, deen de facto da géif de PAG ersetzen.

An dësem Sënn soll de Regionalplang en Instrument ginn, dat de Gemengen hëlleft beim Opstellen an der Beuerteelung vu Pläng an Investitiounen, dat déi interkommunal Ofstëmmung ënnerstëtzt, dat d'Acteure bei der Analys vun de Potenzialer a Restriktioune fir déi raimlech Entwécklung vun enger Regioun, an da speziell och bei der Standuertsich beréit, dat awer och der Commission d'aménagement d'Beuerteelung vu Pläng erliichtert an och d'Ministèrë beim Opstelle vum Programm an der Bewäertung vun deenen Investitiounsprojeten ënnerstëtzt.

An dësem Sënn spillt en och eng bedeitend Roll wat d'Regionalfongen, déi ech a mengem Pabeier iwwert d'territorial an administrativ Reform Fonds de dotations à l'équipement communal genannt hunn, well hie wäert hei mat de virgesinnenen an domadder enk verbonnene Contrats de développement régionaux ee vun de wichtegste Steierungsinstrumenter duerstellen, wat an Zukunft interkommunal a regional staatlech Equipementshëllefen ugeet.

Mir sinn also nach net um Enn ukomm wat dës méi grondleeënd Aarbecht um Instrument Regionalplang ugeet. Si soll dann am Laf vun 2006 an e Règlement grand-ducal afléissen. Mir sinn eis awer och bewosst, dass vill Detailfroen och an der Praxis nach wäerten diskutéiert an duerchgespillt ginn, well et eben ni eng absolut Sécherheet iwwert den Oflaf vu komplexe Planungsprozesser wäert ginn.

De Regionalplang vun der Südregioun, wou jo schonns eng ganz Rei Viraarbechte gemaach goufen, wou et jo och schonns deen éischte Regionalsyndikat gëtt, wäert dann den Testfall sinn, an hei kënne mer dann, soubal wéi d'Rumm vum Règlement grand-ducal steet a sech mam Pro-Sud iwwert d'Virgehensweis gëeenegt ginn ass, definitiv richteg ukommen, wa méiglech nach virum Summer dëst Joer.

Eréischt wa mer zesumme mam Pro-Sud mat deem Plang planeresch-fachlech iwwert de Bierg sinn an déi Erfahrungswäerter gesammelt hunn, déi néideg si fir Feeler, zumindest eng gutt Partie, ze vermeiden, klamme mer méi déif an deen zweeten an drëtte Regionalplang an, dee vum Westen an dee vum Centre-Sud, wou och schonns Virbereedungsaarbechte lafen.

Dës virsiichteg Ugehensweis erkläert sech awer och duerch d'Réforme territoriale an administrative, wou et jo net ausgeschloss ass, dass nach d'regional Landschaft sech an absehbarer Zäit méi oder manner kéint veränneren, mat Ausnahm vum Süden, dee sech an allen Iwwerleeungen als äusserst stabel erweist. Well et also net méiglech ass an net responsabel ass, all Regionalpläng mateneen ze maachen, ass d'Landesplanung derbäi, esou wéi dat och am IVL steet, zwee planeresch Zoomen op déi wichtegst Zonen ausserhalb vun der Südregioun ze maachen. Et handelt sech hei ëm de Südweste vun der Haaptstad an d'Nordstad.

Hei gouf mat de jeeweilege Gemengen eng Konventioun ënnerschriwwen, déi beinhaltet, iwwert déi nächst fënnef Joer partnerschaftlech an op eng koordinéiert an integrativ Manéier am Aklang mam IVL Planungen an Entwécklungen, déi eng gemengeniwwergräifend Bedeitung hunn, ofzestëmmen, ouni awer de Gemengen hir Fräiheet anzeschränken.

Am Südweste vun der Haaptstadagglomeratioun geet et drëm, deen dynameschste Raum vum Land, do wou d'Niewewierkunge vun der Entwécklung am geféierlechste sinn, esou ze gestalten, dass d'Liewensqualitéit net de Bierg ageet an eng komplementar a sënnvoll méi phaséiert Entwécklung par rapport zu anere wichtegen Deeler vun eisem Land hei entsteet.

An der Nordstad, do geet et drëm, hei endlech eng funktionell attraktiv a qualitativ héichwäerteg städtesch Agglomeratioun ze schafen, esou dass e Pendant entsteet zur Südstad an der Haaptstad, een territoriale Rééquilibrage vum Land. Et ass och kloer, dass dës Planungen, déi ugefaangen hunn, schnellstens duerch konkret Pilotprojetë konkretiséiert ginn, fir en Driff am Prozess ze behalen.

Esou gëtt an der Nordstad eng Consultation rémunérée iwwert d'Zentralachs Ettelbréck-Dikrech an deenen nächste Woche lancéiert, wou Elementer wéi een neien Nordstad-Lycée, eng Maison de l'État, e regionale Centre d'intervention, eng als Plate-forme multimodale ausgebaute Gare vun Ettelbréck an en Nordstadtram evaluéiert ginn.

Am Südweste vun der Haaptstadagglomeratioun gëtt gekuckt e grousse gemengeniwwergräifende Projet pilote am städtesche Wunnengsbau ze lancéieren. De Parkraummanagement an dëser Regioun gëtt och doriwwer ofgestëmmt. All dës Planunge lafen herno an de Regionalplang an an déi grenziwwergräifend ofgestëmmte PAGe vun dëse Gemengen, déi jo da bis spéitstens 2011 mussen erneiert ginn. Eisen Timing ass also gutt, well bis 2011 déi nei PAGen och mussen do sinn.

Här President, bis ongefëier 2012 missten all Regionalpläng stoen, a beim Erstelle vun der nächster Generatioun vu Plan-directeure wäert missen eng Repondératioun vun de planeresche Schwéierpunkten zu Gonschte vun de Regionalpläng virgeholl ginn, wuelwëssend, dass elo bei der éischter Generatioun d'sektoriell Pläng déi éischter dominant sinn.

Mir sinn och nach net prett, fir massiv a landeswäit Regionalplaning ze maachen, well d'Konzeptaarbecht ass eréischt knapps ofgeschloss, den Outil steet nach op eppes wacklege Féiss a muss sech nach beweisen, mir hunn och keng Erfahrungswäerter, ausser de Süden hu mer och keng regional Struktur, a mat der Réforme territoriale et administrative kënnen déi regional Rahmebedéngungen nach méi oder manner staark änneren.

Esou passt eise Phasage och gutt mat der Réforme territoriale et administrative iwwereneen, déi de regionalen Niveau konsequent stäerken a Communautés urbaines fir d'Haaptagglomeratioune schafe wëllt. All dës Iwwerleeunge weisen, dass d'Réforme territoriale et administrative elo, dann de Gros vun de Regionalpläng, eng richteg Démarche sinn.

Här President, ier ech zum Schluss kommen, nach e puer Wierder zu de Frichen.

Zu Belval-Ouest, deem éischte groussen IVL-Projet, bleift d'Landesplanung weider do staark engagéiert op politescher Koordinatiounsebene. Dëst ass awer net einfach, well fir mateneen effikass ze schaffe sech oft op ze vill Klengegkeete behaapt gëtt. D'Landesplanung, déi hei politesch mat hirem Minister eng wichteg Roll spillt, huet awer konkret vun allen implizéierten Acteuren um Terrain am mannsten ze soen. Dësen Déséquilibre gëtt am Fong geholl bei dësem éischte groussen IVL-Projet ëmmer méi däitlech. D'ursprénglech Aufgab vun der Landesplanung, nämlech d'Erstelle vum Masterplan, ass jo elo erfëllt, a wann een elo wëllt, dass d'Landespla-

nung weider soll koordinéieren, da muss een hir och déi néideg konkret Moyene ginn an hir Roll deementspriechend respektéieren.

D'Regierung huet och voluntaristesch-dezentral zwee vun den dräi Unisfaken definitiv op Belval décidéiert, grad dofir heescht hei d'Phaséierung, dass et besonnesch schnell weidergoe soll.

E puer Wuert zu Diddeleng. Zu Diddeleng ass d'Landesplanung bereet, fir fir déi nei Arcelor-Friche mat der Gemeng e Masterplan ze erstellen, a si ass och prett, soubal wichteg praktesch an technesch Elementer wéi den Assainissement am Kader vum Iwwergank vun der Friche a Statshänn gekläert sinn, d'Planungskoordinatioun fir d'Revalorisatioun vun den Terrainen ze iwwerhuelen.

Och op der Friche vu Wolz si Saache geschitt. Esou gouf am Laf vum Joer 2005 de Masterplan, dee vum Ministère kofinanzéiert gouf, presentéiert. D'Reconversioun vun der Friche muss esou geschéien, dass Wolz senger Roll als regionalen CDA voll a ganz ka gerecht ginn, well et spillt eng ganz wichteg raimlech komplementar Roll am Norde vum Land vis-à-vis vun der Nordstad.

D'Landesplanung huet och an engem interministeriellen Aarbechtsgrupp, wou och d'Gemeng Fiels dra war, koordinéiert, fir eng tragbar an nohalteg Entwécklung vum Ensemble paysager Meesebuerg hinzekréien. Am Sënn vum IVL ass gekuckt ginn, wéi en héichwäertegen a schützenswäerte ländleche Raum ka sënnvoll am Interesse vun der Gemeng an der ganzer Regioun entwéckelt ginn. Eng Décisioun drängt sech op, well d'Schlass a seng Dépendancë sinn an engem schlechten Zoustand, an d'Famill wëllt verkafen, mam Risiko, dass, wann näischt Gréisseres a Kohärentes geschitt, den Domän…

(Coups de cloche de la Présidence)

…kéint verkommen oder a verschidden Hänn falen, an da géif en nach manner accessibel ginn. Hei wäert ech an deene nächste Wochen dem Regierungsrot Rapport maachen an eng Alternativ proposéieren.

An dësem Dossier stellt sech d'Fro, ob sënnvoll an exemplaresch Projeten am héichwäertegen a schützenswäerte ländleche Raum der öffentlecher Hand eppes wäert sinn oder net.

Zënter kuerzem leeft och nach de Monitoring vum IVL. Froe wéi: „A wat fir eng Richtung entwéckelt sech eist Land territorial? Si mer an engem Pendler- oder an engem Awunnerzeenario? Wéi ass et mam ‚modal split'? Wat leeft eventuell schif par rapport zum Modell, dee mer eis am IVL ginn hunn?", ginn hei analyséiert.

Deen Dag, wou mer hei Äntwerten hunn, kënnen eventuell Kurskorrekturen en temps utile virgeholl ginn, fir esou eis nohalteg raimlech Entwécklungslinn net ze verléieren. Och wäert dëse Monitoring eng ganz wichteg Entscheedungshëllef fir d'Prioritéitesetzung, wat d'Realisatioun vu wichtege Projeten am Transportberäich ugeet - zum Beispill beim Tram, mä och soss -, duerstellen. Enn 2007 kënnt dann en éischte Rapport de monitoring.

Schliesslech bleift dann dee fir dee ganze Ministère vläicht wichtegsten Dossier, d'Réforme territoriale et administrative, wou d'Landesplanungsdirektioun fir de roude Fuedem ganz am Sënn vum IVL zoustänneg ass. Si ass derbäi, d'„background map" fir d'Communautés de communes oder d'Gemengefusiounen an d'Communautés urbaines ze finaliséieren. Dëst soll als Diskussiouns- an Iwwerleeungsbasis an enger méi spéider Diskussiounsphas op den Dësch vun der Spezialkommissioun vun der Chamber kommen, wann aner wichteg Elementer, wéi d'Missioune vun de Gemengen, an der Zukunft gekläert sinn.

Den Dossier vun der Réforme territoriale et administrative ass e wesentleche Schrëtt beim Schafe vun den noutwendege Kaderkonditioune fir eng nohalteg konkret Ëmsetzung vum IVL. Ech wëll hei net virgräifen, well d'Aarbechte sinn nach wierklech voll amgaangen.

Här President, zum Schluss wëll ech soen, dass d'Ëmsetze vum IVL komplex ass, an et mécht och Sënn d'Chamber all Joer iwwert déi domadder verbonne Planungsdossieren am Kader vun enger Chambersdebatt ze informéieren, fir ze weisen, wou mer virukommen oder wou mer net esou gutt virukommen, firwat dat esou ass, a wou Problemer sinn.

Déi eenzel Planunge ginn och am Laf vun deenen nächste Méint am Kader vu verschiddenen Öffentlechkeetsaktioune mat den Experten am Detail presentéiert, fir dass d'Leit, besonnesch och regional Acteuren esouwéi och déi interesséiert Acteuren an Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft mat Zäite gesinn, wou mer hiwëllen, a wéi mer dat wëlle maachen.

Hei gëllt iwwerall dat, wat ech gären den „territorial thinking" nennen. Et geet dorëm deen hei ze förderen. Mä d'Entwécklung vun eisem Land, vun eisem Territoire gëtt ëmmer méi jenseits vun eise Grenze beaflosst, wat sech op d'Ëmsetzung vum IVL natierlech nidderschléit. Dofir ass et imminent wichteg, an e grenziwwergräifenden Aménagement eranzekommen.

Mir hunn och mat der Lorraine viru kuerzem en Aarbechtsgrupp mat der Zilsetzung, grenziwwergräifend Planungen hinzekréien, agesat. Mat de Walloune si mer op engem ähnleche Wee, a mat Däitschland sinn d'Kontakter och gutt, an hei steet jo den Dossier Mäerterter Hafen un.

Schlussendlech ass den IVL als Entwécklungskonzept och ganz op der Linn vun der europäescher Raumplanung a seng Ëmsetzung als solch ass och eng Aart Projet pilote am Kontext vun der europäescher Politik vun der territorialer Kohesioun. Mir si sécherlech net déi Éischt, déi an dës Richtung schaffen,...

M. le Président.- Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Ech sinn um leschte Saz.

...mä mir kënne mat déi Éischt sinn, déi landeswäit mat sophistiquéierte Planungsinstrumenter sech op de Wee vun enger moderner an nohalteger raimlecher Entwécklung beginn. Wann ee weess, wat fir eng allgemeng Entwécklung mir fir eist Land ustriewen, ass dëst sécher net vu Muttwëll.

Den IVL ass eng eemoleg Chance, en eemolegt Instrument, fir Lëtzebuerg prettzemaache fir déi grouss Erausfuerderungen, déi sech dem Land stelle wäerten, am Interessi vu senge Bierger.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Marco Schank *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Wou wunnen a wou schaffe mer an Zukunft zu Lëtzebuerg? Op wéi eng Manéier si mer an Zukunft mobil? Wou däerft et an Zukunft nach Landschaft ginn an Natur, wéi verbrénge mer a wou verbrénge mer eis Fräizäit?

Dir wësst, eis Ekonomie brauch scho méi laang méi Salariéën, wéi där am Land selwer wunnen. Léise mer dëse Problem duerch méi Frontalieren aus dem noen oder manner noen Ausland respektiv duerch méi einheimesch Aarbechtskraaft? Kënne mer de Wuesstem vum Verkéier mat all senge Konsequenzen, déi mer kennen, a gläichzäiteg d'Liewensqualitéit an d'Konkurrenzfäegkeet vum Land erhalen?

Dës Froen, dat sinn einfach Froen, mä et si kruzial Froen, an d'Äntwerten si vill manner einfach; se si komplex an dofir brauche mer - an et ass an der Ried vum Landesplanungsminister ugeklongen - zesummenhängend, global an integréiert Léisungen.

Dës Froen, Här President, hunn ech selwer an och anerer virun zwee Joer gestallt op därselwechter Plaz an dem Débat de consultation, wéi den IVL - Dir erënnert lech - offiziell virgestallt gouf, an déi Froen hunn näischt, guer näischt un hirer Aktualitéit agebéisst, ganz am Géigendeel.

Eist Land verännert sech all Dag an et wäert sech och an de kommende Jore weider verännéren. Alles gëtt méi enk, e Fait, dee sech virun allem am Beräich vum Wunnengsbau an am Transportwiese wäert no an no bemierkbar maachen. Déi jeeweileg Regierunge mat deene jeeweilege Landesplanungsministeren, ugefaangen mat dem Alex Bodry iwwert de Michel Wolter bis haut zu dem Jean-Marie Halsdorf, hu probéiert d'Politik an dëse Schlësselfelder mat ze definéieren.

Am heitege Regierungsprogramm geet dann och Rieds, datt e breeden Débat iwwert den IVL géif gefouert ginn, awer et geet och Rieds vum Ausschaffe vun de sektorielle Pläng, iwwert déi mer haut schwätzen - ech brauch se net nach eng Kéier ze soen: also Transport, Wunnen, Aktivitéitszonen, geschützte Landschaften. Et geet awer och Rieds vu Regionalpläng, an et geet Rieds vu Schlësselprojeten, wéi neie Wunnraum am Süde beispillsweis, oder och déi sou genannte Regionalparke respektiv dem Entwécklungsplang vun der Nordstad.

Zwee Joer méi spéit lount et sech dann och en Tëschebilan ze zéien, a genau dat maache mer, genau dat hu mer an der Intérieurskommissioun wéi scho gesot, virbereet, a mir hunn eis vum Minister respektiv vu senge Mataarbechter soe gelooss, wéi wäit de Fortgang vun deenen Aarbechten de Moment ass.

Ech erënneren drun, datt den IVL déi éischt landesplaneresch a raumgestalteresch Visioun an der Geschicht vun eisem Land ass. Et geet also ëm net manner, wéi méi Kohärenz an der Organisatioun vun eisem Land ze kréien. Ech erënneren och drun, datt den IVL d'Suite ass vun enger Démarche, déi am Programme directeur ugaangen ass, a well den IVL och hëllefe kann, d'Zilsetzunge vun deem Programme directeur, un dee mer eis gutt erënneren, iwwert dee mer och Débaten haten, ëmzesetzen.

Engersäits ass den IVL e strategescht Instrument bei der Analys vun deenen ënnerschiddlechen Entwécklungsméiglechkeeten, an anerersäits awer och en Aarbechtsinstrument ebe bei der Ofstëmmung vun de sektorielle Pläng. E stellt och de Kader duer fir zukünfteg regional a kommunal Zesummenaarbecht an Entwécklungspläng.

Doriwwer eraus soll den IVL och dozou déngen, an dat ass fir mech ganz wichteg, en integratiivt Denken ze pushen, besonnesch an de Käpp vun de Leit an um Niveau vun den Décideuren op allen Niveauen.

Déi dräi wesentlech Funktiounen - wunnen, schaffen, mobil sinn - ginn am IVL an deem Mooss openeen ofgestëmmt, datt sech aus der Ëmsetzung vun deem Konzept manner Verkéier soll ergi respektiv d'Aarbechtsplaze sech do erëmfannen, wou öffentlechen Transport stattfënnt, respektiv wou déi meeschte Leit wunnen. Zukünfteg Wirtschaftszonen a Betribsgrënnunge sollen do an d'Liewe geruff ginn, wou sech och déi noutwendeg Infrastrukture befannen, wéi gesot virun allem den öffentlechen Transport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng wichteg Stäip am IVL stellen déi zukünfteg regional a virun allem sektoriell Pläng duer, an deene sech genau eben d'Objektiver vum IVL erëmfannen. Den IVL verlaangt, wéi gesot, d'Ausschaffe vun deene sektorielle Pläng an deene véier Haaptberäicher. Den IVL mécht och konkret Aussoen, wéi mer an de kommende Joren eis Politik am Beräich Wunnengsbau, Verkéier, Landschaftsgestaltung a Landschaftsentwécklung gestalte kënnen. Ënner anerem setzt en awer, an dat ass e ganz wichtege Punkt, op d'Komplementaritéit tëschent Stad a Land - Land als ländleche Raum.

En trëtt däitlech, an dorop kommen ech nach zréck, fir déi regional an interkommunal Zesummenaarbecht an, a setzt sech fir eng nohalteg Verkéiersentwécklung, duerch d'Kopplung vun der Siedlungsentwécklung an der Entwécklung vum Schinnennetz, an. De verstäerkte Réckgréff op den öffentlechen Transport ass e ganz ganz wesentleche Schwéierpunkt. A puncto Verkéier kann den Undeel vum öffentleche Verkéier nëmmen op 25% gehuewe ginn, wa gläichzäiteg Restriktioune fir den Autosverkéier kommen.

Et gëtt och ënner anerem virgeschloen, schonn am IVL an och elo an deem neien Aktiounsplang, eng restriktiv Parkraumpolitik ze maachen. Dobäi komme Verbesserunge fir de Foussgänger an de Vëlosfuerer, well zu Lëtzebuerg ganz vill kuerz Weeër ebe mam Auto zréckgeluecht ginn. Derbäi kënnt, dat wësst Der, déi extrem héich Motoriséierung zu Lëtzebuerg, déi Problemer schaaft, respektiv d'Erkenntnis, datt d'Grondstruktur vun engem attraktiven öffentleche Verkéier muss um Schinneverkéier baséieren.

Zënter der Virstellung vum IVL virun zwee Joer, gëtt et dann elo - ech hunn et scho gesot - en éischten Aktiounsplang am Kontext Kyoto, dee sech genau där do Problematik unhëlt, mat ënner anerem der Approche vun der Regierung fir der Promotioun vum öffentlechen Transport vis-à-vis vum Stroossebau absolut Prioritéit ze ginn, mat ënner anerem 3 Milliarden Euro Investissementer bis d'Joer 2020, oder och d'Eropsetze vun der Autossteier respektiv d'Erhéijung vun den Accisen um Sprit.

Zum Plan sectoriel „Transports" selwer wëll ech nach soen, datt - de Minister huet et ernimmt - zwee Joer virun der lafender Legislaturperiod ugefaange gouf; an domat si si och am wäitste fort. Spéitstens am éischte Semester 2007 soll en da virleien. Mir hunn e Kapitel, wat sech mat der Groussregioun befaasst, en anert mat dem Impakt vum iwwerregionalen an dem nationalen Transport op d'Lëtzebuerger Land. En anert Kapitel behandelt déi multimodal Plattformen, wou de Lien gemaach gëtt zwëschent de Projete vun der Stad Lëtzebuerg an aneren Transportprojeten - et ass vum Minister scho gesot ginn - um Niveau vun de Gares périphériques, der Gare centrale an och de Garë wéi Belval, Esch-Uelzecht oder Ettelbréck.

An dann ass en anere wichtege Volet dee vun der Mobilité douce, dem net motoriséierten Trafic. Hei sollen d'Prinzipien an de Plan sectoriel opgeholl ginn, déi souwuel op regionalem wéi och op lokalem Niveau en Afloss hunn, eben och, d'Thema ass hei, d'Verbindung vu lokalen an nationale Vëlosweeër. Eng grouss Schwieregkeet stellt an deem Domän hei d'Erausfuerderung duer, natierlech, d'Schinnennetz optimal mam d'Stroossennetz ze verbannen.

Här President, den IVL brécht zum Beispill och eng Lanz fir eng Verdichtung vun eise Bauten. D'Baudichten an eisem Land sinn am Verglach mam Ausland nach ëmmer relativ niddereg. Eis zukünfteg Siedlungsentwécklung muss verstäerkt un d'Infrastrukturen am öffentlechen Transport ausgeriicht ginn. An dat fänkt scho bei der Ausweisung vun neiem Bauland a vun neien Aktivitéiten un. An dëst, mengen ech, ass e wesentleche Kritär, dee bei der Ëmsetzung vum IVL spille muss.

Domat och nach e Wuert zum Plan sectoriel „Logement". Dëse Plang gëtt zesumme mam Ministère du Logement an dem Ministère de l'Aménagement du Territoire ausgeschafft. An éischten Aarbechtsversammlungen, krute mer gesot, goufen dräi Modulë festgeluecht, déi sech un enger Etüd vun 1991 mam Titel „Untersuchungen zum Wohnungswesen in Luxemburg" orientéieren. De Module A mat der sou genannter „Wohnbedarfsprognose" ass aktualiséiert gi mat engem Pronostic fir d'Joer 2020.

En zweete Volet befaasst sech mam Wunnengsbauprogramm. Do gi virun allem d'Froe gestallt: Wat sinn déi regional Bedürfnisser am Wunnengsbau? Wéi hunn dës Besoinë sech an deene leschte Jore gewisen an a wéi eng Richtung muss ee plangen?

De Programm baséiert sech och op d'Donnéeën an op d'Objektiver vum IVL, haaptsächlech fir dat, wat d'Verstäerkung vun den CDAen, déi och schonn ugeschwat goufen, duerstellt. Zu dësem Volet ginn och Pilotprojeten aus dem Ausland analyséiert, fir dem Public nei Wunnengsformen - an dat ass, mengen ech, eng ganz flott Saach - am ländleche Raum virzestellen.

De Knackpunkt vum Plan sectoriel „Logement" besteet dann doranner erauszefannen, wéi een déi erhuewe Resultater mam IVL-Konzept koordinéiere kann. Donieft mussen d'Resultater och nach mam Plan sectoriel „Transports" harmoniséiert ginn.

Dann ee Wuert zum Module C, dee sech mat der Typologie vun de Gemenge beschäftegt. Hei gëtt natierlech d'Densitéit gekuckt, d'Form, den Niveau vum Wunnengsbau.

D'Regierung huet am Kader vun der Virstellung vun den neien Hëllefe fir d'Schafe vu Wunnraum leschte Méindeg duerch den zoustännege Minister däitlech gemaach, datt se an dësem enorm wichtege Beräich nei Weeër goe wëllt - ech erënneren dorunner. An dësem Zesummenhang passen dës Mesurë fir Wunnengsbauprojetë selbstverständlech an déi Problematik vum Wunnengsbau. 4.500 Euro respektiv 6.750 Euro pro Awunner fir d'Gemengen, déi IVL-konform sinn; Ënnerstëtzung mat der Viraussetzung, datt d'Baudicht 25 Wunnenge pro Hektar ausmécht.

Da begréisse mir och, datt am Kontext Baulandspekulatioun eng Virgab gemaach ginn ass, d'Méiglechkeet fir d'Gemengen eng Tax ze erhiewen, wann een Terrain während dräi Joer broochlouch. Ech erënneren op dëser Plaz, dat ass eng Aart ceterum censeo, datt mer schonns 2003 eng Motioun hei gestëmmt hunn, fir eng Reform vun der Grondsteier,…

(Interruption)

…déi nach ëmmer op sech waarde léisst. Och iwwert déi Reform hätt een d'Méiglechkeet kritt, fir d'Baulandspekulatioun erofzedrécken.

Ech wollt dann och dem Minister déi Fro stellen, quitte datt déi deel-

weis scho virdru beäntwert gouf: Et ass jo dann esou, datt déi 6.750 Euro fléisse fir Gemengen, déi IVL-kompatibel sinn. Ech wollt wëssen, ob et keng weider Kritären da géife fir déi Gemengen, déi eben net als IVL-kompatibel gëllen, déi 4.500 Euro kréie sollen, also Kritären am Kontext Aménagement du Territoire.

Här President, eng aner Fro: Wou schaffe mer an Zukunft zu Lëtzebuerg? Dorop soll de Plan sectoriel vun de Zones d'activités eng Äntwert ginn. Dëse Plang gesäit véier grouss Bléck vir. Ech ginn net an den Detail an. Just esou vill, datt op der Basis vun den PAGen - an dat ass wichteg, well d'PAGen an där neier Philosophie jo déi Méiglechkeet virginn - en Inventaire vu sämtlech existéierende Fläche fir Aktivitéitszone gemaach gëtt, also national, regional an och kommunal Zonen. Mat der Ënnerstëtzung vum Statec ginn dann Donnéeën zu den Aarbechtsplazen, déi mat de Zones d'activités zesummenhänken, aktualiséiert.

En zweete Block besteet aus der Auswäertung vun ebe genau deenen Donnéeën do. Och hei erëm d'Froestellung: Wéi eng Surfacë gi benotzt a wéi eng sinn disponibel? Wou leie se? Leie se op deenen, ech soen emol, adequate Plazen, am Sënn IVL? An ëm wéi een Typ vu Surfacen handelt et sech do? D'Analys wäert och de Volet vun de Steierrecetten do berücksichtegen, a kucke wéi eng Zone d'activités steierlech am rentabelsten ass.

An enger drëtter Phas ginn déi wirtschaftlech Tendenzen an Noutwendegkeete festgeluecht mat Froe wéi: Wat brauche mer fir kompetitiv ze sinn? Respektiv: Ass eng Konkurrenz tëschent de Gemengen, wat den ICC betrëfft, nach néideg?

Véiertens, an engem leschte Block soll dann och entspriechend e Plang ausgeschafft ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Vläicht nach zwou, dräi Remarquen zu deem Plan sectoriel. Vu datt eis Ekonomie sech ëmmer méi a Richtung Déngschtleeschtungssecteur entwéckelt, sollen d'Zones d'activités net nëmme fir Industrie a Commerce genotzt ginn, mä eben och fir eng Utilisation mixte do virgesinn.

Dann, wat déi nei Flächen ugeet, gëtt gekuckt, datt se de Mobilitéitsan och Aktivitéitskritären entspriechen. An doriwwer eraus, e wichtege Punkt a mengen Aen, solle verschidden eventuell géigeleefeg Intérêtë vun dem Environnement an dem Wirtschaftssecteur matenee considéréiert ginn an e Kompromëss iwwert d'wichteg Surfacen och fonnt ginn.

Dat Argument bréngt mech dann op deen nächste Plan sectoriel, nämlech dee vum Schutz vun de grousse Landschaftsensemblen zu Lëtzebuerg. Dëse Plang muss fir d'éischt an Aklang bruecht ginn, selbstverständlech, mam neien Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004, dat eben d'Opsetze vun engem nationale Plang - Dir wësst jo, dat ass nei - zum Schutz vun der Natur an de Landschafte virgesäit. Dëse Plang soll - et ass virgesinn am Hierscht vun dësem Joer - virgestallt ginn an national Schutzzonen och do ausweisen.

Dëse Plan sectoriel soll selbstverständlech net d'Naturschutzgesetz ersetzen, mä d'Lücken opfëllen an der Koordinatioun mam Aménagement du Territoire. Den Haaptakzent läit hei - et ass virdrun, mengen ech, scho gesot ginn - um Schutz vun de Landschaften, net a priori um Schutz vun der Natur.

D'Zil ass, bannen zwee bis zwee an engem hallwe Joer e Plan sectoriel auszeschaffen, deen op zwee wichtege Pilierë berout, nämlech deen op der Evaluatioun vun de Landschafte vum ganzen Territoire an - dat ass och e wichtege Punkt - op enger Vocation récréative vun eise Landschaften, déi mer an d'Fräizäitgestaltung mat abanne wëllen.

Här President, en vue vun 116 Gemengen an dësem Land an och am Kontext vun der ablacklecher raumgestalterescher Struktur zu Lëtzebuerg, war an ass et fir eis als CSV-Fraktioun kloer, datt een d'Ëmsetzung vum IVL muss differenzéiert kucken. Ech erënneren drun, datt och den IVL selwer dat suggéréiert huet, andeems datt en d'Land an dräi grouss raimlech Konzepter andeelt, an zwar déi ländlech geprägte Regiounen, déi sou genannte Landschaftsstad, an och d'Nordstad. Dernieft schwätze mer - an ech wollt och e Saz dozou soen - laut Programme directeur vu sechs Planungsregiounen, déi iwwert d'Land verdeelt ginn. Zu de Plans régionaux och vläicht just zwee, dräi Sätz.

D'Gesetz vun 1999 gëtt do relativ wéineg Prezisiounen a weist op e Reglement hin, wat et awer nach net gëtt. An de leschte Jore sinn awer um Terrain eng Rei Saache geschitt, notamment am Süde vun eisem Land, mam Pro-Sud, dann éischt Démarchen. Net méi spéit wéi muer ass eng éischt Réunioun an der Regioun Nordwesten, Réidener Kanton an Naturpark Uewersauer plus Wolz a Géisdref. An an deene Pläng solle selbstverständlech, dat ass kloer, d'Charakteristike vun där jeeweileger Regioun besonnesch ervirgehoff ginn, an déi regional wichteg Domänen am Plan régional sinn an dräi Voleten opgedeelt, nämlech d'Siedlungsentwécklung, d'Natur an d'Landschaften an drëttens d'Infrastrukturen, woubäi natierlech den Haaptakzent och hei um Stroossen- an um Schinneverkéier läit.

A puncto Règlement grand-ducal gëtt de Plan régional an Zukunft op dräi Niveauen ausgeschafft: déi méi raimlech Visioun; dann dee juristesch noutwendegen Deel, deen ënnersträicht, datt e Regionalplang net déiselwecht Prezisioun wäert hu wéi e PAG, dat ass logesch; an drëttens och d'Ausschaffung vun enger gewëssener Zuel vu regional bedeitende Projeten.

Här President, wat elo d'Aarbechte vun eiser Kommissioun ubelaangt, hu mer de Bilan plans régionaux, plans sectoriels, dee mer vu Säite vum Ministère gemaach kruten, unhand vu sechs Stéchwierder, vu sechs Themeberäicher analyséiert, a gläichzäiteg gouf opgrond vun deenen haaptsächlech sechs Punkten do an op Wonsch vun de Kommissiounsmemberen eng Motioun ausgeschafft, déi ech heimat déposéieren an och kuerz virstelle wëll.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu'il est nécessaire d'associer les communes à la mise en œuvre de l'IVL („Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept"), notamment au niveau des plans sectoriels, et qu'il est indispensable de sensibiliser et de conseiller les représentants communaux dans le domaine de l'aménagement et du développement du territoire;

- considérant qu'il est essentiel pour le bon développement des régions de disposer du personnel professionnel formé de manière à faire bénéficier les régions de leur savoir-faire spécifique dans le domaine de l'aménagement du territoire au niveau national et européen;

- considérant qu'il est important de disposer de structures régionales performantes subventionnées du moins en partie par des fonds régionaux;

- considérant qu'il est nécessaire d'optimiser la coordination et coopération interministérielle dans le cadre de l'élaboration des plans directeurs sectoriels;

invite le Gouvernement

- à développer des stratégies de consultation et d'information informelles permettant de mieux informer et conseiller les communes en ce qui concerne la mise en œuvre du programme directeur et de l'IVL à l'échelle régionale voire locale;

- à organiser des réunions informelles de manière à informer les communes et régions ainsi que la société civile en fonction de l'avancement des planifications sur les orientations et les conclusions des plans directeurs sectoriels préalablement au lancement de la procédure de consultation formelle prévue par la loi;

- à promouvoir la coopération et la coordination régionale par la création d'un fonds régional et en soutenant les régions d'aménagement à se doter de structures de coopération et de management régional efficaces en se basant sur les entités existantes comme les syndicats régionaux à vocation multiple (Syndicat Pro-Sud, Syndicat „Réidener Kanton", Parcs Naturels, e.a.) ou sur l'idée des «Établissements publics de coordination régionale»;

- à soumettre au Parlement le «Cadre de Référence Stratégique National» en matière d'aides communautaires avant sa communication à la Commission européenne en juillet 2006, de manière à optimiser les moyens d'action régionaux;

- à renforcer davantage la coordination et coopération interministérielle dans le cadre de l'élaboration des plans directeurs sectoriels;

- à assurer de manière conséquente l'intégration de la dimension territoriale dans toute décision stratégique nationale ayant un impact direct ou indirect sur l'organisation du territoire, notamment en ce qui concerne le logement, les zones d'activités, la préservation des grands ensembles paysagers et forestiers, les infrastructures publiques et les transports;

- à réformer la loi du 21 mai 1999 concernant l'aménagement du territoire de manière à permettre une meilleure articulation entre les différents niveaux de planification lors de l'établissement des différents plans.

(s.) Marco Schank, Alex Bodry, Emile Calmes, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, Camille Gira.

M. le Président.- Merci.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Fir d'éischt e Sujet, deen d'Gemenge scho laang interesséiert, deen d'Regioune laang interesséiert, dat ass de sou genannte Fonds régional, deen dann och definitiv zënter zwee Joer am Regierungsprogramm figuréiert an deen och an de Concept intégratif fir eng territorial Reform, deen de Landesplanungs- an Innenminister viru kuerzem virgestallt huet an där Spezialkommissioun, opgeholl ginn ass.

An dëser Motioun erënnere mer drun, datt d'Schafe vun esou engem Regionalfong enorm wichteg ass fir d'Promotioun vun enger regionaler Kooperatioun an och Koordinatioun, dëst virun allem am Kontext fir d'Ënnerstëtzung vun de Planungsregiounen. An hei huet d'Kommissioun och däitlech gesot, datt een esou Strukture brauch, a mir hunn eis d'Fro natierlech gestallt, wéi déi regional Strukturen, déi den Haaptinterlocuteur vun der Regierung beim Ausschaffe vu Plans régionaux sinn, sollen ausgesinn.

An der Motioun si mer der Meenung, datt ee sech op bestehend Entitéite soll baséieren, zum Beispill de Pro-Sud, oder, ech hunn et virdru scho gesot, op ee Réidener Kanton, op Naturparken an aner Syndikaten, déi eng Vocation multiple hunn, respektiv op d'Iddi, déi vum zoustännege Minister koum, vun deene sou genannten EPCRen, d'Établissements Publics de Coordination Régionale, déi och am Kader vun deem Concept stratégique do ernimmt ginn.

Mir proposéieren dernieft d'Gesetz vun 1999 iwwert den Aménagement du Territoire unzepassen, fir eng besser Artikulatioun tëschent de verschiddene Planungsniveauen. Ech mengen, dat ass wesentlech, wann elo déi verschidde Pläng opgestallt ginn, datt een net stänneg selwer do eng Brems ass, datt ee sech net selwer am Wee steet an entspriechend Bremsen entsti bei der Weiderëmsetzung vun de Pläng.

Zu enger effikasser Regionalentwécklung gehéiert ouni Zweifel och e professionelle regionale Management. En Dadda vun deene Leit, déi sech fir Regionalentwécklung an der Vergaangenheet agesat hunn. D'Virdeeler vun enger haaptamtlecher Betreiung leien op der Hand. Ech mengen, datt nëmmen esou wierklech professionell ka Regionalentwécklung gemaach ginn. Mir gesinn et um Beispill vun deene LEADER-Aktivitéiten a vun aneren Aktivitéiten iwwert déi lescht Joren. An esou regional Managerinnen a Manager hëllefen och - an dat hu mer och an der Vergaangenheet erlieft - op europäeschem Niveau, Weeër ze fannen, fir Fongen ze notzen, wou Suen disponibel si fir virun allem ländlech Regiounen.

Domat si mer am Kontext vun der regionaler Promotioun op europäeschem Niveau. Hei hu mer gemengt, datt méi Transparenz misst an Zukunft entstoen, fir datt d'Regiounen eben déi besoten europäesch Fonge besser notze kënnten. D'Regierung ass an dësem Beräich amgaang, eng Strategie auszeschaffen, dee sou genannte Cadre de Référence Stratégique National, deen der Europäescher Kommissioun bis Juli 2006 muss virgeluecht ginn, a mir froen an der Motioun, datt d'Chamber virdrun Abléck an dëse Pabeier ka kréien.

Dee wichtegste Punkt, dee mer an der Kommissioun diskutéiert hunn an deem mer e ganz grousse Poids an der Motioun ginn, dat ass dee fir d'Gemenge beim Ausschaffe vun deene sëlleche Pläng, besonnesch de Plans sectoriels respektiv dem Ëmsetze vum IVL, ze associéieren. Net nëmmen, datt d'Gemenge solle sensibiliséiert gi fir d'Virdeeler vun enger regionaler Zesummenaarbecht, net nëmmen, datt se sollen informéiert ginn iwwert de Fortgang vun der Planung, mä virun allem och, datt se berode ginn, wa se selwer amgaang sinn - an dat wäert elo dann och de Fall sinn -, verstäerkt Projeten am Wunnengsbau ze realiséieren, Zones d'activités eventuell auszeschaffen oder wëllen ausschaffen. Alles dat, mengen ech, spillt eng Roll am Kontext och vis-à-vis vun der paralleller Ausschaffung vun deene Pläng.

Well a ville Gemengen dat lescht Joer, den 9. Oktober, nei Leit an d'Gemenge gewielt goufen, déi deelweis kaum mam Sujet Aménagement du Territoire konfrontéiert goufen, wëllen déi Responsabel vum Ministère - an dat fannen ech eng gutt Saach - an de kommende Méint an déi sechs Planungsregioune goen, fir um Terrain gewëssermoossen Opklärungsaarbecht ze maachen. Déi Iddi ass an eiser Kommissioun gebuer ginn. Ech froe mech och, ob et net vläicht wéinst der Visibilitéit gutt wier, wann een eng konkret Ulafstell hätt vis-à-vis vun de Gemengen, fir deene Besoinen un Informatioun, u Berodung kënnen ze entspriechen.

Da wollt ech och soen, datt d'Acteuren um nationalen Niveau - d'Société civile, besonnesch awer d'Gemengen - net däerfen den Androck kréien, datt se et mat enger Landesplanung ze dinn hätten, déi vun uewen erof geschitt. Ech mengen, datt Partnerschaft hei d'Zauberformel ka sinn. An deem Kontext wëll ech op ee spezielle Problem hiweisen:

Am Lëtzebuerger Planungssystem hunn d'Gemenge jo gewëssermoosse Planungshoheit. Ëmsou méi ass eng Verzahnung an der Planung tëschent Gemengen, Regiounen a Stat enorm wichteg, wéi et zum Beispill dat neit Bebauungsgesetz virgesäit, wou an der Étude préparatoire virgesinn ass, datt ee muss nationalen a regionale Komponente Rechnung droen.

An deem Kontext wollt ech och e Problem ernimmen, dee mer an der Kommissioun kuerz ugeschwat hunn, dat ass dee vum zäitlechen Auserneendrifte vun Theorie a Praxis. Mir wëssen, datt een déi Pläng net vun haut op muer realiséiere kann. De Minister huet et gesot: Bis d'Joer 2008 wäert et daueren, ausser dem Plan sectoriel „Transports", deen éischter fäerdeg ass, bis déi Pläng virleien.

De Moment gëtt et awer, Dir wësst dat, enorm vill Gemengen, déi en neie PAG wëllen opstellen. Opgrond vun deenen neien…

Plusieurs voix.- Mussen! Mussen!

M. Marco Schank *(CSV)*.- …mussen opstellen. Bon, si kënnte jo och nach waarden, mä si mussen et an deenen nächste Jore maachen iwwert dat Gesetz vum Aménagement communal. Do wier et natierlech sënnvoll, wa se deen noutwendege regionale Kader scho wéissten, wa se déi PAGen opstellen.

A grad do ass jo am Fong, dat ass eng nei a wichteg Errungenschaft vum Gesetz vun 2004 respektiv 2005, datt, ech hunn et scho gesot, national, regional Iwwerleeunge mussen an déi PAGen afléissen. Dat ass awer kee Virworf un den zoustännege Ministère, well ech weess, datt se mat enger ganz dënner Personaldecke musse schaffen. Si maachen dat mat deene wéinege Leit, déi se hunn, extrem gutt. Perséinlech sinn ech duerfir der Meenung, datt grad dëse Schlësselministère méi Leit misst kréien, fir dës Aarbecht an Zukunft verstäerkt ze maachen.

Wichteg wier et awer och, datt duerch eng verstäerkt Bedeelegung vun de Gemenge laangfristeg Konzepter a Projeten elo schonns hiren Nidderschlag an deenen neie PAGen an domat an der aktueller Politik géife fannen.

Just ee Saz och zu deem Pabeier vum Mouvement écologique vum leschte Méindeg. An engem Punkt ginn ech hinne Recht, wou se soen, datt Akzeptanz fir Projeten doduerch entsteet, wann ee Leit participéiere léisst. Derbäi kënnt a mengen Aen, datt d'Bedeelegung vun allen Acteuren och d'Viraussetzung verbessert, datt d'sektoriell Pläng, wa se da fäerdeg sinn, wa se Force de loi kréien, och an der Breet vun de Gemenge respektiv de Regioune matgedroe ginn. Ech mengen och, datt grad duerch konkret Projeten, wéi se elo am Wunnengsbau ugeduecht sinn, d'Gemenge fir eng Planung iwwer hiren Tellerrand eraus an domat fir d'regional Zesummenaarbecht ze gewanne sinn. Dat weist sech och duerch dat positiivt Ophuele vun de Gemengen insgesamt, wat déi Wunnengsbaumoossnamen do ubelaangt.

E weidere positiven Aspekt a mengen Ae vun enger staarker Partizipatioun vun de Gemengen un der Regionalplanung an um IVL-Prozess dréckt, mengen ech, d'Gemengen éischter positiverweis a Richtung vu Gemengefusiounen, an ech mengen, datt se och op déi Manéier léieren, datt dann an Zukunft méi effikass ka geschafft ginn.

Här President, ech erënneren drun, datt d'Experten am Kader vum Ausschaffe vum IVL - ech erënnere

mech dorunner - virun zwee Joer drop higewisen hunn, datt et ganz wichteg schéngt, zwou Saachen ze berücksichtegen. Engersäits muss d'Kooperatioun tëschent de Ministèrë verstäerkt ginn, an anerersäits muss d'Kommunikatioun mat der Öffentlechkeet verdéift ginn, well dëst essentiel wier fir e Succès vun deem ganze Prozess.

An der Motioun weise mer genee op dee Punkt vun der interministerieller Kooperatioun a Koordinatioun beim Ausschaffe vun de Pläng hin, well mer an der Kommissioun awer e bëssen eraushéieren hu vun de Mataarbechter vum Aménagement du Territoire, datt grad dës esou noutwendeg Zesummenaarbecht net ëmmer ganz einfach ass.

Här President, ech kommen zum Schluss. D'Preparéiere vun der IVL-Debatt an der Intérieurskommissioun; zweetens d'Réforme territoriale an der Spezialkommissioun mat am Moment den Diskussiounen iwwert d'Kompetenzopdeelung Stat/Gemengen; drëttens d'Presentéiere vun de sëlleche Mesuren am Kontext Wunnengsbau; véiertens d'Virstellung vun de Mesuren am Transportberäich am Kader vum éischten Aktiounsplang Kyoto; fënneftens d'Gemengen, déi hir PAGen nei maachen; sechstens d'Ausschafung eben elo vun de sektorielle Pläng an och no an no vun de Regionalpläng - alles dat muss au fur et à mesure matenee vernetzt ginn.

Domat wollt ech zum Schluss ënnersträichen, datt mer eng Strategie brauche vum zäitlech Openeen-Ofstëmme vun deene verschiddene Prozesser, dann och eng Strategie vu Verzahnung vun deene sektorielle Mesuren, a virun allem de sektorielle Pläng, fir eng wierksam an integréiert Ëmsetzung vum IVL an domat Lëtzebuerg fir déi nächst Jorzéngte fit ze maachen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Schank. Här Schank, ech maachen lech drop opmierksam, datt eng Ënnerschrëft feelt.

(Interruption)

Merci.

Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de kuerze schréftleche Rapport vum Här Schank - fir deen ech e wëll félicitéieren, well en zum Schluss dach awer, mengen ech, alles op de Punkt bréngt - zitt eng fir de Minister dach awer zimlech negativ Bilanz iwwert den Ëmsetzungsprozess vum IVL, op d'mannst wat d'Erstelle vun de véier sektorielle Pläng ugeet. Dat zwee Joer nom éischten Débat doriwwer hei an der Chamber, entgéint deem, wat den deemolegen Innenminister gesot huet, nämlech datt déi Äntwerten op déi vill Froen, déi deemools den 22. Abrëll 2004 gestallt gi sinn, awer och net eréischt an dräi bis véier Joer komme kënnen.

De Rapport wërft a sech nei Froen an nei Problemer op, wéi mer sollen oder hätte solle virgoen. E liwwert nach ëmmer keng praktesch inhaltlech Äntwerten, an an enger Motioun, déi ech dach als relativ kritesch betruechten, ginn awer Äntwerten organisationeller oder prozeduraler Natur ginn. De Rapport a sech selwer verléiert och kee Wuert driwwer, wéi soss am Allgemengen d'Iddië vum IVL, dee bis elo jo nach ëmmer keng legislativ Basis huet, vun deene verschiddene Regierungsmembere berücksichtegt gi sinn.

An der Press de Moie konnt een allerdéngs liesen, datt et domat net déck steet, an elo de Mëtteg ass d'Sonn awer e bëssen opgaang. Finalement kann een alles am IVL ënnerdaach kréien!

Am Allgemengen huet een d'Impressioun, datt - Wéi soll ech soen? - den IVL dem Usproch vu sengem visionäre Charakter iergendwou net méi gerecht gëtt. Et gëtt net méi dat Ganzt gekuckt, mä et verléiert ee sech an deene prozeduralen Detailer, de Rivalitéiten tëschent de Ministèren a leschten Enns och tëschent de Ministeren.

De flotte sëffegen Humpen, dee mer virun zwee Joer zerwéiert kritt hunn, deen déi eng wollten direkt genéissen, déi aner am léifsten awer ex gedronk hätten, ass verläscht an elo wëllt keen e méi esou richteg, an e gëtt vu jidderengem stoe gelooss. Ech hoffe just, datt en net ausgeschott gëtt, dofir wier en awer ze schued.

Den Här Juncker seet an der Ried zur Lag vun der Natioun, awer och nëmmen esou niewebäi, datt et den IVL nach ëmmer gëtt. Den Här Lux schéngt Gefalen un dësem IVL fonnt ze hunn; fir den Här Boden ass den IVL keng Bibel, wat en och net ass; den Här Krecké gesäit mat dem IVL alles net esou enk, an den Här Wolter selbstverständlech wëllt natierlech säi Bëbee, deen en als Nach-Minister op d'Welt gesat huet, net opginn, an ackert dofir monter schéi virun an der IVL-Kommissioun bis, der Spezialkommissioun iwwert d'Réorganisation territoriale, wou sech natierlech d'Fro gestallt gëtt, wat de Stat an d'Gemengen an Zukunft kënnen, sollen, däerfe maachen.

Ee Sujet, deen och zum IVL gehéiert, ass: Et stellt sech d'Fro, ob den IVL gläich Réforme territoriale ass, oder ob den IVL an d'Réforme territoriale nach eppes ganz Verschiddenes sinn.

Eng Fro, déi ëmmer erëm gestallt gëtt, ass déi, ob déi 116 Gemengen déi gëeegent Strukturen hunn oder sinn, fir den IVL unzegoen, an dat ëmzesetzen, fir dat si zoustänneg sinn, mam Zil, wéi am Concept intégratif pour une réforme territoriale et administrative am Grand-Duché virgesinn, Gemengen ze fusionéieren, an dat ass awer alles anescht wéi vun haut op muer ze realiséieren. Nach ni ass sech d'Fro a sech gestallt ginn, ob de Stat oder méi speziell d'Regierung da gutt strukturéiert ass, fir den IVL unzegoen.

Hu mer net ze vill Ministeren an ze mann Statssekretären? Mussen net eng Partie Ministèren zesummegeluecht ginn an/oder anerer ofgeschaf ginn, oder neier bäikommen?

Mir stellen eis och d'Fro net, ob d'Administratioune richteg outilléiert sinn, fir déi Aufgaben hei unzegoen. Mä IVL an territorial Reform hin oder hier, mir brauchen d'Äntwerten, fir ze definéieren, wéi mer muer an dësem Land liewe wëllen a kënnen.

Dofir muss een e Bléck fir dat Ganzt erëmkréien, a vläicht emol méi bescheiden usetzen, fir dann eppes méi Grousses an Ugréff ze huelen. Konkret Projeten um Terrain bréngen an der Praxis oft méi wéi theoretescht Geplänkels. Et huet een d'Impressioun heiansdo, speziell an der Spezialkommissioun, mir géife wëllen alles matenee léisen. Mir sollen eis ëmmer drun erënneren, datt Roum och net an engem Dag gebaut ginn ass, a loosse mer och net vergiessen: Qui trop embrasse mal étreint.

Dofir kann de Bilan, dee mer haut maachen, och keen iwwert déi inhaltlech Wäerter sinn, mä eng Diskussioun doriwwer, wéi mer wat, mat wiem, wéini eppes Konkretes kënnen erstellen, an d'Motioun seet deem Minister dann, wat ee soll maachen oder villméi, wat ee vläicht och hätt solle maachen.

De Rapport ass haaptsächlech e Résumé vun de Schwieregkeeten, déi envisagéiert sektoriell Pläng ze erstellen. Déi meescht sektoriell Pläng stinn nach - an dat ernimmt de Rapporteur ganz richteg - an de Kannerschong. Bei deenen engen ass den interministerielle Grupp nach net zesummegestallt, anerer beroden, wéi se prozedural virgoe sollen, an iwwerhaapt, wéi esou e sektorielle Plang ausgesi soll. Wat ass säin Opbau, wat kënnt dran, wat kënnt an dee jeeweilege Règlement grand-ducal? Froen iwwer Froen, déi eng Äntwert verlaangen, awer keng erginn.

Elo zwee Joer nom Virstelle vum IVL muss ech iwwerhaapt d'Fro stellen, ob mer dann den IVL op der Schinn hunn oder net, fir deem, wat dee fréieren Innenminister gesot huet, gerecht ze ginn.

Da gëtt och vun de Schwieregkeete geschwat - et ass schonn hei ernimmt ginn -, déi um Niveau vun der Zesummenaarbecht zwëschent de Ministërë bestinn. Dat ass d'ailleurs och den Haaptgrond oder d'Haaptargument, fir d'Gemengen net an d'Aarbechte mat anzeschléissen. „Bleift elo emol wann ech glift e bëssen ewech, mir ginn ënner eis selwer net eens." Dat ass de Motto. Dat kann et, mengen ech, awer net ginn, fir d'Zukunft vun dësem Land hei ze organiséieren.

An duerfir weist de Rapport zu Recht zum Schluss drop hin, datt mer säit 1999 e Landesplanungsgesetz hunn, wat awer net ëmgesat ass a wat Regionalpläng virgesäit, déi vun interkommunale Syndikater hätte sollen erstallt ginn. De Rapport weist awer och um Enn op den Interface vun de regionale Pläng an de sektorielle Pläng hin, schwätzt vu Fonds régional, vun engem Manager régional, vu grenziwwerschreidender Kooperatioun, a finalement vun der Association des communes, Här Schank, an net vu Fusiounen.

Ech freeë mech, datt mer elo an eiser Regioun - an den Här Schank, de Rapporteur, huet dat schonn hei ernimmt -, der Regioun Nordwesten, endlech do ukommen, esou e Regionalplang unzegoen. Ech si frou, datt déi erausgesicht ginn ass. Bei eis ass dat och méi einfach ze realiséieren, well an der Vergaangenheet de Syndikat vum Réidener Kanton, grad wéi och de Syndikat vum Naturpark, den IVL schonn zënter 15 Joer applizéieren, ouni dat ze brauchen. Datt et méiglech ass mat de Gemengen dat Ganzt zesummen ze maachen, hunn déi do alleguer bewisen, ganz am Sënn vun deem, wat schonn am Plan d'aménagement général du territoire virgesi war.

Duerfir, mengen ech, muss een, ier een d'Entwécklungstheorie IVL, wéi den Här Wolter den IVL deemols genannt huet, ëmsetzt, d'Landesplanungstheorie ëmsetzen, an déi virgesinne Regioune mat deenen néidege Strukture schafen, an déi, déi um Terrain schaffen, mat abannen, dësen déi néideg Leit an déi néideg Finanzen zur Verfügung stellen, an urappe mat schaffen, anstatt sech an neien theoretesche Verfassungen ze verrennen, déi kaum eng Akzeptanz kënne kréien, wa se net mat de Leit um Terrain ausgeschafft ginn.

Ech mengen, mir musse méi Demokratie an dat Spill hei erabrénge wéi Technokratie. Den IVL muss endlech eng politesch Legitimatioun kréien. D'Planwirtschaft vun uewen erof huet meeschtens keen Erfolleg, an et ass nach net esou laang hier, datt d'Faillite vum Sozialismus eis dat bewisen huet. An et ass dat jo och, wat d'Motioun zum Ausdrock bréngt, déi seet, op Grond vun der aktueller Virgoensweis d'Gemengen net vun Ufank u mat anzebannen, well dat iergendwéi net géif goen, well d'Gemengen net kompetent wieren - an dat seet den Här Schank selwer -, d'Päerd vun hanne gesuedelt gi wier. Ee Päerd, wou ech d'Impressioun hunn, wat scho ferm amgaang ass ze hippen, a wat riskéiert no relativ kuerzer Zäit op der Plaz ze trëppelen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dir ditt lech ganz sécher net besser, wann d'Gemengen ausgeschloss ginn. D'Gemengesyndikater fonctionnéiere gutt an hunn op ville Plazen eng Virreiderroll gespillt, wat d'Kollaboratioun vun de Gemengen ubelaangt. Et soll ee pragmatesch an där Richtung virufueren, d'Projeten op deem Niveau sech realiséiere loossen an ënnerstëtzen. Dat bedéngt natierlech och e Reforméiere vum Gesetz iwwert d'Gemengesyndikater. An do sollen och dann endlech déi regional Fongen agesat ginn an deementspriechend opgestockt ginn, fir dat do ze ënnerstëtzen.

Dofir, mengen ech, solle mer dach och endlech ophalen d'Gemengen op de Mordjëss wëllen ze fusionéieren oder ze „communautiséieren" - wéi dat neit Wuert ass -, wou dach schonn esou vill Gemengen op allen Niveauen an alle Beräicher zesummeschaffen.

„IVL ass en Zauberwuert mat dräi Buschtawen", ass emol gesot ginn. Sécher ass et dat net. Et ass och net de Witz vum Jorhonnert, wéi viru kuerzem den Titel vun engem Lieserbréif am „Wort" war. Mä IVL steet effektiv fir „Integrativ", dat heescht d'Noutwendegkeet an Zukunft eng Partie Saachen net méi jiddfereen aus sengem Eck eraus unzegoen, mä gemeinsam ze gestalten. Dat heescht, wéi mer zesumme wëlle liewen, schaffen an eis bewegen, net méi aus renger Landesplanungstheorie - Awer och! -, mä aus enger Entwécklungstheorie eraus. Dat ass natierlech méi séier gesot wéi gemaach.

D'Tatsaach aus der Theorie, den Noute Musek ze maachen, erweist sech dann och als relativ schwiereg. Dat seet op d'mannst de Rapport. An déi zoustänneg Motioun invitéiert d'Regierung hei Remedur ze schafen. Duerfir kënne mer déi Motioun och hei ënnerstëtzen, Här President.

D'Fro bleift, ob déi Responsabel, an dat ass sécher den Innenminister net eleng, d'Ambitiounen, de Wëllen hunn déi getrëppelt Pied ze verloossen an dat, wat den IVL erfuerdert, ze realiséieren. An der Zwëschenzäit huet den IVL schonns e puer Joreszäite matgemaach, e schéngt awer d'Fréijoer net esou richteg wëllen ze erliewen. Loosse mer hoffen, datt de Summer fir den IVL besser gëtt wéi d'Fréijoer.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Bodry. Den Alex Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet sech ouni Zweifel vill virgeholl am Beräich Landesplanung. Hire Programm weist dat aus. An och wann déi eigentlech öffentlech Debatt, d'Leit dobaussen, bis elo wéineg ugelaf ass wat den IVL ugeet, kann een op jidde Fall der Regierung, dem zoustännege Minister an och senge Mataarbechter hei bescheinegen, dass se behäerzt un hir Aufgab erugaange sinn an deene knapp zwee Joer, zënter dass déi nei Regierung a Funktioun ass.

Den IVL ass e politescht Dokument. Et ass eng Prezisioun vum Programme directeur. Et weist konkret a ganz ville Beräicher aus, wéi d'Entwécklung an deene wesentleche Punkte vun der Besiedlung, vum Transport, vum Wunne soll ausgesinn an deenen nächste Joren hei zu Lëtzebuerg. Et ass allerdéngs en Dokument, iwwert dat ni ofgestëmmt ginn ass. Mir haten eng Debatt hei viru bal genau zwee Joer ouni Konklusiounen. Emol keng Motioun ass sengerzäit hei an der Chamber virgeluecht ginn, vu kenger vun de Fraktiounen.

Mä och wann déi Diskussioun iwwert den IVL eigentlech net richteg concluéiert ginn ass, mengen ech, ass et jo och esou, dass d'Landesplanung e Prozess ass an ni mat engem Dokument ophält, mä dass een ëmmer erëm muss Adaptatioune maachen, ëmmer erëm muss nei Daten erafidderen, fir esou eng méiglechst prezis Virausso kënnen ze maachen, wéi d'Entwécklung geet. An entweder dann déi Entwécklung stäerken, ofschwächen oder steieren an deenen eenzelne Beräicher, jee nodeem ob se an d'Gesamtkonzept vun der Entwécklung vum Land erapasst.

Et ass fir mech also keen Drama, dass dat esou ass. Et bleift awer, dass sécherlech och dobaussen nach e groussen Informatiounsdefizit eigentlech besteet iwwert d'Landesplanung, iwwert d'Objektiver vun der Landesplanung an och iwwert den IVL. All déi Punkten, elo prezis déi iwwer sektoriell Planungen, sollen an deenen nächste Léisungen dann och konkret a rechtlech verbindlech zu engem Deel geregelt ginn.

Et ass also do, wou mer mussen upaken, nieft där gudder Aarbecht, déi, mengen ech, an den zoustännegen Officinë vun der Regierung geleescht gëtt. An Zesummenaarbecht och mat externen Experten ass et wichteg, dass mer et elo fäerdeg bréngen déi Diskussioun do aus deem méi klenge Krees vun den Eingeweiten erauszekréien, a wierklech iwwert den interministeriellen Niveau eraus, iwwert déi Debatten, déi mer och an enger Chamber hunn, eraus, eigentlech un d'Acteuren um Terrain ze kréien. Well et si si, déi herno och d'Haaptresponsabilitéit hunn an der Ëmsetzung vun deene Projeten aus deene Planungen do. Duerfir ass et wichteg si och ganz fréi an de Planungsprozess selwer, an net nëmmen an d'Ausféierung vun deene Planungen, mat anzebezéien.

Ech mengen, dës Aktioun ronderëm déi nei Pläng, déi an Ausaarbechtung sinn, déi schreift sech an an eng fortschreitend Unerkennung eigentlech vun der Landesplanung hei zu Lëtzebuerg. De Marco Schank huet e puer Etappe schonn opgewisen. D'Landesplanung, déi um Pabeier zënter Mëtt de 70er Joren hei zu Lëtzebuerg besteet, mä déi eigentlech awer eréischt an den 90er Joren ugefaangen huet e bësse Konsistenz ze kréien, an déi an deene leschte Joren och politesch méi staark gedroe ginn ass vu breede Kräften hei am Land. Dat ass sécher eng ganz positiv Entwécklung an deem dote Sënn.

Ech wëll un d'Gesetz iwwert d'Naturparken erënneren, wou erstmaleg d'Landesplanung konkret, mengen ech, eng wesentlech Kompetenz kritt huet. D'sektoriell Pläng iwwert déi Iwwerschwemmungsgebidder an de Joren 1996-1997, d'Landesplanungsgesetz vun 1999, d'Programmes directeurs 2003, IVL 2004, an dann och déi sektoriell Pläng „secondaires" gi se bezeechent, déi vun de Lycéeën, déi vun de Bauschuttdeponien, déi vun den Antennen am Mobilfunk. Alles dat si ganz wichteg Entwécklungen.

Et ass och, mengen ech, net vun ongefëier, dass sech eng kantonal a regional Zesummenaarbecht gemaach huet. Déi am Süden hunn ech selwer - fir d'éischt als Minister, duerno als Gemengeverantwortlechen - matbegleet. Dat ass e ganz laangwieregen an e schwierege Prozess dat do, dat ass selbstverständlech. Dat wiisst net vun haut op mar, wéi och d'Iddi vun den Naturparke ganz schwiereg ugelaf ass, an nëmme mat de Joren no an no gewuess ass, an d'Akzeptanz och um Terrain méi grouss ginn ass, esou dass haut awer déi doten Instrumenter net méi ewechzedenke sinn aus der politescher an der gesellschaftlecher Realitéit hei zu Lëtzebuerg.

D'Nordstad och, wou ech mat derbäi war déi éischt Sitzung, wou et emol schwiereg war iwwerhaapt e puer Leit vun de Gemengen op eng Sitzung ze kréien, wou elo awer och do, mengen ech, de Fonken iwwergesprong ass, an dass dat net nëmmen elo eng Iddi ass, déi vum Stat aus eigentlech, vu baussen eraus gefördert gëtt, mä déi awer och elo ugefaange gëtt gedroen ze gi vun de gesellschaftleche Kräften aus där Géigend selwer.

An dat ass jo, mengen ech, de wesentleche Punkt. Wann dat Ganzt e künstlechen Opbau ass, eng künstlech Struktur ass, déi u sech net gedroe gëtt vun der Regioun selwer, da muss dat e Fiasko ginn. Duerfir brauch ee selbstverständlech Zäit, mä et soll ee sech eigentlech net découragéiere loossen, och wann dat e bësse méi laang dauert. Och dat fannen ech eigentlech keen Drama, well, ech mengen, dass d'Précipitatioun an där heite Matière och eng schlecht Aart a Weis wär, fir un eng Planung erunzegoen.

Duerfir géif ech hei soen, dass et vläicht keen Drama ass, wann och deen een oder anere Plang vläicht e bësse méi lues virugeet. D'Haaptsaach ass, dass sech awer Zäit geholl gëtt fir mat alle relevante Kräften am Virfeld ze diskutéieren, nozelauschteren, och nei Iddië vläicht mat opzehuelen, ze erklären, ze consultéieren, fir dass herno d'Ëmsetzung ëmsou méi einfach gëtt, wann et dann ëm dat Praktescht an ëm dat Liewegt geet.

Wichteg ass et och, mengen ech - an do ass et d'Landesplanung jo net eleng, déi d'Aufgab huet fir prospektiv virzegoen -, dass mir hei d'Obligatioun hunn eis iwwert d'nohalteg Entwécklung Gedanken ze maachen. Et ass also och wichteg, dass déi Planungen hei an der enker Landesplanung, déi jo méi déi raimlech Komponent ze kucken huet, och ofgestëmmt gi mat aneren inhaltleche Froen, déi sech soss nach stellen.

An do si mer direkt am Beräich vun der nohalteger Entwécklung dran. Et ass also och wichteg an eisen Aen, dass ëmmer erëm betruecht gëtt, dass eigentlech op deeneselwechte Gronddate geschafft gëtt, dass mat deeneselwechten Zeenarioe versicht gëtt d'Entwécklung vun deenen nächste Joren ze plangen, an dass een och probéiert un deeneselwechten Objektiver ze schaffen an deenen eenzelne Planungen. Et ass immens wichteg, mengen ech, dass een dat ni aus den Ae verléiert.

Déi eenzel sektoriell Pläng, regional Pläng mussen natierlech ofgestëmmt ginn am Kader vun der Landesplanung. Mä och aner Planungen, déi an anere Beräicher lafen, mussen, mengen ech, mat hei afléissen an ëmgekéiert, fir dass dat wierklech e Ganzt gëtt a fir dass et eppes Kohärentes ass, wou een och do erëm da probéiert eng Majoritéit vun de Leit op deen dote Wee mat ze kréien.

De Landesplan ass also an deene leschte Jore salonfäeg ginn, dat kann ee soen. An ech muss soen, dass ee sech schliesslech net ka bekloen, dass et un Zukunftsdebatten hei zu Lëtzebuerg géif feelen. Ech hu mech eigentlech ëmmer gewonnert, dass dat nach virun e puer Woche jo verstäerkt hei och an der öffentlecher Diskussioun behaapt ginn ass, elo misst emol méi iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg nogeduecht ginn.

Ech mengen, wat ass dann dat heiten? Wat ass dann déi sektoriell Planung do? Wat sinn déi Regionalpläng? Dat ass dach näischt aneschters wéi iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg nozedenken! Wat sinn déi Debatten, déi mir an der Chamber hei organiséieren an deenen nächste Wochen a Méint ronderëm d'Sécherheet, ronderëm d'Energie? Wat sinn dat dann aner Froe wéi Zukunftsfroen, déi mer wëllen hei gemeinsam diskutéieren an och probéieren, Orientéierung fir d'Zukunft ze ginn.

Ech mengen, mir brauchen eis net esou ze bekloen. Hei ass schonn, mengen ech, eng Prise de conscience do, dass mer méi Planung, méi vernetzte Planung brauchen, och laangfristeg ausgeriicht. Mä ech mengen och do soll een net vun engem Extrem an dat anert falen, an no enger Zäit wou vläicht de Laisser-faire, Laisser-aller, deen de liberale Kräfte sécherlech méi no läit, gewisen huet, dass mer do op Dauer widder eng Mauer lafen, däerf een net mengen, et kënnt een alles am Viraus plangen an et kënnt een alles am Viraus steieren. Ech mengen dat wär en Trugschluss, deen esou falsch wär wéi wann ee wëllt bei deem Alen einfach bleiwen.

Duerfir ass et also och wichteg, dass een do plangt wou et noutwendeg ass, dass ee sech op e puer Schwéierpunkttheme konzentréiert an dass ee probéiert also och do d'Contraintë festzeleeë wou et noutwendeg ass, mä dass een déi awer virdrun, mengen ech, diskutéiert mat deenen, déi herno eigentlech déi Contrainten och auszeféieren hu respektiv ze spiere kréien.

D'Landesplanung muss also weider och en demokrateschen, en transparente Prozess bleiwen an däerf net mat Dirigismus gläichgestallt ginn. Dat schéngt mer e ganz wesentleche Punkt ze sinn, och d'Fro vun der Akzeptanz dobausse vun der Iddi eigentlech vun der Landesplanung. Duerfir muss een also och do scho mat engem gewëssene Fangerspëtzegefill un déi Saachen erugoen, eng gewësse Flexibilitéit och erkenne loossen, an och an deem, wat ee festleet iwwert d'Landesplanung, iwwer och déi eenzel sektoriell Planungen, nach ëmmer genuch Fräiraum loosse fir Flexibilitéit, genuch Fräiraum loossen och fir Adaptatioune virzehuelen, och fir nei Initiativen, och vun ënnen erop, iwwerhaapt zouzeloossen. Dat schéngt mer awer de Schlëssel eigentlech zum Succès vun där ganzer Operatioun ze ginn.

Esou dass ech eigentlech och déi Diskussioun hei als, wéi gesot, eng kleng Etapp bezeechnen an deem grousse Prozess, wou mer zënter Jore mat dran implizéiert sinn an deen och ni eigentlech wäert déi nächst Jore kënnen ophalen. Mir hunn eigentlech als sozialistesch Fraktioun och Vertrauen an dës Regierung, dass se de Wëllen huet, dës Landesplanung net hannert zouenen Dieren…

Une voix.- Dat hätt nach gefeelt, wann Der kee Vertrauen hätt!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …lafen ze loossen, mä dass een awer mat engem oppenen a participativë Geescht eigentlech un déi ganz Froen erugeet an all Décideure wëllt mat abannen an och an öffentleche Foren déi wichteg Weichenstellungen eigentlech matdiskutéiert.

Firwat net systematesch eigentlech op eng Method zréckgräifen, déi besonnesch am Ëmweltschutz an och elo an där sektorieller Planung fir d'Landschaftsschutzgebidder opgegraff ginn ass, dass mer mat Workshoppe schaffen? Dat ass eigentlech eng ganz flott, eng flexibel Method fir vill Acteuren am Virfeld emol ze consultéieren, mat anzespanen, fir esou, mengen ech, och de Prozess am Endeffekt kënnen ze beschleunegen. Da kritt ee manner Blocagë méi spéit an der Prozedur wann ee fréizäiteg probéiert jiddferee mat an dat Boot do eranzehuelen.

Et ass ganz kloer: D'Responsabilitéite bei der Landesplanung leie bei der Regierung. Dat ass eng Prärogativ vun der Exekutiv. Mä et ass selbstverständlech, dass virdrun all déi Institutiounen an och déi Kräfte musse consultéiert ginn.

Véier sektoriell Pläng leien an der Aarbecht. Et sinn eigentlech déi Pläng, déi, géif ech soen, d'Schlësseldomäne vun der Landesplanung ofdecken: Transport, Landschaftsplanung, Gewerbezonen a Wunnengsbau. D'Haaptachse vum IVL-Konzept waren: de Verkéier, d'Siedlung an d'Landschaftsgestaltung. Et fënnt een also praktesch déiselwecht Punkten hei erëm. An ech mengen et ass gutt wann een, ier een op déi eenzel Pläng ze schwätze kënnt, nach eng Kéier sech virun Ae féiert, wat eigentlech d'Objektiver vun der Landesplanung sinn, wéi mer se hei gemeinsam 1999 definéiert hu beim Vote iwwert d'Gesetz vun der Landesplanung.

E wichtegt Element ass dran, an dat war eng politesch Optioun, déi ze huele war: Dat war d'regional Komponent. Et hätt ee sech zu Lëtzebuerg och kënnen eng aner Approche virstellen, dass ee seet: Mir hunn eng Haaptstad, dat ass en zentrale Punkt, deen als Attraktiounspunkt och iwwerregional soll fonctionnéieren, a mir hunn eng Agglomeratioun ronderëm dës Haaptstad. Dat wier eng aner Optioun gewiescht, déi een hätt kënnen an engem klenge Land zumindest huelen.

Hei ware mer eis alleguerten eens, mengen ech, iwwer all Parteigrenzen eraus, dass een dat net sollt maachen, mä dass mer e regionalen Équiliber eigentlech wollten zu Lëtzebuerg sichen, deen eben opgebaut ass op den eenzelnen Entwécklungszentren, déi dann och an dräi verschidde Gréissten agedeelt gi sinn.

D'Objektiv vun der Landesplanung ass et, d'Liewensqualitéit vun de Leit op engem héijen Niveau ze garantéieren, fir optimal Liewensbedéngungen allen Awunner hei zu Lëtzebuerg ze bidden, egal a wat fir enger Regioun dass se am Land hei liewen. Woubäi et och ganz kloer ass, dass Liewensqualitéit sech kann anescht definéieren an engem ländleche Raum wéi an engem städtesche Raum. Mä béides ass Liewensqualitéit.

Wichteg schéngt mer och dat Instrument ze sinn, wat festgeluecht ginn ass net am Gesetzestext selwer, mä wat awer eigentlech de feste Bestanddeel ass vum Programme directeur a wat och den IVL mat iwwerholl huet, dat ass de System vun den zentralen Uerten. Dass mer also hei eng sou genannt - et ass oft belächelt ginn, deen Ausdrock - konzentréiert Dezentralisatioun wëllten hei zu Lëtzebuerg duerchféieren. Dass mer also net eng diffus Dezentraliséierung oder eng diffus Implantatioun vun Aktivitéiten uechtert d'Land maachen, mä dass mer dat geuerdnet maachen an dass mer dat eben opbauen op déi eenzel Centres de développement et d'attraction: Lëtzebuerg, Esch, Nordstad, an dann duerno op déi zwielef aner an deenen eenzelne Regioune vum Land.

Wichteg ass et och wa mer dat wëllen ëmsetzen, dass mer et och fäerdeg bréngen, dann déi regional Strukturen opzebauen, déi eigentlech zu deem dote System gehéieren. Well et kann een net vu Regionaliséierung schwätzen, wann d'Regioun keng Realitéit an der Wierklechkeet ass. Et ass also wichteg, dass sech an de Regioune selwer do Kräfte mobiliséieren, fir déi Strukturen opzebauen, fir d'Identitéit vun der Regioun ze definéieren an iwwer konkret Projeten déi Identitéit no an no ze stäerken an opzebauen.

An ech mengen, dass et och net falsch ass - an de Mouvement huet dat a sengem Pabeier am Virfeld vun dësen Debatten och gesot, an ech deelen eigentlech fundamental déi Meenung -, dass een an de Regioune souguer duerchaus soll Ënnerregioune sech entwéckele loossen, wou d'Zesummenaarbecht scho méi einfach ass, wou d'Identitéit an déi gemeinsam Punkte scho méi evident sinn a wou eng Traditioun scho praktesch besteet, an dass een no an no eigentlech och déi doten Zesummenaarbecht soll sech fräi entwéckele loossen, déi natierlech muss herno amünden an dat Ganzt.

Fir de Süden huet een dee Beräich relativ kloer ofgedeckt. Du hues Esch mat deene Gemengen direkt ronderëm, du hues déi Gemengen aus dem Kordall an du hues eigentlech déi Gemengen am Eck Diddeleng/Beetebuerg - dat sinn eigentlech dräi Ënnerregiounen, déi s de hues. Ech sinn och d'accord, dass een déi net muss festhalen an iergendenger Duerstellung, mä ech mengen do ass eng Entwécklung do, do ass eng gewëssen Zesummenaarbecht, déi sech scho gemaach huet a wesentleche Beräicher, an et soll een déi, mengen ech, och kënne sech entwéckele loossen.

Fir eis Partei ass et och kloer, dass déi regional Strukture mussen eng Emanatioun vun ënne sinn, eng Emanatioun vun de Gemenge sinn, an net eng Delegatioun eigentlech vun uewe sinn, vum Stat erof op den Niveau régional. Ech mengen dat ass an eisen Ae ganz kloer, dass dat muss eigentlech de Wee sinn, dass déi dote Strukturen eigentlech aus der interkommunaler Zesummenaarbecht praktesch entstinn. Esou ass jo eigentlech och de Syndikat Pro-Sud hei am Süden entstanen, wat jo eigentlech am Fong deen eenzege regionale Syndikat ass, deen och der Planungsregioun vun der Landesplanung entsprécht.

Wichteg ass et awer niewent deenen dote Strukturen also, dass mer konkret virukommen an dass mer mat sou genannte Schlësselprojetë virukommen, an dass ee sech eens setzt, d'Gemengen ënnert sech an a ville Punkte mam Stat zesummen, iwwer eng Rei vu Projeten, vun deene jiddereen eigentlech de konkreten Notze gesäit, de Mehrwäert gesäit, deen e gemeinsaamt Virgoen op regionalem Plang bréngt, par rapport zu engem Virgoen, bei deem allgemeng jidderee géif seng eegen Zëppche kachen an an iergendengem Beräich eleng täteg ass.

Dat ass net einfach. Duerfir muss een e puer Projeten definéieren, well et ëmmer Projetë gëtt, an där sech bal déi eng Gemeng, bal eng aner méi staark ëremfënnt. Duerfir muss een also do e Mix maache vun eenzelne Schlësselprojeten, fir ze weisen, wat fir e Plus eigentlech déi regional Zesummenaarbecht do bréngt.

Et ass probéiert ginn elo um Niveau vum Pro-Sud, fir esou Projetë festzeleeën, fir also och kloer do all d'Gemengen eigentlech beieneen ze halen, fir och kloer ze maachen, dass eigentlech jiddereen - ob klenger oder gréisser Gemeng - am Endeffekt ka vun esou enger Zesummenaarbecht profitéieren, wat net evident ass vu vireran, a wou nach ëmmer grouss Retizenze bestinn, fir ganz wäit op deen dote Punkt ze goen, mä do brauch een Zäit an et brauch een Iddien, fir déi dote Schwieregkeeten ze iwwerwannen.

Ech wollt dann elo e puer Remarquë maachen, just aus dem Sënn vun eiser Fraktioun, zu deenen eenzelne sektorielle Pläng, iwwert déi mer jo eigentlech och keng inhaltlech Diskussioun bis elo gefouert hunn, mä vun deene just am Fong matgedeelt ginn ass, a wat fir engem Stadium vun Avancement déi eenzel Planunge sinn, an déi bis elo nach eigentlech an enger Diskussioun sinn, déi ausschliesslech praktesch um Niveau interministeriell gefouert ginn ass.

Wichteg ass et, mengen ech, dass mer, an dat soll eis awer net oflenke vun den eigentleche Pläng selwer, och am Kapp behalen, dass mer fir sämtlech Pläng och eng Rei vun Niewefroen nach musse mattranchéieren, déi domadder zesummenhänken, wéi finanziell Froen, wéi Froen am steierleche Beräich, déi selbstverständlech an enger raumordnerescher Planung eigentlech näischt direkt ze sichen hunn, mä vun deene mer awer wëssen, dass dat einfach begleedend a stützend Moossname sinn, ouni déi et an eenzelne Beräicher net geet, fir dass mer wierklech och um Terrain schnell mat der Ëmsetzung vun deene landesplaneresche Konzepter virukommen.

Duerfir si mer ausdrécklech och dofir a mir hu matgehollef, dass dës Regierung och de Regionalplang an hire Programm mat opgeholl huet. Mir sinn och der Meenung, dass méi Transparenz komme muss an dee ganzen Domän vun der Affektatioun vun europäesche Mëttelen am Beräich vun der Landesplanung. Do muss also, mengen ech, mat offene Kaarte gespillt ginn, an doranner musse mer och als Chamber an als Gemenge méi staark implizéiert ginn. Iwwert déi dote ganz Froen hunn eigentlech bis elo déi verschidde Regierungen traditionell ëmmer gäre ganz eleng diskutéiert an décidéiert.

Beim Wunnen ass et ganz kloer, dass, wa mer déi Wunnengsbauoffensiv vun der Regierung elo wëllen zu engem Succès bréngen, déi muss gestützt ginn iwwer e sektorielle Plang. Ech mengen, dat ass evident, dat eent gehéiert eigentlech mat deem aneren zesummen.

Fir dass all déi Moossnamen och um Terrain gräifen an dass se eigentlech geuerdnet um Terrain och raumordneresch déi richteg Effeten hunn, brauche mer do e gemeinsaamt Virgoen. Mir brauchen also déi Moossnamen, a mir brauchen an absehbarer Zäit och e sektorielle Plang, wat de Wunnengsbau hei zu Lëtzebuerg ugeet. Do ass et ganz kloer, dass an eisen Aen ee muss verhënneren, dass elo als eenzege Saz bei de Leit, bei den Décideuren hänke bleift: „Et muss méi gebaut ginn.", an dass net mat gehéiert gëtt, dass muss differenzéiert gebaut ginn, jee no ländlechem Raum, jee no städteschem Raum, an dass jee nodeem, wat fir eng Funktioun d'Gemeng och a puncto Landesplanung huet, och do aner Kritären ugewannt ginn.

Ech mengen, déi zwee Messagë musse mer gemeinsam un d'Décideuren eriwwer kréien. Et ass natierlech esou, dass de Charakter, d'Identitéit vun enger Uertschaft, vun enger Regioun och muss an deem dote Sënn respektéiert bleiwen.

Wichteg ass et, dass mer iwwer esou e sektorielle Plang Virgabe kréien, wat d'Bebauungsdicht an Zukunft ugeet an deenen eenzelne Géigenden a Gemenge vum Land. An ech mengen, dass et och ganz richteg ass, dass d'Regierung, wéi dat schonn eng Kéier bei enger viregter Etüd geschitt ass, jo wëllt mat zwou Etappe fueren an als éischt eng Prognos wëllt maache vum Wunnengsbedarf, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, net nëmmen national, mä och awer an deenen eenzelne Regiounen. Wat ass de Bedarf u Wunnengen, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, wann ee mat eenzelnen Zeenarië fiert, wat d'Entwécklung vum Land ugeet? An enger zweeter Phas gëtt natierlech och doropshin dann de Wunnengsbauprogramm opgebaut fir déi nächst Joren, wou natierlech dem System vun den zentralen Uerte géif Rechnung gedroe ginn.

Als LSAP géife mer et och begréissen, wann an där Planung och d'Fro vun der Mixitéit vum Wunnengsbau géif berücksichtegt ginn, dat heescht, dass och garantéiert gëtt, dass et an deem Wunnengsbau do all Forme vu Wunnengsbau wäert ginn, an och de soziale Wunnengsbau e gewëssene Prozentsaz soll ausmaache vum Wunnengsbau an deenen eenzelnen Uertschaften an deenen eenzelne Géigenden. Dat schéngt eis wesentlech ze sinn, fir eben ze verhënneren, dass et zu soziale Ghettoë kënnt, mä dass mer eng sozial Mixitéit an deenen eenzel-

nen Uertschaften, an deenen eenzelne Gemengen hei zu Lëtzebuerg behalen oder kréien, jee nodeem wéi d'Entwécklung ass. Dat schéngt eis e ganz wesentleche Punkt ze sinn, dee mer eis och musse genau ukucken, wa mer déi Planung do am Wunnengsbau an deenen nächste Jore maachen.

De Message däerf och sécherlech net sinn, dass elo wéi wëll all Bauperimeter hei zu Lëtzebuerg soll opgemaach ginn. Dat ass eng Suerg, déi och d'Ëmweltschutzorganisatioune geäussert hunn an déi Suerg deele mer natierlech komplett. Selbstverständlech, punktuell Öffnunge vum Bauperimeter si sécherlech néideg. Mä prioritär natierlech soll ee sech all d'Mëttele ginn - an d'Regierung huet jo eng Rei vun neie Mëttelen ugekënnegt -, fir dofir ze suergen, dass déi Terrainen, déi elo schonn ausgewise sinn - an dat sinn der jet, an den Innenminister huet virdrun d'Zuel genannt vun deenen Hektaren, déi hei zu Lëtzebuerg an deenen eenzelnen Uertschaften eigentlech als Bauland nach ausgewise sinn -, benotzt ginn.

Wéi kënne mer et fäerdeg brëngen, dass déi prioritär bebaut ginn, an dass mer d'Renovatioun maache vun den ale Stadkären? Do ass villes ze maachen, a wann dat net gräift, da musse mer selbstverständlech och bereet sinn, do, wou et Sënn ergëtt, och eng weider Öffnung vun de Bauperimeteren ze maachen. Mä u sech huet Lëtzebuerg am grousse Ganze momentan net de Problem, dass net genuch Bauterrainen ausgewise wären; mir hunn éischter de Problem, dass déi Bauterrainen aus munchen Ursaachen net bebaut ginn. An duerfir ass eng prioritär Aktioun eben an deem dote Punkt unzesetzen. An ech hunn och erkannt, dass d'Regierung dat eigentlech jo och maache wëllt.

Eng Bemierkung zum Transport. Do si mer ganz am Beräich vun der Mobilitéit dran, wat jo och en Domaine clé ass vun der Zukunftsplanung hei zu Lëtzebuerg. Ech betounen nach eng Kéier dat, wat ech schonn hei am Numm vu menger Fraktioun virun zwee Joer gesot hu bei der IVL-Debatt: Eis kloer Prioritéit ass den öffentlechen Transport. Dat muss och d'Prioritéit si vun deem dote Plang. Dat muss ganz kloer aus der Weichenstellung, wann ech dat kann esou soen, vun deem dote sektorielle Plang erausgoen, dass den öffentlechen Transport en „modal split" 25/75 2020 soll erreechen. Dat muss ganz kloer déi Linn sinn, déi een an deem dote Plang als alleréischt erëmfënnt. Mir setzen also op all Form vun öffentlechem Transport: den Zuch, de Bus, den Tram.

Dann däerf een awer natierlech och net déi méi douce Formë wéi de Vëlo, wéi d'Foussgänger vergiessen. Wa mer vum Lëtzebuerg vun de klenge Weeër schwätzen, da muss et jo och eigentlech méiglech sinn, munches zu Fouss oder mam Vëlo kënne vun Distanz ze maachen. Et ass also och ganz wichteg, dass een dat an där ganzer Planung do net vergësst a sech net nëmmen op déi ganz schwéier Infrastrukture konzentréiert, mä och déi aner matberücksichtegt an deem ganze Plang.

Ech mengen, dass do och sécherlech par rapport zum IVL eng Rei vun Adaptatiounen néideg sinn op Grond vun deenen Décisiounen, déi d'Regierung viru kuerzem geholl huet, wat den Tram ugeet. Et ass eng Selbstverständlechkeet en Tram an der Haaptstad ze hunn, mä den Tram - dat soe mer jo och ganz kloer - gehéiert och an de Süden eran, an dee gehéiert och an d'Nordstad eran. Déi däerfe bei deem Ganze landesplaneresch selbstverständlech net vergiess ginn.

Anscheinend, esou si mer gewuer ginn, ass bei der Ausaarbechtung vun deem dote Plang eng grouss Diskussioun an der Regierung selwer oder tëschent den Departementer, tëschent de Beamten, déi un deene Pläng do schaffen, doriwwer, wéi déi eenzel Bauprojetë sollen definéiert ginn. Et ass festgehale ginn - dat schéngt mer selbstverständlech richteg ze sinn -, dass Variante solle gekuckt gi bei gréissere Projeten.

Fir eis schéngt et och kloer ze sinn, dass all Projet muss motivéiert ginn. Bei all Projet, bei all groussem Projet, deen opgewise gëtt, muss dee Projet och erkläert ginn an et muss gesot ginn, firwat dass dee Projet gemaach gëtt a wéi e sech verhält mat den allgemenge Prinzipië vun der Landesplanung a vum IVL. Dat schéngt fir eis awer indispensabel ze sinn. Einfach e Verweis op fréier Dokumenter schéngt mer do effektiv net duerzegoen. Ech mengen, dass mer do och éischter op der Linn vun der Landesplanung leien, wa mer dat hei soen.

Ee Wuert zu dem Plang iwwert d'Gewerbezonen. Mir wëssen, dass dat eng Noutwendegkeet ass. Mir wëssen, dass dat och oft ganz schwiereg ass. Do war an den 90er Joren och schonn den éischten Inventaire sengerzäit gemaach ginn. Ech mengen, wou natierlech en Iwwerbléck besteet iwwert d'national Zon an och zum Deel iwwert déi regional Zonen, déi wou de Wildwuchs haaptsächlech kënnt duerch déi sëlleche Lokalzonen, Kommunalzonen, déi entstane si respektiv déi nach am Enstoe sinn. Wou natierlech, dat wëll ech awer och soen, d'Regierung awer och haut schonn eng gewëssen Handhab huet.

Ech mengen, all déi Zonen, dat bedeit jo an der Regel e Reclassement. E Reclassement muss nach ëmmer genehmegt gi vum Innenminister. E muss meeschtens och, wann et eng fréier Grëngzon war, genehmegt gi vum Ëmweltminister. Si hunn awer de Programme directeur zur Hëllef, deen nom Gesetz seet, dass deen d'Décisioune vun der Regierung an och vun de lokalen Acteuren orientéiert.

Ech mengen also, dass och do souguer an enger rechtlecher Rumm eng Handhab do ass, en Instrument do ass, fir awer kënnen d'Noutbrems ze zéien an eigentlech ze refuséieren eenzel Projetë vun esou Zone guttzeheeschen, wa se net konform sinn zu der Ausriichtung vum Programme directeur. Ech mengen, dass do d'Regierung eigentlech net mëttellos wär, an net nëmme Spectateur wär, mä do awer och schonn haut eng Rei vun Instrumenter hätt, déi se, wa se wëllt, och kënnt hei asetzen.

Wichteg ass et awer, an dat schéngt d'Approche jo och ze sinn, dass e kriteschen Inventaire gemaach gëtt vun deem, wat do ass, an net gesot gëtt: Dat, wat do ass, dat ass emol schonn do; elo setze mer nach derbäi. Mä dass och gekuckt gëtt: Dat, wat do ass, gëtt dat Sënn? Gëtt et Sënn op där Plaz do eng lokal Zon oder eng regional Zon ze maachen? Gëtt et net méi Sënn dat op enger anerer Plaz ze maachen, wou d'Ubannung zum öffentlechen Transport, d'Ubannung zum Transportwee am Allgemengen eng ganz aner ass?

Dat schéngt mer och wichteg ze sinn, dass déi kritesch Approche duerchgezu gëtt an dass also och probéiert gëtt eng nei Klassifizéierung vun de Gewerbezonen hei zu Lëtzebuerg virzehuelen. Déi bestoend Klassifizéierung ass onbefriddegend an engem ganz grousse Mooss, well se sech eigentlech eleng ausriicht no deem, dee praktesch d'Initiativ geholl huet, fir d'Zon auszeweise respektiv ze géréieren, an net kuckt no der Lag vun der Zon an no dem Entwécklungspotenzial, deen déi Zon eigentlech huet.

Dat schéngt an eisen Ae grondleeënd falsch ze sinn. An duerfir encouragéiere mer och d'Regierung, wa se wëlles huet dann deen dote Wee ze goen, fir also eng nei Nomenklatura ze erstelle vun de Gewerbezonen hei zu Lëtzebuerg, wou et och duerchaus soll an d'Richtung goe vu spezialiséierten Zonen an deenen eenzelne Beräicher, wou een also dee Pôle de compétence och kënnt opbauen. Dat schéngt mer eng ganz interessant Pist ze sinn, déi et der Méi wär, mengen ech, och an der Wirtschafts- an Entwécklungspolitik vun eisem Land weiderzeverfollegen.

Dozou gehéiert natierlech och en Iwwerdenke vun der Subventiounspolitik vum Stat an deem dote Beräich. Och d'Fro vun der Opdeelung vun der Gewerbesteier hänkt natierlech enk mat deenen dote Froen zesummen. An och dat, mengen ech, muss ee parallell zu där Planung hei diskutéieren a probéiere kohärent Äntwerten op déi dote Froen ze fannen.

Ee Wuert zum Landschaftsschutz, zu deem sektorielle Plang, dee jo eigentlech éischter complémentaire ass zu deem Plang, deen iwwert dat neit Naturschutzgesetz soll erstallt ginn an nächster Zäit, wou jo hei éischter manner oder net dru geduecht ginn ass, fir iwwert deen heite Wee Servitudë festzeleeën. Mä déi Schutzmoossname sollen éischter am Kader vum Naturschutzgesetz geschéien, wou jo dann d'Méiglechkeet besteet och esou Landschaftsschutzgebidder auszeweisen.

Mir weisen drop hin - dat ass bekannt, dat heiten ass déi al Diskussioun ronderëm déi sou genannten „Tabuzonen" -, dass een hei muss oppassen, wéi gesot, dass déi heite Planung net ze vill hannert deenen aneren hannendrun hippt, well soss riskéieren iwwert déi aner sektoriell Pläng schonn déi Virentscheedunge getraff ze ginn, an da kënnt herno de Landschaftsschutz hannendrun. Dat schéngt éischter eng nëtzlos Saach ze sinn. Duerfir ass et immens wichteg, besonnesch mat där heiter Planung, dass een do wierklech Interfacë sicht mat deenen anere sektorielle Planungen, dass déi eng Planung op déi aner ka wierklech rationell ofgestëmmt bleiwen.

Ee Wuert dann nach zu de Regionalpläng, déi och e wichtegt Instrument eigentlech an der Landesplanung duerstellen, wou mer elo, mengen ech, virun enger wesentlecher Entscheedung stinn. Dat heescht: Wat soll eigentlech an déi Pläng do erakommen? Wat soll geplangt ginn? Wéi wäit gi mer an der Planung? Wat fir eng Domäner sollen ofgedeckt ginn a wéi wäit gi mer eigentlech erof an den Detail vun där Planung?

Do ass jo virgesinn, dass e Règlement grand-ducal dat soll regelen, wat souwuel de Contenu am Fong vun de Regionalpläng ugeet, also souwuel de schréftlechen Deel wéi och de grapheschen Deel. An do ass et ganz kloer, dass mer als sozialistesch Fraktioun awer wierklech gären hätten, dass ier d'Regierung deen dote Règlement grand-ducal guttheescht, dass deen awer virdrun och hei bei déi zoustänneg Kommissioun vun der Chamber kënnt.

Well hei geet et awer ëm eng kriddelech Fro, awer eigentlech och eng wichteg Fro bei der praktescher Ëmsetzung vun deem Gesetz vun 1999. An dat muss een also, mengen ech, hei diskutéieren, wéi et och wichteg ass natierlech - an de politesche Wëllen ass jo och hei nach eng Kéier vum Minister dokumentéiert ginn -, dass déi Fro och vum Inhalt, och vun de Regionalpläng, och mat dem Pro-Sud, dat heescht der éischter Regioun, wou den éischte Plang eigentlech soll erstallt ginn, dass déi och diskutéiert gëtt, net nëmme mat den technesche Mataarbechter vun deem Pro-Sud, mä och mat de politesche Responsable vun deem Syndikat Pro-Sud.

Ech hu Kenntnis dervu geholl, dass d'Regierung sech wëllt bei deem Plang do op dat Wesentlecht beschränken, dat heescht, alles dat regelen, wat wierklech regional relevant ass. Dat schéngt mer eng pragmatesch wichteg Astellung ze sinn, well wann een ze vill wëllt regelen, da regelt ee menger Usiicht no ganz schlecht. Duerfir soll ee sech schonn hei op déi wesentlech Punkte beschränken.

Mir wären allerdéngs och frou, wann awer den Entwécklungsgedanken net derbäi géif verluer goen, dass mer also och en dynamescht Element eigentlech an där Regionalplanung do drabehalen, dass also och Entwécklungsperspektiven awer opgezeechent bleiwen, wann ee vun der Regionalplanung schwätzt.

Wichteg ass et och, mengen ech, dass ee bei de sektorielle Planungen net vergësst, dass do awer och vill regional Komponente mat berücksichtegt ginn. An duerfir huet jo och de Pro-Sud sech elo selwer esou organiséiert, dass mer prett si fir eis an deene véier sektorielle Planungen als regionale Verband mat ze implizéieren, well mer mengen, dass dat eigentlech och wichteg ass an dass dat e Plus och ka brëngen an der inhaltlecher Ausriichtung vun deenen doten eenzelne Pläng.

Bon, ech hätt domadder, mengen ech, dat Wesentlecht gesot zu deenen eenzelne Pläng, esou wéi se bestinn. Ech wéilt als Ofschloss vläicht just nach ënnersträichen, dass fir eis vill Effortë gemaach si ginn. Ech deelen do wierklech net dat negatiivt Bild, wat vum DP-Spriecher hei gezeechent ginn ass, iwwert d'Landesplanung hei zu Lëtzebuerg.

Ech mengen, dass mer awer elo och mussen déi néideg Rou behalen, fir mat der néideger Bestëmmtheet, mä awer och Flexibilitéit un déi Saachen do erunzegoen, an dass mer, wéi gesot, eis eng Kommunikatiounsstrategie ginn - dat schéngt mer ganz wesentlech ze sinn an deenen dote Punkten - an e gewëssent pädagogescht Geschéck un den Dag leeën, fir eng Rei vu Grondiddien einfach eriwwerzekréien, an d'Akzeptanz eigentlech dobausse ganz grouss ze maachen.

Déi Iddien do, déi fanne mer an der gemeinsamer Motioun och erëm, wou ech frou sinn, dass mer eis do konnten op en Text eenegen, deen awer kloer ass a senger Zilsetzung, deen, mengen ech, och éischtmoleg iwwert déi wichteg Fro vum regionale Management schwätzt, wou déi Leit, déi konkret um Terrain op deenen dote Punkte schaffen, wësse wéi schrecklech wichteg dat doten ass.

Et ass keng regional Aktivitéit ze développéieren, ofzesécheren iwwer länger Zäit, wann een net och e professionelle Staff huet nieft deene politesche Responsabelen, déi dat Ganzt pushen an déi hëllefen eigentlech och déi Décisiounen ze preparéieren, d'Ausféierung mat ze kontrolléieren. Duerfir, mengen ech, dass een och do sollt, wat de Profil vun deem regionale Management ugeet, zimlech all Dieren oploossen.

Et ass selbstverständlech, dass eng landesplaneresch Virbildung net schlecht ass. Mä et kann ee sech awer duerchaus och aner Virbildunge virstellen an där doter Roll. Dat musse jo och Leit sinn, déi op d'Leit zouginn. Dat musse jo Leit sinn, déi d'Diskussioun net fäerten. Dat däerfe jo keng Leit sinn, déi eigentlech nëmmen um Büro bleiwen, déi also eng aktiv Roll um Terrain ze spillen hunn. Do kann ech mer och aner Profiler virstellen op déi dat och kéint zoutreffen, an de Choix wäert am Endeffekt natierlech e renge Persounechoix sinn. Gëtt dee gutt, da mengen ech, dass dat Ganzt och kann eppes ginn; gëtt e schlecht, da riskéiert dat Ganzt natierlech och ganz lues virunzegoen.

Eis ass gesot ginn hei am Süden, dass an Däitschland an an aneren däitschsproochege Géigenden, wou scho méi laang Erfahrung besteet mat City-Manageren a mat Regionalmanageren, eigentlech d'Haltedauer vun deene Leit net ganz grouss ass. Dat wäre 14 Méint am Duerchschnëtt. Duerfir däerf ee sech also och net erschrecken, dass een heiansdo muss op Décisiounen zréckkommen, mä et bleift, dass dat doten awer eng wesentlech Fro ass, an ech si frou, dass déi och erstmoleg, mengen ech, hei och gebührend an enger Motioun vun der Chamber zur Geltung kënnt.

E lescht Wuert just nach. Et schéngt mer och wesentlech ze sinn, an ech mengen, dass eigentlech d'Regierung och wëllt op deen dote Wee goen, dass, wann een eng Stad plangt, wann een eng Géigend plangt, een dat vläicht haut erëm no anere Gesiichtspunkte mécht wéi dat an deene leschte Jorzéngten oft üblech war. Dass déi strikt Trennung, déi eigentlech an den 30er Joren definéiert ginn ass vun engem Le Corbusier, vun anere Leit, tëschent dem Wunnen, dem Schaffen an der Fräizäit verbréngen a verschiddenen Zonen, strikt ofgetrennt eng vun där aner, eigentlech haut net méi ganz vill Sënn mécht.

Wann ee wëllt eng Identitéit vun enger Stad halen, wann ee wëllt eng Identitéit vun enger Regioun mat hëllefe stäipen an opbauen, ass et selbstverständlech, dass een net kann e ganz strikten, rigiden Zonage maachen, mä dass een do muss Interfacë schafen, dass een do also och muss gewësse Mëschaktivitéiten an deenen eenzelne Beräicher zouloossen. Dat schéngt mer eigentlech eng modern Approche ze sinn, wéi een u Städte- a Landesplanung erugeet.

Ech géif mer also, wéi gesot, wënschen, dass déi Iddien do och géifen Afloss kréien op déi eenzel sektoriell Pläng. Op jidde Fall, wann d'Regierung wëllt Neel mat Käpp maachen, op d'sozialistesch Fraktioun ka se zielen!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Camille Gira. Här Gira!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir mech gëtt et gewësse Parallelismen tëschent de Begréffer „nohalteg Entwécklung" an „IVL". Jiddferee benotzt se, déi wéinegst wësse wat gemengt ass, an an der Realitéit geet alles weider wéi gehabt. Wann déi Begréffer dann och nach bewosst oder onbewosst gebraucht gi fir Projeten ze designéieren, déi de Kritäre vun deene Begréffer awer nu guer net entspriechen, da verpufft déi ganz Wierkung a riskéiert sech souguer an de Géigendeel ze wandelen.

Ech menge mir sinn eis eens, dass dat bei der nohalteger Entwécklung schonn deelweis leider geschitt ass, a mir mussen oppassen, Här President, zu Lëtzebuerg, dass mam IVL an den nächsten zwee bis dräi Joer net datselwecht geschitt.

Ech mengen och, dass déi Schwieregkeete fir d'Ëmsetzung an deenen zwee Beräicher ähnlech Ursaachen hunn. Déi zwee Begréffer verlaange vun eis alleguerten e Paradigmewiessel an eisem Denken, an der politescher Approche a bei der konkreter Ëmsetzung. Mir mussen ewechkomme vun der sektorieller hin zur integrativer Approche, ewech vum linearen zum vernetzten Denken. A fir an esou engem komplizéierten Ëmfeld eng Chance ze hu bei der Ëmsetzung, mengen ech missten dräi Virausetzungen do sinn:

Dat Éischt ass, dass een eng permanent Verfeinerung vun deem

theoretesche Konzept, wat dann nach eng Kéier an d'Diskussioun geworf ginn ass, weiderdreift, fir dann och lues a lues ze weise wat dann hannert esou engem ongréffege Begréff steet.

Dat Zweet ass, dass een déi Begréffer dann och mat konkreten Inhalter fëlle muss. Iergendwéi eng Kéier mussen d'Leit e Bild virun Aen hunn, wa se „IVL" héieren oder wa se „nohalteg Entwécklung" héiere soen.

An dat Drëtt ass, dass een déi ganz Saach muss mat enger partizipativer Approche êmsetzen.

Ech mengen, Här President, dass de Bilan haut vum IVL awer ernüchternd ass. Ech deelen zwar net déi relativ destruktiv Aart a Weis wéi den Här Calmes hei déi ganz Saach duergestallt huet, mä ech menge mir missten awer, wa mer éierlech mat eis selwer alleguerte sinn, zouginn, dass de Bilan awer dobaussen um Terrain, dee mer beweegt hunn, ernüchternd ass.

Ech mengen dat huet de Minister och selwer missen zouginn a senger Duerstellung. Wa mer feststellen, dass mer eigentlech eis eens waren, och wa mer et net formell décidéiert hunn, a Richtung vun engem Awunnerzeenario ze goen, an de Minister gëtt eis haut Zuelen, déi weisen, dass mer haut schonn am Pendlerzeenario si vun 2009, da muss ee fairerweis soen, mir sinn net esou richteg weiderkomm um Terrain an de Bilan ass ernüchternd.

A wann dat esou ass, mengen ech, dann huet dat manner mam Manktum vun theoretescher Konzeptioun ze dinn, mä éischter mam Feele vun enger konkreter Ëmsetzung an awer an der totaler Absence vun enger klorer politescher Strategie bei der Ëmsetzung. Ech wëll déi dräi Punkte kuerz aus eiser Siicht analyséieren.

Zur theoretescher Konzeptioun: Ech mengen, dass den IVL e relativ kohärent Dokument war an och nach ass. Ech kommen herno op zwou, dräi méi prinzipiell Bedenken zréck, déi mir nach ëmmer als Gréng hunn, mä insgesamt mengen ech kann een awer soen, dat war e relativ kohärent Dokument. Ech mengen och, dass déi Aarbecht - a si ass schonn e puermol hei erwähnt ginn, duerfir schwätzen ech net nach laang dervun - un de Plans sectoriels och zu enger Verfeinerung vun dem theoretesche Konzept bäidréit.

Ech mengen, dass och do eng respektabel Aarbecht geleescht ginn ass um Niveau vum Landesplanungsministère, mat deene wéinege Ressources humaines, déi do sinn. Ech mengen, do deelen ech d'Meenung vu menge Virriedner, och wann een da muss feststellen, dass an Tëschenzäit, mengen ech, d'Kierchtuermsdenke méi nach an de Käpp vu gewëssene Ministeren an héijere Beamte verankert ass, wéi vläicht an de Käpp vun de Buergermeeschteren.

Wann ech den Innenminister des Öfteren an deene fënnef Sitzungen hunn héiere stöhnen a soen: Uff, et ass net einfach!, wann et drëm gaangen ass, Kolleege Ministeren oder héijer Beamten aus anere Verwaltungen ze iwwerzeegen, dass et awer elo géing Zäit ginn, iwwert d'Plate-banden ze streiden, da mengen ech muss een dat feststellen. Esou ass effektiv fir mech déi Haltung vum Här Krecké am Kontext vun dem Plan sectoriel „Zones d'activités" net nozevollzéien, besonnesch wann een Aussoe vun him an anere Beräicher kennt. Mä ech mengen awer, dass do de grondleeënde Problem elo net läit. Et huet een awer dat Gefill, dass déi Pläng weiderginn.

Bei de konkreten Inhalter hapert et scho méi. Ech mengen och do, dass et eng Rei positiv Usätz gëtt, éischter um regionale Plang. Et huet een dat Gefill, dass et endlech an der Nordstad weidergeet. Ech mengen et huet een dat Gefill, dass och mat Aglolux fir d'éischte Kéier probéiert gëtt, eng Rei grenziwwerschreidend Problemer unzegoen. Wéi konkret déi sinn, si mer dann nach déi lescht Deeg gewuer ginn. Wann en Donnerwieder iwwert de Südweste vu Lëtzebuerg niddergeet, da stelle mer elo fest, wéi desastréis et ass, wann déi eng Gemeng hektareweis versigelt an net mat der Nopeschgemeng schwätzt fir ze kucken, wéi mer dann elo dat Iwwerflächewaasser do erëm iergendwou an eng Baach kréien. Dat just als Klammer fir ze weise bis op wéi e konkreten Niveau déi Gemengenzesummenaarbecht einfach noutwendeg ass.

Mä mir mussen oppassen och an deene regionale Projetë wou gutt Usätz do sinn, dass iergendwéi eng Kéier konkret Resultater komme fir déi Leit an de Gemengeréit. Net nëmmen déi puer Buergermeeschteren oder Schäffen, déi do mat um Dësch sëtzen, mä och an de Gemengeréit gëtt sech erwaart, dass een iergendwéi eng Kéier konkret Resultater gesäit. Mä virun allem brauche mer Resultater fir déi Leit, déi an deene Géigende wunnen, dass déi och lues a lues, wéi ech elo éineschters gesot hunn, e Begréff, e Bild hannert dee Begréff „IVL" setze kënnen.

Dann hunn ech dat Gefill, wou mer scho vill méi schwaach op der Broscht sinn, dat ass bei de reglementaresche Moossnamen a bei de finanziellen Incitatiounen. Ech sinn e bëssen iwwerrascht, dass praktesch kee vu menge Virriedner hei méi op déi zwou Moossnamen agaangen ass. Ech wëll betounen, dass déi Partie intégrante souwuel vum Basisdokument wéi awer och vun der Regierungserklärung sinn. Ech hat de Mëtten dat Gefill wéi wann an der Regierungserklärung nëmmen iwwer „Plans et projets" géing Rieds goen, mä do stinn - en extrae Punkt - „Mesures d'incitation financière" an „Mesures réglementaires", an do hunn ech awer dat Gefill, dass nach net vill um Dësch läit.

Ech weess och, dass no zwee Joer vläicht nach näischt kann ëmgesat ginn, mä ech waarden awer op éischt Texter wou mer eis kéinten drop stierzen an driwwer diskutéieren. Ech erënneren un eng Parkraumgestaltung, déi dréngend noutwendeg ass; ech erënneren dann zum honnertste Mol un eng Reform vun der Grondsteier. Ech hunn do net ganz vill héieren an deene fënnef Sitzunge wou mer zesumme waren.

Wat mir awer am meeschte vermëssen, ass eigentlech um Niveau drënner. Do hu bis haut d'Gemenge keen Instrumentarium am Grapp fir déi operationell Ëmsetzung vun den IVL-Konzepter. Si hu keng Geschirkëscht, déi se kënne benotzen, wa se muer mat Projetë virun allem vu Promoteuren, mä och anere Projetë konfrontéiert sinn. Et gëtt bis haut keng Checklëscht fir e Lotissement ofzeklappen, ob dat dann elo de Logo IVL-gerecht verdéngt huet oder net.

An duerch dee Vakuum, deen do nach ëmmer ass, mengen ech, stelle mer dann zwou Saache fest:

Éischtens kommen dann esou kontraproduktiv Diskussiounen op, wéi elo viru kuerzem déi iwwert dat Lotissement zu Réiser, wou op där enger Säit ganz haart an däitlech vum Promoteur an anere gesot gëtt, ma dat Lotissement wier dach hei IVL-konform, an dann op där anerer Säit vun Naturschutzorganisatiounen oder anere Leit gesot gëtt, et wier total konträr zum IVL, Réiser wier iwwerhaapt keng Gemeng, déi geduecht ass am Kontext vum IVL grouss ze wuessen. Dat ass immens geféierlech. Do ginn absolut diffus Messagen iwwer Antenn a Press no baussen verdeelt, an da weess geschwë guer kee méi sech eppes ënner IVL-gerecht virzestellen.

Den zweete groussen Nodeel vun deem Vakuum ass awer virun allem, dass weiderhin all Dag, all Woch, all Mount weider Décisioune geholl ginn, déi eventuell konträr sinn zu deem generelle Konzept, a mer dann nach jorzéngtelaang mat deene konkreten Décisiounen a Realisatioune konfrontéiert ginn.

An ech wéilt do op eng ganz interessant Studie vum Ceps hiweisen an och e puer Sätz doraus zitéieren. Et ass eng ganz spannend Etüd, an där den Ceps iwwert d'Erreechbarkeet vum öffentlechen Transport um Beispill vun der Südregioun Lëtzebuerg ganz interessant Analysë gemaach huet, mä och ganz spannend Konklusioune gezunn huet, déi menger Meenung no voll hei an d'Diskussioun vun de Mëtten erapassen.

Ech liesen lech e puer Sätz vir. Déi Resultater sinn net ganz erbauend an d'Ursaache liesen ech lech vir: „Die teilweise ‚sehr schwachen' Ergebnisse sind nicht nur bei den ÖPNV-Anbietern zu suchen. (...) Auf eine der wichtigsten Grundlagen des ÖPNV-Netzes haben die Verantwortlichen keinen Einfluss, nämlich die Gestaltung des Umfeldes welches später erschlossen werden muss. (...) Erst wenn das Projekt realisiert ist und die ersten Häuser respektiv Firmengebäude gebaut werden, wird über die Anbindung an das ÖPNV-Netz nachgedacht. (...) So gerät, ungeachtet anderer Aspekte wie zum Beispiel dem Takt, der öffentliche Personennahverkehr gegenüber dem motorisierten Individualverkehr bereits bei der Planung ins Hintertreffen."

A si soen dann och ganz kloer: „Bei zukünftigen Projekten muss der ÖPNV bereits in der Planungsphase eine Rolle spielen."

Dat ass liicht gesot, mä wann do awer d'Gemengen net vum Landesplanungsministère vläicht zesumme mam Transportministère e Vademecum iergendwéi eng Kéier doriwwer an de Grapp kréien, wat dat dann elo heescht, den öffentlechen Transport bei der Planung vun engem Lotissement ze maachen, da sinn der awer vläicht eng Rei iwwerfuerdert. Ech mengen, do musse mer oppassen, well bis mer elo dann awer déi Rei Pläng, vun deenen esou vill geschwat ginn ass, rechtskräfteg ëmgesat hunn, ginn nach vill Décisioune geholl, a wann déi alleguerte konträr zu den Iddië vum IVL sinn, dann hu mer ganz vill gutt Geleeënheete verpasst.

Ech fannen et dann awer och am Kontext vun der Ëmsetzung net gutt, wann op eemol konträr Messagen aus der Regierung kommen. Et ass e bësse schued, dass elo de Wunnengsbauminister grad fortgaangen ass, well ech deelen nämlech net d'Meenung hei vu gewëssene Virriedner, dass dat, wat den Här Boden de leschte Méindeg virgestallt huet, konform ass zum IVL.

Ech sinn als Buergermeeschter vun enger klenger Landgemeng nämlech elo schlecht drun. Wann ech den IVL kucken, da soll Biekerech net méi wuesse wéi säin Eegebedarf. Deen ass elo vläicht schwéier ze chiffréieren, mä dat sinn awer doudsécher keng 15% an deenen nächsten zéng Joer. Elo kréien ech da leschte Méindeg vum Här Boden un d'Häerz geluecht, dass, wann ech mäi Solidarbäitrag leeschte wëll, da Biekerech an deenen nächsten zéng Joer mindestens 15% wuesse misst, an eréischt wann ech nach dodriwwer wuessen, da kréien ech och nach e bësse Geld.

Et deet mer Leed, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Wat ass dann elo meng Referenz? Soll ech mech un den IVL halen oder soll ech mech un de Wunnengspakt vum Här Boden halen? Ech sinn der Meenung, dass dat, wat do ausgeschafft ginn ass, konträr ass zum IVL. Dat do ass weider mat der Strenz iwwert d'Land gefuer.

Do soll all Gemeng ondifferenzéiert mindestens 15% wuessen. Dat ass wesentlech méi wéi d'Eegenentwécklung. Ech fannen dat bedauerlech, well do weess dann och elo vun de Responsables communaux geschwë kee méi, wat dann elo seng Referenzdokumenter sinn an u wat dass hie sech dann hale soll.

Déi Gréng si fest dovun iwwerzeegt: D'Wunnengsnout kann net an der Gemeng Biekerech, der Gemeng Munzen oder der Gemeng Schengen geléist ginn! D'Wunnengsnout zu Lëtzebuerg, déi muss an der Stad Lëtzebuerg, an der Nordstad, zu Esch an an de gréissere Gemenge geléist ginn. Dat ass fir eis ganz kloer. Generell stelle mer fest, dass an deem Beräich vun der praktescher Ëmsetzung natierlech eng ganz Rei Acteure gefuerdert sinn, a wann do eng Rei Defizitter sinn, si mir och déi Lescht, déi elo wëllen integral dem Innen- oder Landesplanungsministère d'Schold zouschiben.

Ech kommen awer dann zum drëtte Punkt vun der politescher Ëmsetzungsstrategie. Do ass et awer esou, wa mir als Gréng ee Virwort un den Innenminister ze riichten hunn, dat deen ass, dass mer dat Gefill hunn, dass hien zwee Joer no de Wahlen nach keen Usaz vun enger politescher Ëmsetzungsstrategie fir den IVL erkenne léisst - am Géigendeel!

Ech mengen, dass den IVL zu enger gewësser Zäit, wéi e virgestallt ginn ass, schonn eng gewësse Plaz am Débat public, an der Press och an de Lieserbréiwer an esou weider ageholl hat. Elo awer no zwee Joer Funkstille vun offizieller Säit, hunn ech dat Gefill, dass mer leider erëm musse bei null ufänken.

Dat ass iwwregens och ganz konträr zur Regierungserklärung. Do stoung nämlech schwaarz op wäiss dran, et géing direkt no de Wahlen e groussen Débat public iwwert den IVL gefouert ginn. Dat ass net geschitt!

Déi Gréng, Här President, hätte sech virgestallt, dass no de Chamberswahlen am Virfeld vun de Gemengewahlen, mä och no de Gemengewahlen et zu engem „Halsdorf on tour" komm wier, dass den Innenminister an déi sechs Regioune gepilgert wier, dass hien un dosende vu ronnen Dëscher,...

(Interruptions)

…hien un dosende vu ronnen Dëscher deelgeholl hätt mat senge Leit, mat de Gemengen, fir iwwer Regionalpläng ze schwätzen.

Ech mengen net, dass ee muss waarde bis formal alles an der Rei ass, ier een ufänkt iwwer regional Zesummenaarbecht ze schwätzen. Den Alex Bodry, mengen ech, huet dat ganz gutt geschildert. Dat ass e laangwierege Prozess. Do muss emol fir d'éischt eng gewësse Vertrauensbasis sech opdinn. Dat kann een och mat enger A.s.b.l. ufänken, wéi et op gewësse Plaze geschitt ass. Dat muss net direkt de Syndicat mixte à vocation multiple aus dem Landesplanungsgesetz vun 1999 sinn. Esou dass mer bedaueren, dass eigentlech do elo do déi zwee Joer näischt geschitt ass.

Et hätt ee misse mat den Acteurs économiques schwätzen a mat der Société civile, fir lues a lues hannert déi theoretesch Konzepter vum IVL och kloer Biller ze setzen. Et ass souguer deelweis konträr virgaange ginn. Ech deelen dem Mouvement écologique seng Kritik, dass déi ganz Aarbecht, déi vill gutt Aarbecht, wéi ech elo éinescht och betount hunn, ze vill am stillen Kämmerlein geschitt ass.

Mä nach, Här President, si mer der Meenung, dass et nach Zäit ass; et gëtt zwar héich Zäit, an duerfir si mir och frou, dass an der Motioun ee vun de wichtegste Messagen ass, dass awer elo dee Pilgertour muss gestart ginn an dass mer an déi sechs Regioune musse goen, fir dass grad och elo, wou mer nei Buergermeeschteren, Schäffen a Conseilleren hunn, déi vläicht nach ni eppes vun IVL héieren hunn, déi och eng Chance kréien, sech mat deem Konzept auserneen ze setzen, an och vläicht eng positiv Approche zu där ganzer Saach kréien.

Esou wäit an enger éischter Phas, Här President, e bëssen eis Analys an de Bilan vun deene leschten zwee Joer.

Ech wëll dann awer betounen, dass déi Gréng och weiderhin iwwerzeegt si vun der genereller Approche vum IVL. Vläicht kuerz déi éinescht vu mir ugedeiten dräi méi prinzipiell Kritiken, déi deelweis déiselwecht sinn, déi ech virun zwee Joer hei op dëser Tribün gesot hunn.

Eis stéiert et, dass an deem ganze Konzept dat Wuert Kyoto net virkënnt. Ech mengen, et gëtt ëmmer méi kloer, dass awer virun allem - trotz eisem bescheidenen, oder loosse mer soen eisem gudde Recht, eis iwwer Lëtzebuerg Gedanken ze maachen an och ze kucken, eis uerdentlech ze organiséieren - par rapport zu där Risenerausfuerderung Klimawandel, dee virun eis steet, dat dann awer Peanuts sinn.

Esou mengen ech, muss et awer zu enger méi staarker Verankerung tëscht der Problematik Kyoto an der Virgoensweis IVL kommen. Dat misst eigentlech den ieweschte Kritär sinn no deem all Projet hei analyséiert gëtt.

Ech gräifen déi Iddi erëm op, déi ech en Dënschdeg hei an d'Diskussioun geworf hunn, nämlech net deemnächst bei all Projet - esou wéi et Usus ass - eng Fiche financière dobäizesetzen, mä eng Fiche CO_2 dobäizeleeën, fir ze kucken, ob mer Kyoto-konform sinn oder net.

An ech mengen, dass och e Bensinspräis oder d'Héicht vum Bensinspräis vill méi mat Landesplanung ze dinn huet, wéi vläicht vill Leit mengen. Ech hunn an engem interessante Buch emol eng Kéier gelies, datt e Fachmann gesot huet: „Gitt mer en Helikopter an ech fléien iwwer äert Land an da soen ech iech, wat de Bensin kascht." Well wann ech nämlech eng relativ konzentréiert Agglomeratiounsstruktur hunn, dann ass d'Chance grouss, dass de Bensin relativ deier ass, well d'Leit et sech iwwerhaapt net leeschte kënne 50 Kilometer an d'Land wunnen ze goen, fir dann all Dag an d'Stad schaffen ze goen.

Ech mengen, Dir sidd mat mer eens, dass wa mer mam Helikopter op der Place d'Armes géinge starten an eis virun allem an deenen nächsten 20 Kilometer ronderëm Lëtzebuerg ëmkucke géifen, da géife mer séier gewuer ginn, dass de Bensin ganz bëlleg zu Lëtzebuerg ass, wat eigentlech erlaabt, dass d'Leit wäit eraus wunne ginn an dann awer all Dag, wa méiglech och nach individuell mat hirem Auto, an d'Stad erapendelen. Esou dass, mengen ech, och op deem Niveau de Lien tëschent dem Aktiounsplang Kyoto an dem IVL vläicht méi grouss ass wéi verschidde Leit menge géingen.

Eng zweet prinzipiell Kritik ass, dass mer e Lien zur Familljepolitik vermëssen. Elo frot Der mech vläicht: Wat huet dat da mam IVL ze dinn? Ma, mir, déi Gréng, sinn iwwerzeegt, dass wa mer eng minimal Chance wëlle kréien an de Beräich vum Awunnerzeenario ze kommen, da gëtt et fir eis nëmmen ee Wee: Da musse mer ganz substanziell mam Taux d'activité vun de Fraen erop.

Fir déi Gréng gëtt et genuch aner Ursaache fir den Taux d'activité vun de Fraen eropzekréien, mä fir eis ass et evident: Ouni eng wesentlech Augmentatioun vum Taux d'activité vun de Fraen, kënne mer den Awunnerzeenario vergiessen. Dat ass eigentlech eng ganz effi-

kass Manéier fir an den Awunnerzeenario eranzekommen: Déi Leit, déi wunne schonn hei, déi hu schonn en Haus, deenen hir Kanner gi schonn an eng Schoul. Wa mer déi mar op den Aarbechtsmaart mobiliséiert kréien, dat gëtt eis a viller Hisiicht vill méi bëlleg, wéi wann ëmmer erëm nei Grenzgänger, vun ech weess net wou, individuell mat hirem Auto bei eis kommen.

Duerfir si mer der Meenung, dass aus enger Politik vun de Maisons relais, déi bis elo nach ëmmer fräiwëlleg leeft, wierklech wéi mir et och scho proposéiert hunn, eng Obligatioun vun de Gemenge soll ginn, fir an engem verstännegen Zäitraum flächendeckend esou Strukturen ze hunn, fir dass mer de Fraen och eng Méiglechkeet ginn, Beruff an Haushalt besser ze vereinbaren. Esou dass ech mengen, dass dee Lien och vläicht méi grouss ass, wéi et den éischte Moment ausgesäit.

An drëttens eisen ale Slogan „Endlech a Leit investéieren amplaz a Bëton". Mir hunn dat Gefill, dass den IVL prinzipiell awer nach e bëssen infrastrukturlaaschteg ass, wann ech dat emol esou däerf soen. Et huet een dat Gefill, dass an eiser Gesellschaft nach ëmmer gemengt gëtt, mir kéinten all Problemer mat Infrastrukture léisen. Dobäi misst een esou lues erkennen, dass am Zäitalter vun der Wëssensgesellschaft ee ganz oft mat intelligente Konzepter a kreative Léisunge wesentlech méi Problemer ka léisen, wéi ëmmer erëm nei Infrastrukturen an d'Welt ze setzen.

Ech mengen, en éischt gutt Beispill ass d'Mobilitéitszentral. Ech sinn iwwerzeegt, wann déi emol hiren Niveau de croisière erreecht huet, wäerte mer feststellen, dass véier, fënnef Leit, richteg gutt agesat, mat där richteger Kommunikatiounsstrategie, vläicht méi zur Léisung vun eise Mobilitéitsproblemer kënne bäidroen, wéi wa mer ëmmer erëm nei Contournementer an nei Stroosse wëlle bauen.

Datselwecht gëllt fir Energieberoder. Datselwecht géing awer och vläicht gëlle fir Bauberodung op regionalem Plang. Esou Konzepter gëtt et an der Wallonie mat relativ groussem Succès, wou op informell Aart a Weis Gemenge berode ginn, an och déi Privat, fir einfach méi zäitgeméiss Bauformen ze entwéckelen.

Nieft dëse méi prinzipiellen dräi Kritiken, wëll ech awer eng Rei Virschléi oder Prioritéiten eisersäits an d'Diskussioun werfen. Ganz kuerz: Fir eis ass dat Allerwichtegst déi kuerzfristeg Moossnamen, wou ech éinescht gesot hunn, wou eiser Meenung no grouss Defizitter sinn. Mir brauchen eng absolut aktiv Sensibiliséierung vun de Gemengen, grad am Virfeld - wéi eng Rei Virriedner et scho gesot hunn -, beim Opstelle vun deenen neie PAGen.

Wa mer déi Fënster elo, déi elo an deenen nächste puer Joer besteet, wou 116 Gemengen en neie PAG maachen, verpassen, da si mer erëm fir sechs, zéng Joer partis pour la gloire, wann ech esou däerf soen. An da gëtt et duebel esou schwéier op Gemengenniveau konkret Saachen ëmzesetzen. Mir brauchen déi Rastere vun deenen ech geschwat hunn, d'Checklëschten. Kommt mer ginn net ëmmer komplizéiert juristesch Argumenter sichen.

Vill Gemengeverantwortlech si mar frou, wa se d'operationell Geschirkëscht an de Grapp gedréckt kréien. A vill vun hinne sinn dankbar, wa se vis-à-vis vu Promoteure sëtzen a si kënnen op Grond vun enger Checklëscht oftaaschten, ob dann dat Lotissement, wat engem dann do presentéiert gëtt, sënnvoll ass oder net.

Kommt mer leeën dann och Kritäre fest, wann anscheinend e Konsens do ass, dass mer Minimum 25 Unitéite pro Hektar fir den IVL wëllen, da kommt mer soen de Leit déi Chifferen. Ech sinn iwwerzeegt, wa mer eng Ëmfro bei de Gemengeverantwortleche géinge maachen, do huet nach keen eppes vun deem Chiffer héieren. Da kommt mer soen deenen dat a mer soen: Dat ass zum Beispill e Kritär. Kommt mer ginn hinnen eng Distanz, wéi wäit et soll wa méiglech zur nächster Gare oder zur nächster Bushaltestell maximal sinn. Da kréie mer scho vläicht ganz villes an der Praxis erreecht.

Ech géing e Krack méi wäit goe wéi den Alex Bodry, wat d'Zones d'activités an d'Perimeteren ubelaangt. Wa mer wierklech feststellen, dass mer nach kéinte 500.000 Leit ophuelen a Lëtzebuerg, ouni…

(Interruption)

…en Hektar méi an de Perimeter ze huelen, solle mer dann net de Courage hunn an e Moratoire fir weider Perimetererweiderunge maachen? Vläicht hätt dat och eng ganz grouss Symbolwierkung.

Zweet Iddi mat de Projets pilotes. Ech menge schonn, dass um regionalen Niveau relativ vill leeft. Dat soll een esou séier wéi méiglech weiderdreiwen, mat wa méiglech konkrete Resultater.

Mir brauchen awer och Beispiller um klengen Niveau. Ech hunn et hei scho gesot, mir riskéieren elo vum Extrem vum Bungalow op 15 ha eriwwerzeschloen, och besonnesch am ländleche Raum, op d'Appartementshaus mat 30 Appartementer an engem ale Bauerenhaff. Dat eent ass esou desastréis wéi dat anert. Dat eent vläicht éischter um landesplanereschen Niveau, dat anert awer um sozialen Niveau.

Et gëtt ganz spannend Formen, wéi een aus engem ale Bauerenhaff mat enger Rei Reienhaiser an zwee, dräi Appartementer eigentlech erëm kann op déi Zuel vu Leit kommen, déi vläicht am Ufank vum 20. Jorhonnert an esou engem Bauerenhaff gewunnt hunn, wou nach sozial Nohaltegkeet kann existéieren. Och esou Beispiller brauche mer.

Dann, dat, wat mer opgefall ass, wéi gesot, de Mëtten, dat ass, dass wéineg dervu geschwat ginn ass: Mir mussen eis finanziell Instrumenter, déi mer hunn, un d'Philosophie vum IVL upassen.

Éischtens, wa mer gär e Lëtzebuerg vun de kuerze Weeër hätten, da kann een net weider déi laang Weeër op d'Aarbecht mat öffentleche Gelder ënnerstëtzen. Also gehéiert eiser Meenung no d'Reglementatioun iwwert d'Frais de déplacement op de Leescht.

Wann ee gär eng Banneverdichtung hätt, da misst eiser Meenung no d'Ëmnotzung vill méi staark gefördert ginn, wéi de Bau op der grénger Wiss, an da misste mer eis Logementssubsiden och deementspriechend ëmänneren. Ech kann lech soen, dass an Däitschland an der Tëschenzäit déi Primen, déi de Stat bäigëtt fir Wunnengskaf, exklusiv op d'Banneverdichtung ausgeriicht ginn. Do kritt een iwwerhaapt keng Hëllef méi, wann een e Bungalow op d'grouss Wiss setzt. Vläicht misste mer och de Courage hunn dat ze maachen.

Wann ee gär déi onbebaute Fläche mobiliséiert, da muss endlech eng Reform vun der Grondsteier kommen, déi de Moment nach ëmmer déi bebaute Fläche méi staark besteiert wéi déi onbebauten. Dat sinn alles finanziell Instrumenter, déi net nëmmen net konform si mam IVL, mä déi esouguer konträr sinn zu där Philosophie. An do waarden ech awer op d'Virschléi vun der Regierung, fir dass endlech do eppes geschitt.

Véierte Punkt, ech ka mech bal selwer net méi héieren, mä: Wéini kënnt dann dee berühmte Fonds régional? Et ass a bleift fir eis ee vun de Schlësselen zur regionaler Entwécklung. Et muss een net onbedéngt e Fonds régional hu fir regional Entwécklung ze maachen. Mä ouni Fonds régional kritt een nach esou bal keng flächendeckend regional Entwécklung. Duerfir schaaft dat Instrument endlech a weist de Gemengen, dass déi, deenen de Paltong emol eng Kéier e bësse méi no ass wéi d'Hiem, belount ginn derfir, an net ëmgedréint, wéi et haut ass.

Fënnefte Punkt, d'Konkretiséiere vum Slogan „A Mënschen investéieren" um Regierungsniveau, um regionalen Niveau. Och mir freeën eis, dass hei e Konsens ze bestoe schéngt, dass mer op alle regionalen Niveauen e Kompetenzteam brauche vun héich qualifizéierte Leit, en vue vun deem wat ech éinescht gesot hunn, dass heiansdo innovativ Konzepter méi brénge wéi deier Infrastrukturen. Da kommt mer maachen am nächste Budget eng gréisser Kreditlinn, a mer ginn deene Regiounen, déi elo schonn esou schaffen, och Kreditter fir déi Leit anzestelle respektiv maache mer en Ureiz fir nei Regiounen, fir dat och ze maachen.

Sechst Iddi: Ech mengen, dass de Stat mam gudde Beispill muss virgoen. Ech hunn nach net vill héiere vun där jorelaang och schonn hei diskutéierter Dezentraliséierung vun Aarbechtsplaze vu staatleche Verwaltungen. Ech mengen, dass mer awer och eis mussen eens ginn, wat mer ënner enger richteger Dezentraliséierung verstinn.

Et mécht kee Sënn mam Pudderdëppchen iwwer Land ze fueren an eng ganz Rei Institutiounen, déi et nëmmen eemol am Land gëtt, iergendwou hinzetesselen. Dat ass an eisen Aen eng falsch verstanen Dezentraliséierung, well domat produzéiert een nach méi Kaméidi. Mä zum Beispill, wann een zwielef oder 15 Lycéeë brauch, fir déi wierklech systematesch iwwer Land ze verdeelen, dat ass fir eis eng wuelverstanen Dezentraliséierung.

A siwent a lescht Iddi, do si mer bei de Strukturen. Ech mengen och, dass mer net elo ëmmer erëm mussen nei Strukturen erfannen, dass mer ëmmer erëm iwwer Gesetzesännerunge mussen diskutéieren. Ech fannen déi Strukturen an dem 99er Gesetz net esou schlecht. Kommt mer kierben déi emol un, a wa mer dann en cours de route feststellen, dass se net grad esou effikass si wéi se si sollten, da maache mer dann Ëmännerungen. Mä ech verstinn net, dass mer ëmmer erëm nei Gesetzer mat neien Iddië vu Strukture maachen, a mer maache keng operationell.

Ech mengen awer, dass ee sech och wierklech muss Gedanke maachen, elo schonn, fir an enger nächster Regierung dat ze maachen, wat den Emile Calmes ugeschwat huet, wou ech seng Meenung deelen. Et ass net méi zäitgeméiss, dass mer e Ministère des Bâtiments publics hunn, deen d'Busspur zeechent, e Ministère des Transports, dee se autoriséiert, an ech weess net wien, dee se och nach muss matdeelen. Et gëtt héich Zäit, dass mer e Verkéiersministère kréien, deen d'Mobilitéit hei am Land organiséiert, an do ënnendrënner Verwaltungen, déi gradesou gutt Stroosse baue wéi Eisebunne wéi Vëlosweeër an esou weider an esou fort. Do si mer nach wäit dervun ewech. Ech mengen et ass elo schonn Zäit, fir sech doriwwer Gedanken ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech widderhuele mech: Den Innenminister soll de Pilgerstaf an de Grapp huelen, fir mat den neie Schäffen- a Gemengeréit ze schwätzen, fir e Pakt mat de Gemengen ze maachen, dës Kéier awer fir den IVL an net dee Pakt am Wunnengsbau. Ech mengen, dat ass fir mech deen éischte Pakt vun deem ech héieren hunn, e Pakt tëschent zwee Partner, wou nëmmen een um Dësch souz. Dat schéngt mer e komesche Pakt ze sinn a schonn zum Scheitere veruerteelt vun Ufank un. Ech mengen hei misst et e Pakt net fir d'Gemengen, mä mat de Gemenge ginn. Mir hunn Erfahrungswäerter an esou enger Démarche, wat LEADER an aner Programmer ubelaangt.

Ech deelen absolut d'Meenung vum Alex Bodry, dee gesot huet: Den IVL ass e politescht Instrument. Da kommt mer maachen och eng politesch Virgehensweis, Här Innenminister, a mer zéien eis net dauernd op formaljuristesch an éischter technokratesch Iwwerleeungen zréck, déi selbstverständlech och musse gefouert ginn, mä do dernieft brauche mer eng politesch Démarche, soss bleiwe mer am Bulli vun den technokrateschen Hürden an de gesetzleche Problemer stiechen.

Ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deelen déi Gréng d'Meenung vun deene meeschte Virriedner, dass u sech d'Grondphilosophie vum IVL richteg ass an dass se eigentlech och méi néideg ass wéi jee. Seng politesch Ëmsetzung däerf net méi weider verzögert ginn, mä muss kommen, an dat aus dräi Ursaachen eiser Meenung no:

Aus ekologeschen Ursaachen, soss riskéiere mer en dramatescht Zréckgoe vun der Liewensqualitéit, mä awer och en immensen Drock op eis natierlech Ressourcen. Aus ekonomeschen Ursaachen: Mir brauche grad an Zäite wéi haut en effikasst Ëmgoe mat den öffentleche Gelder. A schlussendlech, Här President, och aus sozialen Ursaachen, well, Dir Dammen an Dir Hären, an Zäite vu steigende Pëtrolspräisser riskéiert e Lëtzebuerg vun de laange Weeër an enger verschwenderescher Urbaniséierung zu engem soziale Bumerang fir déi méi schwaach Deeler vun eiser Gesellschaft ze ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gira. Dann ass et um honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Virun zwee Joer hate mer am Fong déiselwecht Diskussioun eng Kéier hei an engem Débat iwwert den IVL scho gefouert zum Wunnen, Schaffen an zur Mobilitéit, vernetzt Denken an Handelen. An ech mengen, wann een, haut hunn ech emol eng Kéier nogelies wat mer virun zwee Joer, déi eenzel Spriecher, gemaach hunn, dann huet ee festgestallt, datt am Parlament e gewëssene Konsens bestanen huet iwwert d'Grondausriichtungen, wéi mer an Zukunft eis landesplaneresch Gestaltunge missten organiséieren, an et ass och deemools geschwat gi vun engem Ëmstellen an eisem Denken, an der Politik, an de Verwaltungen, fir dat Ganzt och de Bierger méi no ze brénge.

Et huet also kee Wäert, datt mer haut alles dat erëm eng Kéier rappeléieren, wat mer eis virun zwee Joer gesot hunn, mä mer solle kucken: Wou sti mer? Wat hu mer opzeweisen? A wou sinn d'Knackpunkten, firwat datt mer net richteg virukommen?

Et muss ee wëssen, datt déi Diskussioun hei ëmsou méi schwéier fält, well se, menger Meenung no - an dat ass elo kee Virworf, do si mer alleguer schold drun -, vläicht 20, 30 Joer ze spéit komm ass. Mir hunn am Fong iwwer Jorzéngte queesch duerch d'Land: a Regiounen, a Gemengen, an Dierfer gebaut a geplangt, Industriezonen, Gewerbezonen, Wunnzonen, ouni datt ee gekuckt huet, datt dat vernetztent Denken deemools present war. An haut fanne mer eis awer mat där Ist-Situatioun do erëm a mer wëllen elo e globaalt Konzept doranner brénge, wat awer dann am Konflikt steet mat deem, wat alles scho queesch duerch d'Land realiséiert ass. An dat beweist dann och wéi schwéier d'Diskussioun ass.

Mir mierken dat hei am Parlament, mir mierken dat och an de Kommissiounen, mir mierken dat och an der Spezialkommissioun, wou mer elo schonn e puer Méint amgaange sinn dran ze diskutéieren an ëmmer méi mat an d'Diskussioun erabréngen, an ech fäerten, wat mer ëmmer méi mat an d'Diskussioun erabréngen, wat herno manner erauskënnt, no dem Spréchwuert „Allze vill ass ongesond".

Duerfir hunn ech och do schonn e puermol d'Propos gemaach, ob et net besser wier, datt mer eis vläicht géifen op Punkten, wou mer kéinte méi séier Accordë fannen, an déi och net esou grousser prinzipieller Géigesätzlechkeet entstinn, wéi zum Beispill der Fro vun der Grondsteier, wat awer scho géif en Deel virunhëllefen, wou mer, mengen ech, heibannen eestëmmeg eng Motioun geholl hunn, ob mer do wierklech mussen déi ganz Diskussioun ofwaarden, déi iwwer Jore wäert goen, bis mer mengen, mir kéinten och op esou punktuellen Iddien agéieren?

Prinzipiell misst een och d'Fro stellen, ouni datt ech awer och hei wëll soen, datt ech d'Léisung derfir hunn: Mir soen, mir mussen e Wuesstum hei zu Lëtzebuerg kréie vu 4%, wéi mer deemools um Rentendësch gesot hunn, fir eis Sozialversécherungen ofzesécheren, a wa mer soe 4% Wuesstum, soe mer automatesch esou vill Aarbechtsplaze weider. A wa mer haut hei diskutéieren a mer soen, datt mer esou vill Wunnenge brauchen am Land an do zousätzlech Efforten elo musse gemaach gi queesch duerch d'Land fir neie Wunnengsraum ze schafen, da muss ee sech d'Fro stellen, ob den Här Statsminister, wéi dee virun enger Rei vu Joren hei an der Chamber eng Kéier gesot huet, datt déi Wuesstumsentwécklung an deen Zouwuess, dee mer doduerch kréien, just duerginn, fir dat ze generéiere wat et als Konsequenzen a sech selwer huet.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

A wa mer haut schwätzen, datt mer elo musse während zéng Joer esou vill Wunnraum hei am Land schafen, datt mer mussen esou vill wirtschaftlech Entwécklung kréien, dann ass dat menger Meenung no eng kuerzfristeg Vue, well mir musse jo dann och nach wëssen, wa mer haut op 500.000 zouginn a mer sinn an zéng oder 15 Joer op 600.000, datt domadder net de Problem geléist ass, mä en ass bis dohinner geléist ginn, an datt en doduerch just méi grouss ginn ass, an datt mer dann an zéng Joer soen, ma elo musse mer op 700.000, an dann erëm esou weidergoen, well d'Logik bleift ëmmer déiselwecht.

An d'Fro misst sech am Fong stellen - an dat ass dat wat ech gesot hu wou ech keng Äntwert awer drop hunn -, ob mer net sollten emol d'Alternativ diskutéieren, fir ze mengen emol ze kucken, wa mer net esou géife wuessen, wat dat als Konsequenzen hätt, an ob een net och op deem Niveau kéint d'Konsequenzen zu enger Léisung féieren, fir eventuell net esou engem permanente staarke Wuesstum mussen ausgesat ze sinn.

Dat ass menger Meenung no eng Diskussioun, déi mer sollten eng Kéier de Courage hunn, parteieniwwergräifend ze féieren. Et soll do keen direkt een deem aneren eppes virwerfen, mä ech mengen et ass eng Diskussioun, déi et wichteg ass, fir se ze féieren, well dat hei ass och keng nohalteg Diskussioun, et ass nëmmen eng Léisung à vue, wou awer ëmmer de Problem vu Jorzéngt zu Jorzéngt méi grouss gëtt, an iergendwa ginn eis dach awer eng Kéier natierlech Grenze gesat, wou mer dee Problem net méi an där Logik geléist kréien.

Dat Zweet ass d'Akzeptanz, wann ee wëllt esou eng Diskussioun féieren, queesch duerch d'Land. Do si selbstverständlech eiser Meenung no déi beschten Uspriechpartner d'Gemengen. Et muss een d'Gemengen - an et hu scho Virriedner et hei gesot - méi staark do mat erabezéien, an duerfir muss een de Gemengen awer och eng Rei vu méi prezisen Aussoe maachen.

Wann Der haut mat de Kolleegen an de Gemengen doruechter schwätzt, da kritt ee gesot: Ma si hätte gäre Fusiounen, si huelen eis gären een Deel vun eiser Autonomie ewech. Et gëtt am Fong net an der Iddi vun der Subsidiaritéit diskutéiert. Et gëtt wuel vu Subsidiaritéit geschwat, awer mat dem Resultat, datt duerno d'Gemenge manner ze soe kréien an datt méi um ieweschten Niveau décidéiert gëtt.

An och déi Iddien, elo net direkt IVL, mä déi awer an deem Kontext sinn, wat net direkt a Richtung Fusioune geet, mä vun de Communautéite vu Gemengen, wat zwar menger Meenung no och eng Zwangsfusioun ass, well déi Gemenge kee grousse Choix hunn, wa se mussen dodranner goen a se mussen een Deel vun hiren Attributiounen un déi Communautéit ofginn, dann hu vill Gemengen domadder Problemer a si sécherlech net op fir weider an déi Richtung ze diskutéieren.

Mir wëlle vun eiser Säit aus kloer soen, datt mer duerfir och eis dergéint striewen, datt mer zousätzlech Strukturen hei zu Lëtzebuerg schafen. Mir missten et als e Virdeel ugesinn, datt mer nëmmen zwee Niveauen hunn, Gemengen a Stat, a sollten net drun denken, fir Regioune mat Préfeten a Gott weess wat anzeféieren. A Frankräich géif ganz Lëtzebuerg emol keng Préfecture ginn, mir géifen emol keng Sous-préfecture ginn. Da solle mer net mengen, mir sollte Lëtzebuerg elo nach kategoriséieren a Gruppen an Deelercher maache mat esou klenge Stadthaltere queesch duerch d'Land, fir d'Land ze organiséieren, mä mir sollen op deenen aktuelle Wäerter, dat sinn d'Gemengesyndikater, menger Meenung no weiderfueren.

A wa mer regional Strukture maachen, da solle mer dann eben op regionalem Niveau Syndikater maachen, wou mer Erfahrung hunn, déi och déi Flexibilitéit hunn, déi ee brauch. Well och wa mer aner Strukture maachen, wat mer gesinn, musse mer vun deenen iwwer 80 Syndikater - mengen ech, sinn et, déi mer am Land hunn - de Gros awer nach weider derbäi behalen, aus aneren Ursaachen. Wann een eng Kläranlag baut, da gëtt d'Kläranlag mat deene Gemenge gebaut, wou de Waasserfloss leeft, an dee geet normalerweis biergof, déi an deem Dall leien.

(Interruptions)

Esou gëtt et eng ganz Rei vun Iwwerleeungen, déi einfach ausschlaggebend si fir Syndikater ze maachen, a mir sollten och op deem Niveau bleiwen.

D'Gemengefusioune sollten also fräiwëlleg bleiwen. An et muss een och wësse wat dann eng Gemeng, eng ganz kleng Gemeng nach ze décidéieren huet. Déi misst fir d'éischt een Deel vun hire Pouvoiren ofginn an esou eng Communautéit vu Gemengen, an déi Communautéit misst dann erëm en Deel ofginn a Regiounen. Do gesi mer wéi komplizéiert datt mer et maachen, an datt dann déi klengste Gemeng mengt, si hätt nach eppes doranner ze soen an ze bestëmmen, dat gleeft keen.

An da kënnt och d'Fro do vun dem Finanzéieren. Wa mer vu regionale Strukture schwätzen, da vergiesse mer ëmmer ze soe wéi mer déi finanzéieren. Ech hunn elo de Kolleeg Gira hei héieren. Mat Recht huet e gesot, an och aner Virriedner, datt mer dat musse professionaliséieren, datt Leit och mussen dohinner kommen, an datt de Stat soll d'nächst Joer eventuell scho Kreditter am Budget virgesi fir déi ze finanzéieren. Mir wëssen awer a wat fir enger Situatioun datt mer sinn.

Mir wësse wat de Statsminister virun zwou Wochen hei deklaréiert huet, a mir hunn an der Kommissioun och driwwer diskutéiert, datt am Fong déi Ministèren, déi dat Ganzt hei missten ëmsetzen - dat ass jo eng wahnsinneg Aarbecht, et gesäit ee praktesch net derduerch, mat et puer Leit -, fir d'éischt missten opgestockt ginn, fir déi Leit och ze kréien, fir dat heite kënnen alles ëmzesetzen, a wou mer dunn an der Kommissioun gesot kritt hunn: Jo, mä Dir wësst jo awer, datt vu Regierungssäit quasi e Stop do ass, datt mer näischt do kënne maachen. A gläichzäiteg soe mer dann, wa mer um ieweschten Niveau, deen et fir d'éischt soll organiséieren, keng Leit kréien, mir missten awer scho Kreditter kréien, fir et op regionalem Plang ze maachen.

An duerfir froen ech mech och, an dat ass och eng Saach, déi einfach aus der Diskussioun ausgeschloss gëtt: Mir schwätze vu regionale Strukturen, mä mir schwätzen absolut net doriwwer wéi mer déi regional Strukture finanzéieren. Engersäits wësse mer, datt et fir de Stat wäert schwéier sinn, zousätzlech Sue fräizemaachen, fir se an déi Strukturen ze ginn, an anersäits ass jo awer wahrscheinlech och keng Gemeng dermat bereet, fir datt mer eng Ëmverdeelung ënnert de Gemenge maachen, fir datt eben déi Sue sollten aneschters am Secteur vun de Gemenge verdeelt ginn.

Här President, mir hunn e bësse Problemer mat deene regionale Strukturen, well déi eis net kloer genuch definéiert ginn. Engersäits wat d'Décisiounen, d'Nominatiounen ubelaangt, wie wat wou kann décidéieren, an anersäits och wat d'Finanzéierung vun deene Strukturen ubelaangt. Duerfir hu mir och déi Motioun, déi hei proposéiert ginn ass vun der Kommissioun, net mat ënnerschriwwen.

Mir kënne mat dem Rescht wat an där Motioun steet averstane sinn, mä mir kënnen ons net do, wéi soll ech soen, e Blankoscheck ausstellen, ouni ze wëssen, wat genau domadder hannendru geduecht ass, an duerfir wäerte mer eis och herno beim Vote vun där Motioun do enthalen.

Fir en anere Punkt nach ze weisen, Här President, fir bei de Finanzen ze bleiwen, wat och d'Verdeelung tëschent Stat a Gemengen ass. Wa mer wëssen, datt mer bis haut nach net als Parlament wëssen - wat am Fong traureg ass fir e Parlament -, wéi vill Transfertë vum Stat un d'Gemenge gemaach ginn an deenen eenzelne Ministèren, datt mer eis als Partei, als Parlament emol net trauen,…

Une voix.- Dat weess just de Geheimdéngscht.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, mir musse vläicht de Geheimdéngscht froen.

…, datt mer eis als Parlament emol net trauen, fir zu der Regierung ze soen, mir hätten et gären, mir hätten et gär!

(Interruptions)

Well mir haten eng Kéier viru fënnef Joer eng Motioun hei eraginn, wou mer gesot hunn, mir hätte gären, datt d'Ministere sollten eis all Joer e Rapport annuel maachen, wat an hiren Departementer d'Transfertë vis-à-vis vun de Gemenge sinn, firwat datt déi gaange sinn, a wéi d'Kritäre ware fir déi Subsiden. An déi Motioun war zu eiser Iwwerraschung deemools eestëmmeg ugeholl ginn! A wéi no zwee Joer näischt geschitt war, dunn hu mer geduecht, ma da brénge mer se elo nach eng Kéier eran, fir dat ze rappeléieren, an dunn hunn d'Majoritéitsparteie se ofgelehnt, zwee Joer méi spéit.

A mir hunn och elo dëser Deeg an der Kommissioun doriwwer geschwat, datt een awer erëm eng Kéier sollt déi Diskussioun ulancéieren, an ech hat gesot: Kommt mer setzen dat mat an dës Motioun eran. An och do ass gesot ginn: Neen, dat kënne mer net maachen. Well et ass jo net nëmmen den Intérieur, dee Subsiden un d'Gemenge gëtt, haut vill méi, well d'Waasserwirtschaftsamt elo nach do mat erakomm ass. Et ass den Environnement, et ass d'Kultur, et ass de Sport, et ass d'Famill, et ass d'Jugend, et si praktesch bal all Ministèren, déi Subventiounen un d'Gemeng fir Projetë ginn, a kee weess vun eis vu wat fir engem Ministère wouhin ënner wat fir enge Kritären déi Sue fléissen. Et ass also absolut keng Transparenz doran, wann do quasi refuséiert gëtt fir dat ze maachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Da muss ee sech froen: Wat ass dann eigentlech do ze verstoppen? Wat ass do ze verstoppen, datt e Minister net ka soen: Ech hunn d'lescht Joer deenen an deene Gemenge fir dat an dat deen an dee Subsid ginn? A wann do eppes anscheinend ze verstoppen ass, well soss krite mer et jo, da brauch ee sech och net ze wonneren, datt vill Leit sech Gedanke maachen, wéi et dann an Zukunft soll mat de Finanze goen, wa se nach manner doranner ze soe kréien.

Ofschléissend nach e Wuert, Här President, well ech gesinn, meng Riedezäit leeft esou lues of, iwwert de Plan sectoriel „Transports". Do froe mir eis als ADR, ob déi Iddi, wéi se elo hei propagéiert gëtt, fir an der Stad mam Tram ueweriwwer ze fueren, dann IVL-verträglech ass. Well wa mer regional, national an iwwert d'Grenzen eraus wëllen en Transportkonzept maachen, da schéngt eis déi Iddi fir mam Zuch ënnert der Stad erduerchzefueren déi richteg Léisung ze sinn, wou mer dann…

(Interruption)

Jo, dat muss lech elo net gefalen, deene Gréngen. Ech respektéieren Är Meenung, mä ech soen och eis Meenung. Mir sinn einfach der Iwwerzeegung, datt, wann ee géif mam Zuch ënnert der Stad erduerchfueren, dann hätt een den Transportproblem regional geléist bis an d'Grenzregioun eran. Elo léise mer de Problem doudsécher net. Mir ersetzen elo en Deel vun de Bussen an der Stad duerch en Tram, a wann een emol eng Kéier kuckt, ech hu mer virgëschter emol ugekuckt wat fir eng Trammen, eh Busse vun der Gare an d'Stad eropfueren, déi fueren an all Uertschafte vum Land. Déi fueren also och muer nach.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Dir misst elo esou lues ofschléissen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, ech gesinn. Merci, Här President, datt Der mech dorun erënnert…

(Brouhaha général)

Ech mengen, Här President, am Respekt vun Ärer Remarque ass dat fir mech eng Selbstverständlechkeet.

M. le Président.- Wonnerbar, dann hu mer eis jo verstan.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ass dat fir mech eng Selbstverständlechkeet. Ech wollt just de Saz nach fäerdeg maachen.

M. le Président.- Een, jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Herno fiert den Tram an dertëschent Bussen, an dann hu mer scherlech net de Problem geléist. De Problem géif awer geléist ginn, wa mer d'Léisung géifen huelen, déi den Här Schummer proposéiert huet, fir ënnert der Stad erduerchzefueren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Domat ass d'Debatt ofgeschloss an zum Schluss kritt nach eng Kéier den zoustännege Minister, den Här Jean-Marie Halsdorf, d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Gibéryen huet hei vun engem Konsens geschwat, deen am Joer 2004 heibanne war. Ech ka just feststellen, dass de Mëtteg an der Debatt hei e grousse Konsens war, an dee fënnt een och erëm an där Motioun, wou ech gesinn hunn, dass véier Parteien dës Motioun ënnerschriwwen hunn, a wou ech herno kuerz wollt drop agoen.

Ech wollt awer och kuerz zu deene puer Froen, déi hei gestallt gi sinn, respektiv zu deene puer Interventiounen eppes soen.

Den Här Schank huet gefrot wéi et mat dem Logement wär am Beräich vun dem Pakt, deen den Här Boden als Logementsminister gemaach huet, also wou IVL-Kritäre solle spillen. Do ass et esou, dass mir eis virstellen, dass déi Gemengen, déi IVL-konform sinn, déi also hir Baulücken zoubauen, déi also net ze schnell wuessen, awer richteg wuessen, déi dann och dicht bauen, op d'mannst 25 Unités d'habitation pro Hektar maachen. Dat dierft kee Problem sinn, esou dass mer do, mengen ech, dee Gedanken, dee gefaart gëtt, deen net onbedéngt an dësem Pakt vum IVL ass, dass deen awer an dësem Pakt sech kann erëmfannen.

Ech hat dat jo och a menger éischter Allocutioun hei gesot, dass ech wëll dialogéiere mat der Chamber, mat de Leit, mat der Société civile, mat all deene Leit, déi interesséiert sinn um IVL. Ech mengen, deem hunn ech Ausdrock ginn, wéi ech zesumme mam President a mat deenen anere Membere vun der Chamber gesot hunn, dass ech wéilt an déi sechs Regioune goen, fir de Gemengepäpp an de Gemengemamme matzedeelen, wéi den IVL weiderkënnt a wou d'Problemer sinn.

Dat ass jo och haut de Mëtteg hei ugeklongen, a mir versiche souwisou pragmatesch virzegoen. Déi Iwwerleeungen, déi den Här Bodry notamment gemaach huet, fir am Süden zum Beispill mat elo dräi Ënnerregiounen ze fonctionnéieren, dat mécht Sënn, an et muss een ëmmer kucken, dass de Subsidiaritéitsprinzip spillt.

An duerfir sinn ech net d'accord mat deene Leit, déi hei uewe mengen, mir wëllten diktatoresch vun uewen erof déi ganz Saach ugoen. Mir versichen a gudde Bottom-up an e gudden Top-down ze kréien, an der Mëtt eis erëmzefannen, fir dann do déi néideg Masse-critiquen dans tous les sens du terme bei de Gemengen a bei alle Leit ze fannen, fir gutt Aarbecht hei ze maachen.

Et ass ugeklonge fir de Règlement grand-ducal vun de Regionalpläng hei an der Chamber ze diskutéieren. Ech huelen dëst gären un an ech komme gären heihinner an d'Chamber, fir iwwert dëse Règlement grand-ducal vum Regionalplang hei ze diskutéieren.

Et ass och ugeklonge fir de regionale Verband Pro-Sud iwwert de Plan sectoriel an déi Aarbechte mat anzebannen. Den Här Bodry huet dat ugeschwat. Ech wëll dat och gär, ganz gär mat unhuelen. Ech fannen dat ass eng richteg Approche. Et soll ee mat alle Leit esou vill wéi méiglech vernetze fir dat schwieregt Instrument, ech hunn lech et jo virdru beschriwwen, optimal anzesetzen. Also dëst huelen ech ganz gären un.

Den Här Gira hat e Problem wou hie fonnt huet, dass d'Gemengen zum Beispill bei Lotissementer wéi zu Réiser net genuch den IVL kéinten iergendwéi verstoen oder spieren; loosse mer emol esou soen. D'Gemengen hunn e wichtegt Instrument fir Politik ze maachen, déi IVL-konform ass, dat ass hire PAG. D'Commission d'aménagement gesäit jo da vir, dass déi PAGen, déi gemaach ginn, respektiv déi PAPen, déi gemaach ginn, sech dann och deene Prinzipien ënnerwerfen, esou dass ech dee Problem, deen hien do geschildert huet, net onbedéngt esou akut gesinn. Ech si jo d'accord a gewëllt, an d'Gemengen ze goen, ech soen dat nach eng Kéier, fir dann do ze diskutéieren an eventuell eng Checklëscht opzesetzen, fir an deem Beräich dann do och am Fong geholl eng Politik ze maachen, déi am Interesse vun eise Bierger ass.

Kyoto, dee Lien, mengen ech, hunn ech a menger Ried dräimol gewisen. Dat heescht, mir gesi ganz kloer de Lien mat Kyoto, a mir wäerten dann och versichen, déi Lienen optimal ëmzesetzen.

Dann nach e Wuert zu de Fonds régionaux. Do hutt Dir jo och meng Astellung héieren. Do wëll ech also och gradesou wéi bei de Subsiden eng gewëssen Transparenz kréien; déi läit mer um Häerz. Et ass net ëmmer einfach, well et ass e komplexe Prozess, mä ech menge wann do jiddferee gudde Wëllens ass, da kënne mer do villes maachen.

Nach e puer Wierder dann ofschléissend zur Motioun. Déi Motioun wou d'„stratégies de consultation et d'information informelles" gefuerdert ginn, fir den IVL ze vermëttelen, hunn ech elo grad gesot, wou d'Société civile soll agebonne ginn an och d'Gemengen an d'Regiounen, „préalablement au lancement de la procédure de consultation formelle", dat läit op der Hand, dat muss ee maachen, soss kritt een herno Diskussiounen. Wann een déi méi frëi mécht, da kritt een herno e vill bessert Instrument, dat vill méi no un d'Problemer erukënnt, déi sech stellen.

Da kënnt d'Fro nach eng Kéier vun der „création d'un fonds régional", wou ech jo gesot hunn, dass dat eng Saach ass, déi mer ënnerstëtzen, gradesou wéi de Management an der Regioun. Et muss een zwar do kucke wéi een dat upeekt. Ech hunn do verschidden Iwwerleeungen haut de Mëtten héieren. Déi eng wëllen eng ganz grouss Ouverture fir dee Management ze maachen, anerer hu scho verschidde Virstellungen. Mir sollten eis do zesummen un en Dësch setzen a kucken, wéi mer esou e Management kënnen effikass fir déi eenzel Regioune maachen.

Den „Cadre de Référence Stratégique National", dat ass e ganz komplext Instrument, wou de Wirtschaftsminister federführend ass. Ech gesinn awer kee Problem, dass een eng Kéier domat an d'Chamber kënnt an dass een do heiriwwer diskutéiert, an d'Parlament kënnt an da kuckt wéi een dat Instrument optimiséiert, fir am Lëtzebuerger Land déi finanziell Hëllefen, déi an deem Beräich ufalen, optimal anzesetzen.

Dann eng besser Koordinatioun tëschent de Ministèren, begréissen ech och, an déi ass am Intérêt vun eis alleguerten.

Da gëtt ugeschwat fir all Décisioun, déi strategesch eng national Wichtegkeet huet, mat dem IVL ze verknëppen. Dat ass och eng gutt Iddi am Beräich vum „logement, zones d'activités, préservation des grands ensembles paysagers, infrastructures publiques"; mat zwou Hänn gëtt dat ënnerschriwwen.

A last but not least ass et richteg, dass mer mussen d'Gesetz vun 1999 iwwert d'Landesplanung reforméieren. Do si verschidden Elementer, déi musse mat den Erfahrungen, déi mer an deene leschte

siwe Joer gemaach hunn, gekuckt ginn. Esou dass ech sécherlech déi Motioun hei als e weidere wichtege klenge Schrëtt gesinn, fir am Beräich vum IVL, am Beräich vum Lëtzebuerg-fit-Maache fir déi grouss Erausfuerderungen, déi elo op et zoukommen, et do dann eben an eng Positioun ze bréngen, eng Position de force am Interesse vun eis alleguerten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Motion 1

Mir kommen dann zum Vote vun der Motioun.

Ass de Vote électronique verlaangt?

(Négation)

Vote

Wann dat net de Fall ass, da géif ech froen:

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Also d'Motioun 1 ass majoritär ugeholl, bei 2 Abstentiounen.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.27 heures)

MARDI, 23 MAI 2006

41E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

1. Hommage à la mémoire de M. Roger Linster, ancien Député
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet des critères de promotion appliqués dans le cadre de l'enseignement secondaire et secondaire technique

   (Débat - Motion)
5. Heure de questions au Gouvernement
   - Question N°107 du 23 mai 2006 de Monsieur Marcel Oberweis relative aux primes d'encouragement écologique, adressée au Ministre de l'Environnement
   - Question N°108 du 22 mai 2006 de Monsieur le Député Aly Jaerling relative au Service de protection de la Jeunesse, adressée au Ministre de la Justice
6. 5430 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et le Gouvernement de la République populaire de Chine, d'autre part, relatif aux transports maritimes, fait à Bruxelles, le 6 décembre 2002

   (Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Lucien Lux et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.02 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen ?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Neen, Här President.

1. Hommage à la mémoire de M. Roger Linster, ancien Député

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat déiwem Bedauere muss ech lech matdeelen, datt ee vun eise fréiere Kolleegen, den Här Roger Linster, den 21. Mee am Alter vun 72 Joer verstuerwen ass. Schonn als jonken LSAP-Politiker huet hie sech am stater Gemengerot, an deem hie vun 1964 bis zu senger Démissioun am Joer 1991 mat enger Ënnerbriechung vun e puer Joer siégéiert huet, fir d'Bierger vu senger Gemeng agesat.

An de Reie vun der Sozialistescher Partei huet de Verstuerwenen d'Interesse vum Land hei an der Chamber vun 1984 bis 1989 vertrueden a sech haaptsächlech um Gebitt vun der Erzéiung, der Kultur an der Aussepolitik profiléiert. Eng besonnesch Éier koum him zudeel, wou hien 1987 zum Vizepresident vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot gewielt gouf.

Et wier awer onméiglech e Portrait vum Roger Linster ze maachen ouni säin Asaz ervirzesträiche fir déi Leit an eiser Gesellschaft, deenen et manner gutt geet, an dat souwuel op séileschem wéi op kierperlechem Plang. Net vun ongeféier war hien Direkter vun der Éducation différenciée, fir där hir Schafung hie mat Leif a Séil gewiirkt huet. Och an der Welt vun der Kultur huet hie sech als President vum Théâtre du Centaure en Numm gemaach.

Senger Fra a senger Famill wëll ech am Numm vun eis alleguerten eist déifste Matleed ausspriechen an hinne versécheren, datt mir hien a beschter Erënnerung behalen.

Mir wëllen elo opstoen, fir ee Moment am Stëllen un dee Verstuerwenen ze gedenken.

(Minute de silence)

Ech soen lech Merci.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1. **5576** - Projet de loi permettant aux Luxembourgeois nés à l'étranger de conserver la qualité de Luxembourgeois et abrogeant les articles 25,8° et 46 de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 17.05.2006

2. **5577**- Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et la Confédération suisse relatif à la réadmission des personnes en situation irrégulière et du Protocole d'application, signés à Berne, le 12 décembre 2003

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 19.05.2006

3. **5578** - Projet de loi portant approbation des Accords entre l'Union économique belgo-luxembourgeoise et certains pays tiers concernant l'encouragement et la protection réciproques des investissements

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 19.05.2006

4. **5579** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la surveillance du commerce des précurseurs de drogues et déterminant les modalités d'application et sanctions des dispositions: 1. du règlement (CE) N°273/2004 du Parlement européen et du Conseil du 11 février 2004 relatif aux précurseurs de drogues; 2. du règlement (CE) N°111/2005 du Conseil du 22 décembre 2004 fixant des règles pour la surveillance du commerce des précurseurs des drogues entre la Communauté et les pays tiers; 3. du règlement (CE) N°1277/2005 de la Commission du 27 juillet 2005 établissant les modalités d'application du règlement (CE) N°273/2004 du Parlement européen et du Conseil relatif aux précurseurs de drogues et du règlement (CE) N°111/2005 du Conseil fixant des règles pour la surveillance du commerce des précurseurs des drogues entre la Communauté et les pays tiers

Dépôt: Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, le 22.05.2006.

3) Par lettre du 11 mai 2006 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 3 au 6 avril 2006:

- résolution sur le rapport spécial du médiateur européen faisant suite au projet de recommandation adressé au Conseil de l'Union européenne dans la plainte 2395/2003/GG concernant la publicité des réunions du Conseil lorsqu'il agit en qualité de législateur,

- résolution contenant des recommandations à la Commission sur l'accès aux documents des institutions,

- résolution sur l'évaluation du cycle de Doha à la suite de la Conférence ministérielle de l'OMC à Hong Kong,

- résolution sur la situation de l'économie européenne: rapport préparatoire sur les grande orientations des politiques économiques pour 2006,

- résolution sur le régime transitoire qui restreint la libre circulation des travailleurs sur les marchés du travail de l'UE,

- résolution sur le rapport spécial du Médiateur européen faisant suite à une plainte contre les Écoles européennes,

- résolution sur la situation des camps de réfugiés à Malte,

- résolution sur la situation au Belarus après les élections présidentielles du 19 mars 2006,

- résolution sur les travaux de l'Assemblée parlementaire paritaire ACP-UE en 2005,

- résolution sur Ayman Nour.

Par lettre du 15 mai 2006 il lui a fait parvenir le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 26 au 27 avril 2006:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion, au nom de la Communauté européenne, de la convention relative au renforcement de la Commission interaméricaine du thon tropical établie par la convention de 1949 entre les États-Unis d'Amérique et la République du Costa Rica,

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de la Convention de l'UNESCO sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles,

- résolution sur un partenariat renforcé entre l'Union européenne et l'Amérique latine,

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord sous forme d'échange de lettres relatif aux amendements modifiant le protocole fixant les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord de coopération en matière de pêches maritimes entre la Communauté européenne et la République islamique de Mauritanie pour la période allant du 1er août 2001 au 31 juillet 2006,

- résolution sur la sécurité routière: le système «eCall» pour tous,

- résolution sur la promotion du multilinguisme et l'apprentissage des langues dans l'Union européenne: l'indicateur européen des compétences linguistiques.

3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes virgeschloen: Fir d'éischt hu mer eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der DP-Fraktioun iwwert d'Promotiounskritären am Secondaire an am Secondaire technique, duerno eng Froestonn un d'Regierung a schliesslech de Projet de loi 5430, en Ofkommes tëscht der Europäescher Unioun an der Volleksrepublik China iwwert den Transport maritime.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen? Den Här Bausch freet d'Wuert zum Ordre du jour. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert lech wuel gewonnert hunn, datt nëmmen zwou Froen do sinn, an datt zum Beispill vun der Oppositioun quasiment keng do ass, respektiv eng vun deenen zwou nëmmen do ass.

Mir hunn op alle Fall décidéiert, fir haut bewosst keng Fro ze stellen, well mer net méi wëlles hunn déi Farce vu Froestonn hei nach laang matzemaachen, an zwar déi dora besteet, datt am Prinzip an eisem Reglement hei steet, datt all Dënschdeg am Mount eng Froestonn virgesinn ass, dat och an auslännesche Parlamenter zum Beispill a Frankräich sou ass, vu wou mer dat jo deemools ofgekuckt haten, an och iwwert dee Wee agefouert hunn, an eis dorunner inspiréiert hunn, well et ganz gutt fonctionnéiert, well do souguer ëmmer d'ganz Regierung au complet ass.

Mir wären emol net esou kéng, fir ze verlaangen, datt déi ganz Regierung misst ëmmer au grand complet sinn, mä ech muss awer soen, et ass e trauregt Spill, wat mer hei elo matmaachen zënter Méint. Well, mir hu jo elo keng Présidence méi, esouwäit ech mech erënneren, déi ass jo scho laang eriwwer; de Referendum ass och eriwwer; d'Tripartite ass och eriwwer, an awer si vun deene 15 Regierungsmemberen der nëmme sechs disponibel gewiescht, fir haut an d'öffentlech Sitzung ze kommen.

(Interruption)

Mä et sinn nëmmen zwou Froe gestallt ginn, Madame Flesch, duerfir sinn natierlech nëmmen déi zwee komm, déi d'Fro och gestallt kritt hunn, dat kann ech jo nach novollzéien am Virfeld.

Mä, ech mengen, Här President, esou kann et net méi weidergoen. Déi Froestonn hei mécht kee Sënn méi an deem Kontext, well déi Froestonn ass jo an deem Sënn geduecht, datt d'Froe sollen d'actualité sinn, datt mer solle kuerz Froe stellen, déi e generellen Aktualitéitshannergrond hunn. Wann awer natierlech de Gros vun der Regierung net hei ass, ass et ganz schwiereg, fir dann dat Instrument vum Reglement auszenotzen.

Mä et ass net domadder gedinn, Här President, mir hunn es souwisou och genuch insgesamt, wat d'Froen ubelaangt. Ech wëll lech just drop hiweisen, datt meng Fraktioun de Moment siwe Froen nach opstoen huet, déi iwwert dem Délai sinn. Dat betrëfft déi ënnerschiddlechst Ministeren. Deen, deen hei elo sëtzt, ass zwar net betraff, mä et sinn der awer eng ganz Rei, déi betraff sinn. Och do muss ee soen, dat huet eng Allure ugeholl, datt d'Froe laang iwwert d'Délaië beäntwert ginn, déi mer net méi kënnen akzeptéieren - mol ofgesinn dovunner, datt bei ganz vill Froe beständig gefrot gëtt, fir d'Délaië verlängert ze kréien.

Ech mengen, esou kënne mer net méi hei weiderschaffen. Esou wëlle mir och net méi hei schaffen, a wann ech haut de Mëtteg nach méi frëndlech a méi fei sinn, da wäert